


A low-angle photograph of a cherry blossom tree with white flowers and dark branches against a clear blue sky. The tree's trunk and main branches are prominent, with many smaller branches and blossoms filling the upper and side portions of the frame.

INFO BLAT

°01 21

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 13. JANUAR 2021

Conseil communal du 28 avril 2021

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 28 AVRIL 2021

A⁻ A⁺ Q

Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)

Robert Mangen (échevin, CSV)

Laura Pregno (échevine, déi gréng)

Guy Altmeisch (LSAP)

Fred Bertinelli (LSAP)

Paulo De Sousa (déi gréng)

Jerry Hartung (CSV)

Pierre Hobscheit (LSAP)

Georges Liesch (déi gréng)

Fränz Meisch (DP)

Erny Muller (LSAP)

Ali Ruckert (KPL)

Christiane Saeul (DP)

Fränz Schwachtgen (déi gréng)

Guy Tempels (CSV)

Eric Weirich (déi Lénk)

Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{01 21}

COMPTE-RENDU DU 13 JANVIER 2021

3-48

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 01/2021, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 13 JANVIER 2021

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Pierre Hobscheit (LSAP)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	Georges Liesch (déi gréng)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)	François Meisch (DP)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),	Ali Ruckert (KPL)
Guy Altmeisch (LSAP)	Christiane Saeul (DP)
Fred Bertinelli (LSAP)	Guy Tempels (CSV)
Paulo De Sousa (déi gréng)	Éric Weirich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)	Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Fränz Schwachtgen (déi gréng)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. Désignation du lieu de réunion des séances du conseil communal.
2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Premier discours d'un conseiller communal.
4. Nouveau tableau de préséance du conseil communal.
5. Projets communaux:
 - a. Réaménagement d'un parking public sur le plateau du Funiculaire — plan et devis, article budgétaire 4/623/221313/21010;
 - b. Cimetière d'Oberkorn — aménagement vestiaires, w.c. publics et chaudière — plan et devis, article budgétaire 4/626/221313/19013;
 - c. Réfection terrains multisports aux sites scolaires Fousbann et Woiwer — décompte, article budgétaire 4/910/221312/17023.
6. Enseignement fondamental – organisation scolaire : plans de surveillance et adaptations au niveau des secteurs scolaires.
7. Projets de plan d'action de lutte contre le bruit dans l'environnement – avis communal.
8. Actes et conventions :
 - a. Acte notarié pour l'acquisition d'une parcelle de 7,90 a au lieudit rue Michel-Mosinger à Oberkorn;
 - b. Acte notarié de cession gratuite de deux parcelles d'une superficie totale de 0,28 a au lieudit rue Prommenschenkel à Oberkorn;
 - c. Acte notarié portant sur une convention de concession d'un droit de superficie dans la rue des Artisans à Niederkorn;
 - d. Premier avenant au contrat du 27 novembre 2019 avec l'État visant location d'un bâtiment modulaire sur le futur emplacement du kiss & go du campus scolaire de l'EIDE;
 - e. Contrats de bail de la brasserie, d'espaces de création et avenant au 1535° Creative Hub;
 - f. Avenant à la convention conclue le 25 juin 2020 avec l'État pour le centre culturel Aalt Stadhaus;
 - g. Contrat de fourniture de la chaleur avec Luxenergie pour le campus scolaire Woiwer.
9. Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.
10. Syndicats intercommunaux : désignation d'un nouveau délégué au sein du SES.
11. Changements au sein des commissions consultatives.
12. Motion du LSAP concernant le projet Miwwelchen.
13. Questions.

1. Lieu de la séance / 2. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

souhaite une bonne année et une bonne santé aux conseillers communaux.

Elle passe à la désignation du lieu de réunion du conseil communal.

Les séances se dérouleront au Hall O jusqu'au 15 juillet 2021.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch explique qu'il s'agit d'une mesure de prévention parce que personne ne sait comment la situation va évoluer.

Elle salue monsieur Weirich, qui remplace monsieur Diderich pour déi Lénk. Elle excuse ensuite monsieur Schwachtgen, qui est malade. Il a donné procuration à madame Wohl.

Le conseil communal a approuvé le règlement des terrasses en décembre. Le collègue échevinal propose de ne pas prélever la taxe cette année. En effet, les cafetiers sont le plus touchés par la pandémie.

Le LSAP a introduit une motion, dont il sera question à la fin de la séance.

Monsieur Meisch posera une question tout à l'heure.

Christiane Brassel-Rausch passe à une communication commune avec la commune de Sanem concernant le permis de construire du crassier Ale Weier. Le 13 décembre 2017, les communes avaient introduit une opposition formelle. Le remblai technique doit être aménagé sur trois décharges existantes. Le remblai sera rempli avec les gravats provenant du chantier du CHEM.

Les deux décharges portant ce remblai se trouvent en procédure EIE. L'EIE, l'évaluation des incidences sur l'environnement, a pour objectif d'évaluer les incidences environnementales d'un projet. Elle permet d'appliquer le principe de précaution. L'EIE est encadrée par une directive européenne de 1985 modifiée à plusieurs reprises. La directive est transposée en législation nationale par la loi du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Gudde Moien. Ier mer ufänken, wollt ech Iech vill Gléck am neie Joer wënschen. All Gutts. An natierlech – wéi kann et aneschtens sinn – eng gutt Gesondheet. An e flott Zesummeschaffen hei, am Sënn vun der Gemeng. Dat ass dat, wat ech mir wënschen.

Da géif ech zum éischte Punkt kommen, Désignation du lieu de réunion. Ech wollt froen, ob Der averstane sidd, de Gemengerot weiderhin, bis de 15. Juli 2021 elo mol, hei am Hall O ofzehalen. Sidd Der domadder averstannen?

Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner comme lieu de réunion des séances du conseil communal jusqu'au 15 juillet 2021 inclus le hall polyvalent Hallo O à Oberkorn.

Ech soen Iech villmools Merci. Dat ass elo einfach preventiv. Wéi d'Saach sech entwéckelt, weess keen. Et huet keen eng Glaskugel. Esou brauche mer net all Kéiers frësch unzefänken, wa mer hei tagen.

Da wollt ech als Alleréischte eisen neie Member wëllkomm heeschen, den Här Eric Weirich vun déi Lénk, deen den Här Gary Diderich ersetzt hei am Conseil. Häerzlech wëllkomm. An ech wëilt och den Här Frenz Schwachtgen entschëllegen, deen haut net ka bei eis sinn aus gesondheetleche Grënn. Hien huet der Madamm Nicole Wohl d'Procuration ginn. D'Madamm Nicole Wohl stëmmt dann am Numm vum Här Frenz Schwachtgen of.

D'Terrassereglement hate mer jo gestëmmt am Dezember. Mir wollten Iech virschloen, am Fong misst et duerch de Gemengerot goen, mee ech denken, dass Der domat averstane sidd, fir de Cafetieren dëst Joer d'Tax ze erloossen. Einfach als Geste commercial. Dat sinn déi, déi am meeschte beträff sinn. Dat heescht déi Tax, déi se all Joer musse bezuelen, bräichte se elo fir 2021 net ze bezuelen. Ech hoffen, dass dat am Sënn vum ganze Gemengerot ass.

Da soen ech Iech villmools Merci dofir.

Mir hunn eng Motioun vun der LSAP erakritt. Déi wäerte mer um Schluss vun der Séance publique huelen. Ech profitéieren: Sinn aner Froen um Programm? Den Här Meisch huet eng Fro. Dann huele mer déi och um Schluss vun der Séance publique.

Da fueren ech weider mat menge Kommunikatiounen. Déi éischt Kommunikatioun ass, dass elo mol an dësem Stade eng Informatioun gemeinsam mat der Gemeng Suessem ausgeschafft gëtt, dat heescht mat der Madamm Simone Asselborn-Bintz. Et betrëfft eng Bauge-neemegung vum Remblai technique Ale Weier, de Crassier Déifferdeng-Suessem.

Mir hate jo do eng Opposition formelle gemaach, den 13. Dezember 2017. Awer, dee Remblai, deen elo eng Bauge-neemegung säitens deenen zwou Gemenge brauch, gëtt op dräi existent Deponiekierper drop gebaut. Virun allem op zwou Deponien, wat d'Fläch ubelaangt. En ass deklaréiert als Remblai technique. Deen duerno soll déi eigentlech Bauschuttdeponie droen. Et kéint ee sech dat wéi en Ouvrage technique virstellen. De Remblai selwer gëtt mam Bauschutt opgebaut respektiv ausgefëllt, dee virun allem vum Chantier CHEM kënnt a wou onbedéngt eng Plaz dofir gebraucht gëtt.

Déi zwou Deponien, déi dëse Remblai technique droen, sinn an enger sougenannter EIE-Prozedur. Ech liesen Iech ganz kuerz vir, wat eng EIE-Prozedur ass, fir dass jiddweree weess, ëm wat et geet: „Qu'est-ce qu'une EIE ? L'évaluation des incidences sur l'environnement (EIE) a pour objectif d'identifier, de décrire et d'évaluer de manière transparente et objective les incidences environnementales notables d'un projet à un stade précoce de sa planification. L'EIE est un instrument de premier choix pour appliquer le principe de précaution en matière environnementale.

L'EIE est cadrée par une directive européenne datant de 1985 et modifiée à plusieurs reprises. La directive est transposée en législation nationale par la loi du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement.

2. Communications

L'EIE constitue une démarche d'évaluation harmonisée au niveau de l'Union européenne qui comprend e.a.: l'élaboration, par le maître d'ouvrage, d'un rapport d'évaluation des incidences sur l'environnement, l'examen des informations présentées dans le rapport d'évaluation par l'autorité compétente, l'information et la participation du public, la rédaction d'une conclusion motivée de l'autorité compétente.“

Dat heescht, sou eng EIE ass jo op deem Crassier. Just, dass Der wësst, wann ech dovunner schwätzen, wat et ass. Also déi zwou Deponien, déi dëse Remblai technique droen, sinn an enger sougenannter EIE-Prozedur. Do sollen dann d'Froen an d'Bedenke formuléiert ginn, déi an d'Autorisatiounsverfahre matagebonne kënnen ginn.

Dës Prozedur hat 2017 mat engem Scoping ugefaangen. Et ass net bekannt, wéini se fäerdeg ass. De Schätzungen no soll se an zwee Joer ofgeschloss sinn. Déi zwou Gemengen hunn hir Froen am Kader vun dëser EIE schonn agreecht. Mir haten an hunn nach deelweis Bedenken, wat d'Dicht vum natierlechen Ënnergrond ubelaangt, well mer Waasseranalyse kritt hunn, déi zwar méi al sinn, mee déi Froen opgeworf hunn.

Duerch eis gestallte Froen a Bedenken am Kader vun der EIE, hu mir bewierkt, dass mer iwwer en zousätzlechen Arrêté Garantië kritt hunn, dass dat oflafend Waasser aus den Deponiekierper ëmmer muss accessibel sinn, fir kënnen Ëmweltparameteren ze analyséieren. Dëst ass am Kommodo ageschriwwen a wäert och eiser Baugeneemegung bäigeluecht ginn. Dës Baugeneemegung, déi elo an deenen nächsten Deeg wäert erausgoen, befaasst sech also just mat deem Remblai technique, deen elo mat deem onproblematesche Bauschutt virun allem vum CHEM realiséiert gëtt.

Mir hunn awer nach weiderhi Bedenken, wat déi al Deponien ugeet, déi nach ëmmer do sinn, a wou kee weess, wat genau do entsuergt ginn ass. Besonnesch wat d'Grundwaasser an eng eventuell Sanéierung ugeet. An deem Sënn haten déi zwou Gemengen, Déifferdeng a Bieles/Suessem, eng Opposition formelle an de respektive Gemengeréit gestëmmt. Suessem war dat den

2. März 2018. Déifferdeng den 13. Dezember 2017. An dorunner hale mer och nach ëmmer fest.

Dat als klengen Historique. En Dossier, un deem eis Virgänger scho vill druschafft hunn.

Mir sinn also mat enger Situatioun konfrontéiert, wou et am Land enkëtt, fir de Bauschutt lasszeginn. An zwar ass et esou urgent, datt mer risquéieren, wichteg Bauprojeten, wéi eeben de Bau vum Escher Spidol, ze verzögeren.

Mir hunn eis intensiv mat dësem Sujet déi lescht Woche befaasst an och en Avis juridique ugefrot, wat eis Aufgab als Gemeng ass a wéi mer dës Baugeneemegung kënnen erausginn. Dësen Avis juridique, wéi och e Rapport technique vun der leschter Reunioun, déi eis Servicer zesumme mat der Ëmweltverwaltung haten, wäert Dir als Gemengerot an engem ficeléierten Dossier kréien, wa mir Iech hei am Gemengerot eng Konventioun mat der Firma Cloos, dem Bedreiwer vum Remblai technique, virleeë wäerten. Dës Konventioun ass amgaang ausgeschafft ze ginn. Wou et dann och ëm finanziell Kompensatioun geet, wéi dat bis elo ëmmer de Fall war.

Et ass béide Gemenge wichteg, datt mer alles schréftlech festhalen an och esou transparent behandle wéi nëmme méiglech.

De Kommodo, dee gemaach gouf, ass als „non substantiel“ klasséiert ginn. D'Kompetenze leien do eleng bei der Ëmweltverwaltung. Mir hunn dës Baudemande mat eise Servicer no eisem Bautereglement analyséiert. Béid PAGE vun deenen zwou Gemengen erlaben esou e Bau. A mir si gehalen, dës Baugeneemegung dann och ausstellen.

Eis Opposition formelle bleift awer erhalen, bis d'Froen am Kader vun der EIE gekläert wäerte sinn. Dat ass e feste Bestanddeel vun der Geneemegungsprozedur fir d'Bauschuttdeponie, déi dann nach usteet an op dëse Remblai technique getippt wäert ginn.

Mir sinn eis och bewosst, dass eventuell Verkéiersproblemer kënnen entstoën. A mir wäerten och déi als déi zwou Gemengen zesumme probéieren ze léisen.

L'EIE est harmonisée au niveau de l'Union européenne qui comprend l'élaboration d'un rapport d'évaluation, l'examen des informations présentées, l'information et la participation du public, la rédaction d'une conclusion motivée de l'autorité compétente, etc.

Christiane Brassel-Rausch répète que les deux décharges portant le remblai technique se trouvent dans une procédure EIE dans le cadre de laquelle des questions et des réserves peuvent être formulées.

Cette procédure a commencé en 2017 avec le scoping. Les deux communes ont envoyé leurs questions. La perméabilité du sol pose problème sur la base d'une analyse de l'eau effectuée il y a quelque temps. Les communes ont obtenu la garantie que l'eau provenant des décharges doit rester accessible pour pouvoir analyser les paramètres environnementaux.

Christiane Brassel-Rausch formule ses inquiétudes concernant les anciennes décharges. On ne sait pas exactement ce qui y a été déversé. Le 13 décembre 2017 et le 2 mars 2018, Sanem et Differdange ont approuvé une nouvelle opposition formelle à ce sujet.

Voilà pour l'historique.

Actuellement, le pays a des difficultés à se débarrasser de ses gravats. Cela pourrait même entraîner des retards dans des projets aussi importants que la construction du nouvel hôpital à Esch. Le collègue échevinal a demandé un avis juridique au cours des dernières semaines. Les conseillers communaux recevront cet avis ainsi qu'un rapport de la dernière réunion avec l'Administration de l'environnement lors de la présentation de la convention avec Cloos. La convention prévoira notamment des compensations financières.

Pour les deux communes, il est important de tout retenir par écrit.

Le commodo réalisé a été classé comme non substantiel. L'Administration de l'environnement est compétente en la matière. Les PAG des deux communes permettent la réalisation du projet. Elles doivent donc délivrer un permis de construire.

L'opposition formelle est préservée dans le cadre de l'EIE.

2. Communications

Le collège échevinal est conscient des éventuels problèmes de circulation. Les communes essayeront de les résoudre ensemble.

Les communes sont libres de traiter ce dossier au sein des commissions comme elles l'entendent.

Christiane Brassel-Rausch annonce ensuite que l'appel à candidatures pour les appartements de Gravity doit être annulé. Les nouvelles candidatures pourront être soumises du 15 janvier au 26 février. Une erreur est survenue dans le calcul des prix, qui comprenaient le prix du terrain.

Quand on travaille, on peut faire des erreurs. Le service du logement est tout nouveau. Christiane Brassel-Rausch est contente que l'erreur puisse être corrigée rapidement. Le prix des appartements va baisser de manière substantielle. Deux commissions traitent le dossier.

Les prix seront calculés une nouvelle fois avec une TVA de 3 % et de 17 %. Ensuite, la commune retranchera le subside de l'État.

La commune a reçu de nombreuses demandes avec prime de construction. Le subside de l'État à hauteur de 2 145 000 € sera versé si la commune accepte plus de demandes avec une prime de construction. C'est pourquoi la commune privilégiera ces demandes.

Personne n'a voulu acheter les quatre appartements pour seniors. Si lors du deuxième appel personne ne remet de candidatures, ils seront accordés aux jeunes. Les demandes de célibataires ou de familles monoparentales sont nombreuses. Les appartements destinés aux seniors disposent de deux chambres à coucher.

La vente aux enchères des quatre appartements de 126 m² et de 195 m² sera annoncée dans les journaux les 6 et 13 février. Les offres pourront être soumises jusqu'au 26 mars. L'ouverture des enveloppes aura lieu le 31 mars à 15 h. Les offres doivent être envoyées au notaire Schuman par lettre recommandée avec un accusé de réception. Un prix minimum a été fixé.

Heimat wollt ech Iech kuerz e puer Fakten erläuteren, déi eis wichteg sinn, fir méi Kloeerheet an dëse komplexen Dossier ze kréien. Wéi d'Gemengen dësen Dossier an den zoustännegen Kommissiounen behandelen, bleift hinnen iwwerlooss. D'Madamm Simone Asselborn-Bintz wäert déi nämmlechte Kommunikatioun an hirem Gemengerot e Freideg zu Bieles maachen.

Da kommen ech zu der leschter Kommunikatioun. Do hunn ech Iech matzedelen, dass mer den Appel à candidature vun den Appartermenter vum Gravity mussen annuléieren an nei ausschreiwen. Dat wäert geschéien ab dem 15. Januar. Dat heescht, dës Woch geet dat un. Déi nei Ausschreibung leeft vum 15. Januar bis de 26. Februar. Dat, aus deem Grond, well falsch Präisser kommunikiert gi sinn. Do ass e Feeler geschitt. Dat heescht, an deem Präis, deen ausgeschriwwen war, war de Präis vum Terrain mat dran.

Elo soen ech: „Wo gehobelt wird, da fallen Späne.“ Et ass en neie Service, dee mer hunn. Den Terrain gouf mat an de Präis verrechent. Ech si frou, dass mer et elo gemierkt hunn, soudass mer déi Ausschreibung annuléiere kënnen an eng nei Ausschreibung maachen. Déi ass dann am Sënn vun de Propriétaire vun deenen Appartermenter, well de Präis geet substanzieel erof.

Dat wollt ech Iech matzedelen. Dat geet och nach an déi zwou Kommissiounen, déi involvéiert sinn. Da wësst Der Bescheid.

D'Präisser ginn elo ausgeschriwwen, eng Kéier mat 3 %, eng Kéier mat 17 %. An da gëtt doropshin de Subsid, dee mer vum Staat kréien, ofgerechent.

Wat nach wichteg ass: Mir hu matkritt, dass méi Demanden erakomm si mat der Aide à la pierre oder mat der Prime de construction. Mir sinn dovunner ausgaangen, dass dee Subsid vun 2.145.000 Euro, dee mer vum Ministère kritt hunn, e Plaffong wier, dee mer géife kréien. Et ass awer esou, dass mer dee Subsid kréien, wa mer méi Wunnengen huele mat der Prime à la construction.

Dat heescht, d'Praxis huet eis gewisen, dass d'Demande vun der Prime à la construction méi grouss ass wéi déi

16 Wunnengen, déi mir elo do ausstellt hunn. Soudass mer op de Wee ginn – also et geet jo nach ëmmer mat deene véier Dëppen, also selon les revenus, wéi mer dat alles hei erkläert hunn. Dat heescht, dass mer héchstwahrscheinlech op de Wee ginn, dass mer allegueren déi, déi Droit à la prime à la construction hunn, virrangeg behandelen. Duerno géifen déi Seniorewunnengen kommen. An da gëtt erëm alles an en Dëppe gehäit an da fänke mer erëm un nei ze sortéieren.

Dat heescht, mat grousser Wahrscheinlechkeet, wéi d'Praxis et elo gewisen huet, wäerte mer méi wéi 16 Wunnengen mat der Prime à la construction kréien.

An ech wollt Iech och soen, déi véier Wunnengen fir Leit iwwer 60 Joer, déi sinn net gefrot gi fir de Verkaf. Ech wëll Iech matzedelen, wa mer elo am zweeten Appell erëm keng Demande kréien, fir déi Wunnengen ze verkafen, fir Leit iwwer 60 Joer, dass déi automatesch un déi Jonk ginn. Well et si vill Demandé vu Celibatairen oder Monoparentallen. Déi hu jo just Recht op zwee Zëmmeren. An déi Wunnengen fir Leit 60+, déi hu jo och zwee Zëmmeren. Dat heescht, dat hätte mer dann och riichtgebéit oder gutt gebéit am Sënn vun de Besoine vun de Leit, vun der Demande.

An dat anert wëll ech Iech nach soen: D'Stee vun deene véier Wunnengen uewen, wou et ëm 126 m² respektiv ëm 195 m² geet, déi gëtt de 6. an den 13. Februar an der Zeitung annoncéiert.

Dat ass d'Stee beim Nottär. Mat enger Date limite vun der Reprise d'offre bis de 26. Mäerz. An d'Ouverture vun der Enveloppe vun der Stee wäert den 31. Mäerz um 15 Auer sinn.

D'Offeren, déi sollen un den Nottär Schuman geschéckt ginn, par lettre recommandée mat Accusé de réception. An de Prix minimum, dee fixéiert gëtt, deen hunn ech gëschter leider net kritt. Mee dat ass den Akafspräis, minimum, ouni den Terrain. Well dat jo och an der Emphytéose ass.

Gëtt et dozou Froen?

Madamm Saeul, wannechgelift.

2. Communications

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Net méi spéit wéi gëschter hunn ech en Telefon kritt: „Super. Ech kréien eng Wunneng. Meng Demande ass ugeholl. Ech war beim Här Ricciardelli. An ech hunn d'Wunneng zougesot kritt, an d'nächst Woch ënnerschreiw mer de Compromis“. Dat ass awer elo komesch.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

D'Leit si mëttlerweil informéiert. Déi Informatiounen, déi si vu gëschter Mëttten. D'Leit si mëttlerweil informéiert. Si kréien och e Bréif. Dee Bréif ass schonn eraus, dass eng nei Ausschreiwung muss gemaach ginn.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Dat heescht, si verléieren hiert Recht erëm, fir dat, wou se elo geruff gi sinn?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass annulléiert. Mee si kënnen hir Demande erëm nei eraginn.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ojee.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Si mussen hir Demanden erëm nei eraginn. An déi Piëcen, déi mer hunn, déi nach gëlteg sinn – ech mengen, et ass den Accord bancaire, dee se mussen nei froen. Soss, fir déi Leit, déi elo schonn eng Demande gemaach hunn, déi brauchen elo net méi – ech denken, dass et just den ...

(Ënnerbriechung)

Dat hänkt vum Datum of. Jo.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Okay. Soll ech där Damm da soen – well där Demandë wäerte jo elo nach méi u mech vläicht gestallt ginn –, dass se misst elo mol am Diffmag kucken, dass se erëm eng ganz nei Demande muss maachen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Eng ganz nei Demande. Jo.

(Ënnerbriechung)

Mee si soll dem Här Ricciardelli urufen.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Okay.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et gëtt op deenen nämmlechte Sitte publizéiert wéi virun: Facebook, eise Site, am L'essentiel, am Diffmag. Mir haten et jo och op de Busse stoen. Ob dat nach méiglech ass, wësse mer net. Well dat jo programméiert ass, deenen hir Reklammen. A well et elo esou kuerzfristeg ass, weess ech net, ob mer et nach hannen eng Kéier op den Diffbus kréien. Dat ass déi eenzeg Fro ...

(Ënnerbriechung)

Den Här Bertinelli huet eng Fro.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn eng Fro zu der Stee. Déi Stee ass jo beim Nottär. Kann een do ëmmer nëmmen een Appartement steeën oder kann een der méi steeën?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Nee, een.

CHRISTIANE SAEUL (DP) raconte que quelqu'un lui a téléphoné hier pour lui dire qu'elle avait été choisie pour obtenir un des appartements. Monsieur Ricciardelli le lui avait confirmé. Le compromis devait être signé la semaine prochaine. C'est étonnant.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que ces personnes ont été informées du problème entretemps. Elles recevront aussi une lettre.

CHRISTIANE SAEUL (DP) suppose qu'elles n'auront pas droit à un appartement.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répète que l'appel à candidatures a été annulé. Les candidats pourront déposer une nouvelle candidature. En revanche, à l'exception de l'accord bancaire, les pièces soumises restent valables.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch confirme que cela dépend de la date.

CHRISTIANE SAEUL (DP) propose de dire à la dame qui lui a posé la question de lire le DIFFMAG, car elle devra remettre une deuxième demande.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que oui.

(Interruption)

La bourgmestre ajoute qu'elle ferait bien d'appeler monsieur Ricciardelli.

Les informations seront communiquées sur Facebook, le site de la commune, L'essentiel et le DIFFMAG. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas si des affiches seront collées sur les bus à cause du manque de temps.

(Interruption)

FRED BERTINELLI (LSAP) a une question concernant la vente aux enchères. Peut-on faire une offre pour plusieurs appartements?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que non.

(Interruption de M. Bertinelli)

2. Communications / 3. Premier discours

Christiane Brassel-Rausch rappelle que l'acquéreur devra vivre dans son appartement.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch répète que vivre dans l'appartement acquis est une condition.

FRED BERTINELLI (LSAP) *voulait clarifier ce point.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *signale que ce projet veut lutter contre la spéculation.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *est du même avis.*
(Discussions)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *n'a pas d'autre communication et cède la parole à monsieur Aguiar.*

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *annonce qu'Aquasud rouvrira ses portes dans le respect des recommandations de la Direction de la santé. Le bassin pour le sport et le bassin d'apprentissage pourront être utilisés.*

Aquasud a fixé des plages pour le club de natation, les sportifs et le public. La piscine sera ouverte du lundi au dimanche jusqu'à 20 h en semaine et 17 h le weekend. Ces mesures valent jusqu'au 31 janvier. Paulo Aguiar félicite ensuite le club de futsal FCD 03 pour son parcours exceptionnel en Champions' League. Actuellement, l'équipe effectue un stage. Elle jouera à Chrudim en République tchèque samedi. Il s'agit d'un évènement historique.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *signale que les prix affichés dans le cadre de Gravity n'incluront pas le terrain. Ils seront affichés avec une TVA de 3 % et de 17 %. Ensuite, la commune retranchera les éventuels subsides.*

Christiane Brassel-Rausch passe au point 3, le premier discours de monsieur Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *tient à remercier monsieur Diderich, son prédécesseur, qui a réalisé un travail formidable au cours des neuf dernières années en tant que représentant de déi Lénk. Il le connaît depuis quelque vingt ans. Déjà à*

Dir musst jo dra wunnen.

(Ënnerbrichung)

Jo. Well d'Konditioun ass, dass ee muss dra wunnen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo, dass dat kloer ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Also et geet net, dass eng Sociéitéit – d'Essenz vum Projet ass jo géint d'Spekulation a géint deen héije Baupräis.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dat war eisen Interêt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ma jo. Mir probéieren, dat jo och ëmsetzen, well mer averstane sinn domat.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Huet nach een eng Fro?

(Diskussiounen)

Dat wier et vu menger Säit fir d'Kommunikatioun gewiescht. An ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling. Deen huet keng. Dann un den Här Aguiar.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Hären, laut der leschter Recommendation sanitaire vun der Direction de la Santé mécht den Aquasud seng Dieren erëm op, am Respekt vun de sanitäre Moossnamen. Zweek Basengen däerfe benotzt ginn, ee fir de Sport an ee Léierbaseng. Och d'Plagë si

festgeluecht ginn, souwuel fir de Schwammclub, fir d'Sportler, déi déi Aquagym oder Aquabike maachen, an natierlech fir de Public.

D'Schwämm ass op vu méindes bis sonndes. An der Woch bis 20 Auer. An de Weekend bis 17 Auer. D'Mesurë gi bis den 31. Januar.

Meng zweet Kommunikatioun: Mir félicitéieren eise Veräin, dem Futsalclub FCD03 fir säin exzeptionelle Parcours an der Futsal Champions League. De Moment maache si e Stage a spillen e Samschdeg zu Chrudim an der Tschechescher Republik fir de Sixième de finale.

Et ass historesch, datt eng Déifferdenger Ekip an der Futsal Champions League esou wäit kënnt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wëll just nach eppes kloerstellen, mat de Präisser beim Gravity. Also déi Präisser, déi elo affichéiert ginn, dat ass ouni den Terrain. An et gëtt eng substantziell Verbëlleegung. Dat ass dat Gutt bei der Saach. Also d'Präisser wäerten affichéiert gi mat 3 % TVA a mat 17 % TVA. An duerno ginn dann eréischt déi respektiv Subsidien, déi d'Leit zegutt hunn, ofgerechent. D'Subside ginn och verdeelt au prorata vum Meterkaree vun der Wunneng. Wollt ech just nach als Detail elo derbäifügen.

Domadder wieren d'Kommunikatiounen ofgeschloss. An da komme mer zum Punkt 3. An do freeë mer eis op dem Här Weirich säin éischten Discours hei an dësem Gremium. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ier ech zu menger Persoun kommen, géif ech gär eng Ronn Mercie lassginn. Ech fänke mam Gary Diderich un, mengem Virgänger hei am Gemengerot, deen eng super Aarbecht gemaach huet déi lescht néng Joer hei am Gemengerot, als Vertrieber vun déi Lénk.

3. Premier discours d'un nouveau conseiller

Do géif ech och nach gären e perséinleche Merci drunhänken. Ech kennen de Gary mëttlerweil ëm déi 20 Joer. Wéi ech e kennegeléiert hunn deemools, war en och schonn, wéi haut, e ganz engagéierte Mënsch. E war eng Inspiratioun fir ganz vill Leit. Säin Engagement huet ganz vill ofgefierft. Ënner anere och op mech. Soudass ech soe kann, dass ech ouni de Gary haut warscheinlech net hei géif setzen.

An da géif ech gär eiser Sektoun vun déi Lénk Déifferdeng respektiv déi Lénk allgemeng Merci soe fir hir Ënnerstëtzung déi lescht Zäit an och fir déi nächst dräi Joer, déi komme wäerten.

Zu mir: Eric Weirich, 36, gebierteg vun Esch. Ech hunn déi meescht Zäit vu mengem Liewen am schéine Süde vun eisem Land gewunnt. Soudatt ech mech haut e richteg Minettsdapp nenne kann.

D'Gemeng Déifferdeng kennen ech an deem Sënn scho méi laang. Ech hunn eng speziell Relatioun zur Gemeng Déifferdeng, iwwer hire Schachclub, wou ech ëm d'Joer 2000 Member gi sinn. Doduerch kennen ech op d'mannst ee Gemengerotsmember hei méi laang. Dat ass de Jerry Hartung vun der CSV. Hie war deemools och schonn aktiv am Club. An ass haut hire President.

Ech spillen zwar haut net méi am Schachclub zu Déifferdeng, mee zu Bieles. Do sinn ech scho vum éischten Dag u mat dobäi. De Club hate mer virun zéng Joer gegrënnt. An ech si Kommitteesmember vum éischten Dag un.

D'Gemeng Déifferdeng hunn ech eréischt richteg kennen a schätze geléiert, wéi ech an d'Gemeng geplënnert sinn 2015. Dat heescht elo viru bal sechs Joer. Ech ginn immens vill wandere a lafen. Wann een zwou Réserves naturelles direkt virun der Dier huet, duerch de Giele Botter an de Prënzebiere, da kann een dem Charme vun der Gemeng natierlech net méi widderstoën.

Nieft dem Fait, dass mer eng ganz dynamesch, engagéiert an diversifiéiert Gemeng sinn, gefält mer ganz gutt, dass mer eng ganz gréng Gemeng sinn. Also elo net am politesche Sënn – mee näischt géint déi gréng –, nee, mir sinn ee-

ben eng ganz gréng Gemeng. An dat passt och gutt bei mäi Beruff. Berufflech sinn ech beim CELL aktiv. Dat ass de Centre for Ecological Learning Luxembourg, also Zentrum fir ökologescht Léieren Lëtzebuerg. Dat ass eng Ëmweltbewegung, wou mer ganz vill Projete aus der Transitionsbewegung ëmsetzen. Ech schaffen zu Esch, wou ech Biergerinnen a Bierger wéi och Entreprisë begleet bei hirer Transition zu méi nohaltege Praktiken. An deem Sënn freet et mech, dass ech hei am Gemengerot mäi Beruff mat mengem Engagement verbanne kann, an dass ech och Begrëffer wéi Transition Towns am Koalitiounsprogramm erëmfannen.

Politik ass elo net onbedéngt Neiland fir mech. Ech hu véier Joer laang bei déi Lénk geschafft. Vun 2015 bis 2019. Wou ech ënner anere dräi Walcampagnë geschmact hunn. Dat heescht, ech kennen dat politescht Spill schonn e bëssen. An ech freeë mech, d'Politik elo vun enger anerer Säit kennenzelieren.

E bësse politesch aktiv sinn ech an der Gemeng säit 2017 als Member an als Vizepresident vun der Logementskommissioun. Do hat ech d'Chance, zwee weider Memberen aus dem Gemengerot hei kennenzelieren. Dat ass eis Madamm Buergermeeschter, Christiane Brassel-Rausch an den Här Paulo De Sousa, dee jo och viru Kuerzem Member ginn ass. Ech weess, dass si, genau wéi ech, eng immens Sensibilitéit fir d'Theema Logement hunn. An ech freeë mech, an Zukunft um Theema Logement mat Iech zesummenzeschaffen.

D'Theema Logement begleet mech elo scho säit ongeféier sechs Joer. Ech hunn déi éischt Wunnkooperativ zu Lëtzebuerg matgegrënnt. Déi heescht: Adhoc Habitat participatif. Do geet et drëms, eng nei Wunnform hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, déi zum Zil huet soziale respektiv abordabele Wunnraum ze schaffen.

D'Situatioun ass immens dramatesch hei zu Lëtzebuerg am Beräich Logement, soudass een haut just nach vu Logementskris schwätze kann. An et ass a mengen Aen eng vun deene gréissten Erausforderungen iwwerhaapt, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech sinn

l'époque, c'était quelqu'un d'engagé. Il a inspiré beaucoup de gens, dont Eric Weirich.

Sans Gary, Eric Weirich ne serait probablement pas ici aujourd'hui.

Le conseiller communal remercie ensuite la section differdangeoise de déi Lénk pour son soutien.

Eric Weirich a 36 ans et est né à Esch. Il a passé la grande partie de sa jeunesse dans le sud du pays et se considère un enfant des Terres rouges.

Il connaît bien la commune de Differdange. Il est membre de son club d'échecs depuis 2000. C'est là qu'il a connu monsieur Hartung, qui est aujourd'hui président du club.

Il a emménagé à Differdange en 2015. Il aime aller se promener ou courir. Il ne peut pas résister au charme des deux réserves naturelles du Giele Botter et du Prënzebiere. Il apprécie particulièrement le fait que Differdange soit dynamique, engagée, diversifiée et écologique.

Il travaille à Esch pour le CELL, le Center for Ecological Learning Luxembourg. Sa mission consiste à accompagner les entreprises et les particuliers dans leurs transitions vers des pratiques durables. Être conseiller communal lui permettra d'allier son travail et son engagement. Il est content de trouver des expressions comme transition towns dans le programme de coalition.

La politique n'a rien de nouveau pour Eric Weirich. Il a travaillé pendant quatre ans pour déi Lénk et a participé à trois campagnes électorales. Désormais, il a hâte d'apprendre à connaître la politique d'une manière différente.

Il est vice-président de la commission du logement depuis 2017. Il y a rencontré madame Brassel-Rausch et monsieur De Sousa. Il sait que le logement est un thème important pour eux. Lui-même s'y intéresse depuis six ans. Il a fondé la première coopérative du Luxembourg, Adhoc habitat participatif. Elle essaie d'introduire de nouvelles formes de logements au Luxembourg.

Dans notre pays, la situation est dramatique. On peut parler de crise du logement. Eric Weirich se réjouit du fait que le programme de la coalition en la matière est ambi-

4. Tableau de préséance / 5a. Funiculaire

tiens. À l'avenir, il contribuera aux discussions sur ce sujet.

Eric Weirich est actif dans une ONG, Frères des hommes. Le Luxembourg verse chaque année 1 % du RNB, le revenu national brut, au profit de l'aide au développement et la Ville de Differdange 0,25 % de son budget. Frères des hommes a d'ailleurs reçu un subside. En Europe, la tendance consiste à baisser le budget de coopération. La Ville de Differdange a lancé un signe fort en soutenant des gens d'autres pays, qui sont plus touchés encore par la crise du coronavirus. Eric Weirich précise qu'il fait partie du conseil d'administration de l'ONG, dont il est aussi le trésorier.

Il est honoré d'être membre du conseil communal. Il se réjouit de collaborer avec la commune sous le slogan differdangeois «Different Together».

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

remercie monsieur Weirich pour son chouette discours.

Elle passe au nouveau tableau de préséance, une formalité.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au réaménagement du parking du plateau du Funiculaire.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit de réaménager le parking de la rue Asca-Rampini. Le devis se monte à 150 000 €.

Les arbres et les haies manquent de place pour grandir. C'est pourquoi il faudra créer un fossé central pour les plantes, dont les racines auront alors assez de place.

Les travaux permettront aussi de créer plus de places de stationnement. Le parking accueillera 51 voitures — 15 de plus que maintenant. C'est une bonne chose pour les résidents.

Actuellement, les arbres et les haies se trouvent entre les voitures et il n'est pas évident de se garer. À l'avenir, il sera plus facile d'entrer et de sortir du parking.

Tom Ulveling espère que les conseillers communaux approuveront le projet.

an deem Sënn frou, dass mer en immens ambitiëist Kapitel am Koalitionsprogramm stoen hunn, wat de Logement ugeet. An dass ech an Zukunft och dozou bäidroen kann, fir un där Thematik ze schaffen.

Dann nach en allerleschte Punkt. Ech sinn och an enger ONG aktiv, Frères des Hommes. A vu dass als Land Lëtzebuerg 1 % vum RNB, also vum Revenu national brut, all Joer an d'Kooperationsentwicklung gestach gëtt, freet et mech, dass och d'Gemeng Déifferdeng 0,25 % vu sengem Budget méttlerweil un ONGe vergëtt all Joers. D'ONG, an där ech aktiv sinn, déi huet och dës Joer Suen zougesprach kritt. Wat mech immens freet.

D'Tendenz ass nämlech éischter de Géigendeel. Dass iwwerall an Europa d'Kooperationsbudgeten erofginn. Sou ass dat a mengen Aen e ganz staarkt Zeechen, dass mer als Gemeng Déifferdeng net nëmmen d'Leit hei am Land, mee och anerwärts, ënnerstëtzen, déi natierlech nach vill méi beträff si vun enger Coronakris an anere Krisen, wéi elo d'Leit hei. Fir all Conflit d'Intérêt am Virfeld aus dem Wee ze goen, ech sinn am Conseil d'administration an Tresorier vun där ONG.

Nach e lescht Wuert: Et ass mer eng grouss Eier, Member vun dësem Gemengerot ze sinn. An am Sënn vum Leitmotiv vun eiser Gemeng, Different Together, freeën ech mech op d'Mataarbecht mat Iech allegueren. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Weirich, fir dee flotten Discours. Da géife mer zum nächste Punkt kommen. Dat ass den neien Tableau de présences du conseil communal. Dat ass jo éischter eng Formalitéit. Dir hutt Iech e jo ugekuckt, mir haten e jo elo a leschter Zäit e puermol hei. Soudass ech virschloen, dass mer direkt zum Vott kommen, vun deem Punkt.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le tableau de préséance du conseil communal.

Villmools merci. Da si mer um Punkt 5a, Reamenagement vum Parking Plateau du Funiculaire. Dat ass fir den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, hei hu mer en Devis, fir de Parking um Plateau du Funiculaire an der Rue Asca Rampini nei ze gestalten. Et ass en Devis vun ëm déi 150.000 Euro. Déi aktuell Surfacen an och d'Planzelächer, déi sinn ze kleng fir Beem an Hecken. Soudass si sech net normal entfale kënnen an de Wuessprozess am Fong net weidergeet.

Dofir hu mer eis iwwerluecht, dee Parking nei ze gestalten. Dowéinst maache mer en zentrale Gruef iwwert d'ganz Längt, woumat genuch Volumen entstoe wäert, fir dass ee ka Beem an Hecken drasetzen. A wou dann och d'Wuerzele sech duerno kënnen ausdeen an normal wuesse kënnen vun de Beem.

Dat ass awer net dat Wichtigst. Dat Wichtigst ass, dass mer domat vill méi Parkraum wäerte kënnen schafen. Insgesamt wäerte mer op 51 Parkplazen an Zukunft kommen. Dat sinn der 15 méi wéi virdrun. An do gouf et nëmmen ee Parking à mobilité réduite an elo wäerte mer der zwee hunn. Soudass ech mengen, dass dës Projet deem ganze Quartier wäert zegutt kommen. Aan, wéi gesot, d'Awunner da méi Parkplaze wäerten hunn.

An och wäert dat e bësse méi flott kënnen gestalt ginn. Well bis elo waren déi Beem tëschent den Autoen. An do waren Hecken a Beem – jee, et war relativ schwéier, fir do ze parken. An doduerch, dass d'Parkplazen elo schif, eebe parallel, gemaach ginn, ass et och vill méi einfach fir eran- an erauszefueren. Soudatt ech mer wënschen, dass Der mer dee Projet hei wäert stëmmen. Merci.

5a. Plateau du Funiculaire

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kollegeinnen a Kollegen, den Här vun der Press, et ass eigentlech schued, dass de Parking um Plateau Funiculaire, deen nach net esou al ass, nei amenagéiert muss ginn. Mat enger, wéi schonns gesot, méi grousser Cuve duerch d'Mëtt an engem Bewässerungssystem, en vue fir de Beem an den Hecken op der Plaz eng Chance ze ginn duerch en adequat Bewässerungssystem.

Et ass en principe positiv, dass duerch dës Ëmännerung zousätzlech Parkplaze geschafe ginn. En vue, dass sech de Plateau Funiculaire mat sengen haaptsächlech jonken Awunner an de Surrounds – Opkorn, Gravity, Aurea, international Schoul, Lycée, Science Center – zu engem belieften a beléiften neien Zentrum entwéckelt. Bleift nach den Challenge, deem haitegen Zentrum en neit Kleed unzeden, wat deenen neien Awunner och gefält. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen dës Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl. An dann den Här Muller.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Moien alleguerten. Mir als déi gréng begreissen de Projet. Et kënnt eng PMR-Parkplaz bäi. Et si 14 normal Parkplazen, déi bäikommen. Et ass mat de Leit ausgeschafft ginn. Wat ëmmer positiv ass. An ech begreissen och, dass et begrängt gëtt, wéi den Här Ulveling dat elo grad virgestallt huet. Mir stëmmen dat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, Kollegeinnen a Kollegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, als LSAP begreisse mir och, dass bei dësem Parking d'Stellplaz vu 36 op 51 eropgesat ginn, dat heescht plus 15 méi par rapport zu der aktueller Situatioun. De gesamte Käschtepunkt fir d'Transformatiouns-aarbechten ass 150.000 Euro. Dat entsprécht 10.000 pro zousätzlech Parkplaz, onofhängeg vun deem, wat den Här Ulveling sot, wat nach aner Grënn sinn, firwat dat gemaach gëtt.

Ech wëll drun erënneren, dass et den LSAP-Verkëiersschaffen – jo, ech erlabe mer nach eng Kéier deen Ausdrock, Verkëiersschaffen –, war, deen d'Iddi vun de Quartiersparkingen, wou d'Anrainer mat der Vignette résidentielle kënne gratis parken, ëmgesat huet. An dëst zum Beispill zu Nidderkuer, Rue Pierre Gansen, um Fousbann, bei der Woiwer Schoul, an der Rue de l'Hôpital zu Déifferdeng, fir nëmmen déi ze nennen.

Mir si frou, dass speziell dee gréngen Deel vun der Majoritéit elo och mat op dës Wee geet. Mir sinn awer der Meinung, dass et net bei dësen eenzelnen Initiativen dierf bleiwen. Dréngende Bedarf vu Quartiersparkinge gëtt et nach an aneren Uertschafte vun eiser Gemeng. Speziell, zum Beispill, am Quartier Wangert. Fir nëmmen deen ze nennen.

D'LSAP stëmmt dësen Devis. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wéi ech verstanen hunn, ass deelweis de Grond, firwat de Parking frëschgemaach gëtt, dass d'Beem an d'Hecken net genuch Plaz hunn, fir sech auszebreen. Mir schwätzen hei vun iwwer 150.000 Euro, déi elo investéiert ginn, fir e Parking, deen nach net esou al ass. Do wollt ech froen, ob iergendwéi kën-

CHRISTIANE SAEUL (DP) regrette que le plateau du Funiculaire doive déjà être réaménagé. La cuve au milieu donnera une chance à la végétation de se développer.

Les places de stationnement supplémentaires sont une bonne chose. Le plateau du Funiculaire avec ses habitants relativement jeunes se développe en un nouveau centre apprécié. Il ne reste plus qu'à donner un nouveau visage au centre-ville actuel pouvant plaire aux nouveaux habitants.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) salue ce projet au nom des écologistes. Le parking comprendra 14 places supplémentaires et une place PMR. Le projet a été réalisé en concertation avec les riverains. Il sera écologique.

ERNY MULLER (LSAP) salue le fait que le nombre de places de stationnement passe de 36 à 51. La transformation devrait coûter 150 000 €. Cela représente 10 000 € par place de stationnement supplémentaire.

Erny Muller rappelle que c'est un échevin à la circulation socialiste qui a développé les parkings de quartier gratuits pour les résidents avec une vignette. Il cite la rue Pierre-Gansen, l'école du Woiwer, la rue de l'Hôpital... Il se réjouit que la majorité actuelle poursuive sur cette voie. D'autres parkings de quartier sont nécessaires, par exemple au Wangert.

Le LSAP approuvera le devis.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) rappelle que les transformations sont nécessaires pour faire de la place aux arbres et aux haies. Il est tout de même question de 150 000 € pour un parking qui n'a rien de vieux. Le collège échevinal peut-il récupérer une partie des frais? N'existe-t-il pas de garantie de la part du promoteur?

5a. Plateau du Funiculaire

Mais en principe, Eric Weirich est d'accord avec le projet.

FRED BERTINELLI (LSAP) *trouve que cette transformation est une bonne chose parce que les riverains ont du mal à trouver des places de stationnement. Il rappelle que de jeunes familles habitent dans le quartier. Il signale par ailleurs que les camions d'un certain poids ne peuvent pas emprunter la montée. Mais cette interdiction n'est pas signalisée. Il avait même fallu acheter un camion spécial pour les pompiers. Or Fred Bertinelli a vu de gros camions livrer des marchandises. La route risque de s'affaisser. Il répète que les camions au-dessus d'un certain poids ne peuvent pas circuler à cet endroit. Pourtant, il y a vu de très gros camions dernièrement.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *ne faisait partie ni du collège échelvin ni du conseil communal à l'époque. La responsabilité en revient donc à ceux qui ont approuvé le projet tel quel.*

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch estime qu'il faudra transformer ce site mal planifié.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch concorde sur le fait que l'on peut installer un panneau de signalisation.

FRED BERTINELLI (LSAP) *répète que les camions d'un certain poids ne peuvent pas circuler. Le minimum serait de placer un panneau à cet endroit pour indiquer que les camions pesant plusieurs tonnes ne peuvent pas circuler sur le plateau. Fred Bertinelli ne voulait critiquer personne. Il ne sait pas ce que madame Brassel-Rausch a compris. Il n'a pas dit qu'il fallait refaire la route, mais que la commune devrait s'assurer que le site est correctement signalisé.*

ne Sue recuperéiert ginn? Vu dass dee Parking nach net al ass. Ob et do eng Garantie gëtt vum Promoteur, deen dat gebaut huet? Well dat sinn awer relativ vill Suen, fir elo no esou kuerzer Zäit e Parking ganz frësch unzeleeën. Mee mir sinn awer am Prinzip d'accord mat deem Projet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Bertinelli wollt nach eppes soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt zu deem Parking eng kleng Fro nach. Et ass richtig an ech fannen et och gutt, datt deen erneiert gëtt, an datt déi Leit, déi do wunnen, wou effektiv e Problem elo schonn ass, wat d'Parkplazen ubelaangt, méi Parkraum kréien. Zemools déi jonk Stéit, déi do wunnen.

Mee wat mer opgefall ass: Deen Hiwel, wann ee vun der Strooss eropfiert, do däerf jo e gewësst Gewiicht vu Camionen net drop fueren. Éischtens hunn ech net gesinn, datt dat beschëltert ass. Datt d'Camionen ab e gewësene Poids do net däerfen eropfueren. Well wéi mer eis kënnen erënneren, hate mer souguer en extrae Camion kritt, fir eis Pompjeeën, déi net mat hirem normale Won do hunn dierften eropfueren. Ech gesinn awer mëttlerweil, datt déi Residenzen do beliwwert ginn, ënner anerem mat décke Camionen, déi do eropfueren. Wéi ass dat gereegelt? Well wann do eng Kéier wierklech e schwéiere Camion eropfiert, kann déi Strooss bis annerhallwe Meter asacken. Dat muss ee wëssen.

Deemools, wou de Projet gemaach gi war, war dat esou ausgemaach ginn, datt d'Camionen, ab e gewësst Ge-

wiicht, net do däerfen eropfueren. Mee wéi gesot, ech war nach extra kucken, well ech e ganz décke Camion do gesinn hunn, wéi dat da gereegelt ass. Ech hu keng Reegelung fonnt. Dofir wollt ech Iech froen, wéi dat gereegelt ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech erlabe mer, Här Ulveling, just kuerz drop ze äntweren, ier ech Iech d'Wuert ginn. Ech war dee Moment weeder am Schäfferot nach am Gemengerot. Ech denken, dat do ass e Problem, deen déi Leit ze verantworten hunn, déi dee Projet esou gestëmmt hunn.

(Ënnerbriechung)

Majo, wann dat de Fall ass, da musse mir elo erëm Saachen ausbueden, déi menger Meenung no falsch geplangt gi sinn.

(Ënnerbriechung)

Jo. Et kann ee jo Schëlter dohinnerstellen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Pardon, ech weess elo net, ob Der mech richtig verstanen hutt. Ab engem gewësene Gewiicht vu verschiddene Camionen – do sinn ech kucke gaangen, ob do e Schëld steet, datt ab e gewësene Poids kee Camion däerf erafueren. Dat ass awer de Minimum, datt e Schëld muss dostoien. Wa mer wëssen, datt um Plateau eng gewësene Laascht net däerf iwwerschratt ginn, da muss een, menger Meenung no, einfachhalber e Schëld dohinnersetzen, datt e Camion plus esou vill Tonnen net op dee Plateau däerf fueren.

Méi wollt ech do net – ech wollt elo hei kengem ze no trieden. Ech weess net, wéi Der mech verstanen hutt. Oder dat Lach do fëllen. Ech wëll dat net soen. Mee et misst, verkéierstechnesch, als Gemeng, esou gereegelt sinn, wann e Camion, deen iwwert dem Gewiicht ass, erafiert, datt mir awer als Gemeng ofgeséichert sinn. Dat war meng Fro.

5b. Cimetière d'Oberkorn

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass kloer, dass mir dee ganze Beräich do iwwerger kruten. An dass mir elo natierlech do responsabel sinn. Et kann een elo net déi Leit responsabel maachen, déi dat sengerzäit gestalt hunn. Well mir jo och als Gemeng mat deem ganze Projet, deemools, wéi e virgestallt gi war, d'accord waren. Dat heescht, mir hunn haut aner Vuen. A mir gesinn, dass dat, wat déi sech do ausgeduecht hunn, net praktesch war. A wéi gesot, et ass och esou, dass déi Beem, déi mer do gestallt kruten, sech net richtig entfale kënnen. Dofir maache mer elo déi Modifikatioun hei. Mee et ass ganz kloer, dass dat op d'Käschte vun der Gemeng Déifferdeng geet an net vun engem Promoteur oder soss engem. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Also mir kucken dat no. Wann e Schëld feelt, dann installéiere mer dat natierlech gären. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer zum Vott vum Parking.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan et devis relatif au réaménagement d'un parking public sur le plateau du Funiculaire

Merci. De Kierfecht zu Uewerkuer. Här Ulveling, ech ginn Iech direkt d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et ass e Projet, iwwert dee mer och schonn e puer Joer schwätzen. Et geet haapt-sächlech drëms, fir eisen Aarbechter besser Aarbechtskonditiounen respektiv Vestiären zur Verfügung ze stellen, déi deen Numm Vestiär och verdéngen. Si wäerten an Zukunft och emol eng Dusch hunn an eng Toilette.

An et geet och drëm, op där anerer Säit de Vandalismus, dee mer an deenen alen Toiletten ëmmer haten, well déi Toiletten zur Strooss hin op waren, an net ëmmer zougespaart waren, dass een déi elo ëmdréit.

Un déi al Toiletten, déi elo do bestinn, baue mer e klengen Ubau drun. An an deen Ubau wäerten déi nei Toilette kommen. Mat engem Accès dann op de Kierfecht an net op d'Strooss. Soudass eis Leit owes, wa se heem ginn, oder de Kierfecht zougespaart gëtt, och déi Toilette kënnen zouspären. Soudass mer do Vandalismus vermeiden.

An deem Tëschestéck, tëschent deem neien Toilettentrakt an deem alen Toilettentrakt, wäert eng Chaudière installéiert ginn. An deen alen Toilettentrakt kënn de Vestiär, fir eis Leit, déi do schaffen.

Dee ganze Projet wäert ëm 200.000 Euro kaschten, mat allen Alentouren an allem, wat dozou gehéiert. Mir wäerte versichen, en Deel dovun mat eise Leit ze maachen. A mir wäerten och kucken, zousätzlech zu deem, iergendwou nach e Container hinstellen, fir d'Geschier ënnerzebréngen. Dat ass elo net Partie integrante vun deem Projet, mee dat ass en Zousaz, dass mer do e Container hu fir d'Geschier, an dass mer alles kënnen sécher ofspären op deem Site.

Wéi gesot, et ass e Projet, iwwert dee mer scho méi laang geschwat hunn a wat mer dann elo endlech wëllen ëmsetzen. Ech hoffen, dass mer Är Zoustëmmung kréien. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

TOM ULVELING (CSV) explique que la Ville de Differdange est responsable de ce qui arrivera à cet endroit à l'avenir. Mais on ne peut pas culpabiliser ceux ayant planifié le site, car le conseil communal a approuvé le projet.

Aujourd'hui, on se rend compte que certains aspects ne sont pas pratiques. Les arbres ne peuvent pas se développer. C'est pourquoi des modifications sont nécessaires. Elles seront financées par la commune.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) vérifiera la situation. S'il manque un panneau, il sera installé.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au cimetière d'Oberkorn.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit de garantir de meilleures conditions de travail aux collaborateurs de la commune et de leur mettre des vestiaires à disposition. Ils auront des toilettes et une douche.

Les anciennes toilettes étaient accessibles par la rue, ce qui a engendré des problèmes de vandalisme. La structure actuelle sera agrandie pour accueillir de nouvelles toilettes, dont l'accès se fera par le cimetière. La porte des toilettes sera verrouillée le soir.

Une chaudière sera installée entre l'ancienne et la nouvelle partie. Les anciennes toilettes accueilleront les vestiaires.

Le projet coutera quelque 200 000 €. La commune réalisera une partie du chantier elle-même. Le matériel sera stocké dans un conteneur.

Tom Ulveling rappelle qu'il est question de ce projet depuis longtemps. Le moment est venu de la réaliser.

5b. Cimetière d'Oberkorn

ERNY MULLER (LSAP) signale qu'après la rénovation réussie de la morgue d'Oberkorn et de la morgue de Differdange — le conseiller communal en profite pour féliciter le responsable du CID —, il était temps de rénover les vestiaires, les sanitaires et la chaudière à Oberkorn. Il sera nécessaire de construire un petit bâtiment. Les socialistes approuveront le devis de 200 000 €.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) souhaite une bonne année aux conseillers communaux et à leurs familles. Deux-cent-mille euros sont nécessaires pour refaire les toilettes et agrandir le site.

Paulo De Sousa rappelle que pendant le confinement, des fleurs et des coupes avaient été abimées. Dans un cimetière, c'est particulièrement triste.

Désormais, la commune va investir 200 000 € pour refaire les infrastructures. Paulo De Sousa se demande s'il existe une surmortalité actuellement à Differdange à cause de la COVID-19.

Les écologistes approuveront le devis.

CHRISTIANE SAEUL (DP) trouve que les transformations du cimetière d'Oberkorn sont nécessaires. Il s'agit d'aménager de nouvelles toilettes, des vestiaires et une douche pour les collaborateurs communaux.

Les travaux permettront de modifier l'accès aux toilettes, qui ont souvent été victimes d'actes de vandalisme. Elles servaient aussi de repère pour vendre de la drogue ou de chambre à coucher pour les clochards.

Le nouveau bâtiment accueillera la chaufferie et le matériel technique. Un système automatique permettra d'ouvrir les portes le matin et de les fermer le soir accentuant ainsi la sécurité.

GUY TEMPELS (CSV) explique qu'il est question de transformations au cimetière d'Oberkorn. Deux-cent-mille euros sont investis dans les toilettes et les vestiaires. C'est important pour les collaborateurs

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. No der Renovatioun vun der Morgue zu Uewerkuer, déi iwregens gutt gelongen ass, grad wéi d' Morgue um Déifferdenger Kierfecht, woufir ech de Responsabele vum CID wëll felicitéieren — an dat Ganzt ouni Frais d'architectes a Frais de bureaux — ass et elo absolutt néideg, dass zu Uewerkuer d'Vestiären, d'Sanitäreanlagen an d'Chaudière erneiert ginn. Wéi mir unhand vun de Pläng feststellen an och héieren hunn, muss hefir en Ausbau a Form vun engem klengen zousätzleche Gebai gemaach ginn. D'LSAP stëmmt dës Pläng an Devis vun 200.000 Euro. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Muller. Här De Sousa, wannechgelift.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären aus dem Gemengen- a Schäfferot, fir d'éischt alles Guddes am neie Joer, eng gutt Gesondheet fir Iech an Är Famill. Dat hei ass en Devis vun 200.000 Euro, fir d'Toilettë frëschzemaachen an en Ausbau fir d'Personal, wat do schafft.

Vandalismus war an ass present op deem Site. Wann ech mech net ieren, während dem leschte Confinement, sinn do ganz vill Blummen a Coupe futti gemaach ginn. Wat ech op esou enger Plaz, wou d'Leit sollen an Éiere gehale ginn, immens traureg fannen. Wann eng Gemeng wüsst, da wüsst deen Deel do och mat.

Ervirzehiewen ass, datt d'Gemeng Suen an d'Hand hält, ganzer 200.000 Euro, fir d'Infrastruktur ze erneieren an auszebauen.

Ech weess net, wéi d'Statistik vun der Surmortalitéit vun der Gemeng elo an deene leschte Méint ass. Et wier vläicht interessant ze wëssen, wat fir een Im-

pakt de Covid op d'Mortalitéit an eiser Déifferdenger Gemeng hat.

Déi gréng stëmmen dësen Devis mat Jo. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dës Ännerungen um Kierfecht zu Uewerkuer sinn net vun Onnëtz. Hei sollen déi bestoend Toiletten an zwou Vestiar-Toiletten an Dusch fir eis Leit, déi um Kierfecht schaffen, ëmgebaut ginn. Am Moment ass de Vestiar ausserhalb der Garage vun der fréierer Musekschoul — just niewendrun, awer net bequeem.

Den Accès zur Stroossesäit vun de jëtzen Toilette gëtt elo beim Ëmbau ëmgedréit, zum Kierfecht hin. Well mer vun der Stroossesäit keng grouss Iwwersiicht zum Gebai haten, sinn dës Toiletten oft Affer vu Vandalismus gewiescht, Drogeverkauf a Konsum oder Schlofkummer fir d'Strummerten. Nei ass en Ubau fir d'technesch Material mat Chaufferie an nei public Toilette fir Dammen a fir Hären, mat Accès op de Kierfecht, regléiert duerch eng automatesch Auer, déi mueres opmécht an owes erëm zouspärt. Dat ass emol schonn e Plus u Sécherheet. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et geet hei ëm den Ëmbau an den Ubau fir déi besteeënd Toiletten um Uewerkuerer Kierfecht. Hei ginn 200.000 Euro investéiert an d'Toiletten an an d'Vestiäre fir d'Jongen, déi um Kierfecht schaffen.

5c. Terrains multisports

Eng wichteg an eng gutt Saach fir eis Aarbechter. Awer och fir d'Leit, déi op de Kierfecht ginn, déi iwwert d'Velospist spadséiere ginn oder mam Vëlo fueren, déi och eventuell mol mussen op d'Toilette.

Mir stëmmen natierlech mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Mir si fir dee Projet. Ech hätt just eng Fro. Wat ech net esou richteg verstanen hunn: Déi Toilette, déi baussen ugeleeë war, dat war jo eng Toilette publique fir d'Leit. Ass dat heiten och elo eng Toilette publique, déi op ass? Ass dat signaliséiert? Well jo och ganz vill Leit dovunner profitéiert hunn, déi, wéi gesot, um Vëloswee oder um Spadséierwee waren. A well elo ëmmer gesot ginn ass fir d'Aarbechter, déi do schaffen. Mee et sollt jo awer nach ëmmer eng Toilette publique bleiwen. Dat ass meng Fro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Bertinelli, dat ass sécher. Dir hutt jo gesinn, et sinn zwou Toiletten. Eng Kéier eng à part fir eis Leit. An deen aneren Trakt, dat ass eng Publicstoilette, déi natierlech awer dann zouge-maach gëtt, wann och de Kierfecht zou ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan et devis relatif à l'aménagement de vestiaires, de toilettes publiques et d'une chaudière au cimetière d'Oberkorn.

Merci. Et ass nach eng Kéier un Iech, Här Ulveling. Elo geet et ëm den Terrain multisport um Site Woiwer, Fousbann.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, dëst ass en Dekont vun Aarbechten, déi stattfonnt hunn. Et geet ëm de Multisport, wéi Der richteg gesot hutt an d'Schoulzentre Fousbann a Woiwer. Wat ass hei geschitt? Ma do ass eng nei Clôture, déi méi schallabsorbéierend ass, installéiert ginn. An iwwert dee ganzen Terrain ass e Filet gespaant ginn, fir dass de Ball net ëmmer entweder bei den Noper oder soss iergendwou hiflitt. An et sinn och Makadamms- a Fléckaarbechte ronderëm dee Multisportsterrain gemaach ginn.

Dat Flottst an dat Gutt un deem ganzen Dekont ass, dass mer 160.000 Euro veranschlaagt haten an d'Dépense effective, déi war awer nëmme 120.000 Euro. An zousätzlech krute mer nach e Subsid vu 25.000 Euro. Soudass mer manner wéi 100.000 Euro gebraucht hunn a gutt 65.000 Euro op dësem Projet gespuert hunn. Ech mengen, et ass ëmmer positiv, wann ee kann en Dekont virstellen, dee manner deier ass, wéi veranschlaagt war. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer direkt zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte relatif à la réfection des terrains multisports aux sites scolaires Fousbann et Woiwer.

communaux, mais aussi pour les cyclistes ayant besoin de toilettes. Les chrétiens sociaux approuveront le projet.

FRED BERTINELLI (LSAP) a une question.

Les toilettes accessibles depuis l'extérieur étaient publiques. Les nouvelles toilettes le seront-elles aussi? Comment seront-elles signalisées? Car les cyclistes ou les promeneurs en profitaient aussi. Désormais, le collège échevinal semble dire que ce seront des toilettes pour les collaborateurs communaux.

TOM ULVELING (CSV) suppose que monsieur Bertinelli a vu qu'il y avait deux toilettes, dont une est réservée aux collaborateurs communaux. Les autres toilettes sont accessibles au public quand le cimetière est ouvert.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au terrain multisports du Woiwer.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il est question d'un décompte pour les travaux réalisés sur le terrain multisports des campus Fousbann et Woiwer.
Il a fallu installer une nouvelle clôture absorbant le bruit. Un filet permettra d'éviter que les ballons ne terminent chez le voisin ou ailleurs. Il a aussi fallu réparer le macadam autour du terrain.
Le devis se montait à 160 000 €, mais seuls 120 000 € ont finalement été dépensés. La commune a aussi touché un subside de 25 000 €. Finalement, les économies s'élèvent donc à 65 000 €.
(Vote)

6. Enseignement fondamental

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à l'organisation de l'école fondamentale. Elle trouve anachronique de devoir approuver la surveillance dans les différentes écoles alors que la commune ne fait plus que mettre à disposition les établissements.

D'un côté, le conseil communal approuve le document fourni par les écoles et la direction. De l'autre, un point concernant les élèves de l'école primaire du plateau du Funiculaire est plus intéressant. Comme au début, l'établissement était surpeuplé, des élèves ont dû être placés au Fousbann ou à Oberkorn. Mais désormais, le Fousbann et Oberkorn ont aussi besoin d'être soulagés. C'est pourquoi le collège échevinal propose de drainer les nouveaux élèves vers l'école du Centre, qui a été soulagée par l'EIDE. Il y a donc de la place.

La commune va demander aux parents des enfants scolarisés à Oberkorn ou au Fousbann ce qu'ils veulent faire. En principe, les élèves resteront dans leurs écoles actuelles, mais un changement est possible sur demande — par exemple si un membre d'une fratrie va à l'école à Differdange.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) remercie la bourgmestre pour ses explications. Les socialistes approuveront les modifications proposées. Le collège échevinal a raison d'appliquer les modifications aux nouveaux résidents sans perturber les élèves déjà scolarisés. C'est aussi une bonne chose de laisser le choix aux parents, dont les enfants seraient autrement scolarisés dans deux écoles. Ce serait regrettable pour les élèves en question.

JERRY HARTUNG (CSV) s'associe à ce qui vient d'être dit. La répartition des enfants dans les différents secteurs scolaires doit se faire de manière sensée pour respecter les capacités des établissements.

Les éléments les plus importants figurent dans le dossier. Les élèves déjà scolarisés resteront là, où ils sont. Dans certains cas, les parents auront le choix. Envoyer deux frères dans deux écoles différentes compliquerait la situation des parents.

Merci. Da si mer beim Punkt 6. Do geet et ëm d'Grondschoul an d'Organisation. Et ass e bëssen anachronistes, dass mir nach als Gemengerot müssen déi eenzel Surveillancë vun de Schoulen ofseenen, mat deene mer u sech awer net méi ganz vill ze dinn hunn, ausser d'Infrastruktur zur Verfügung ze stellen.

Fir mech besteet dee Punkt aus zwou Saachen. Dat heescht zum enge, wou mer jo einfach esou ofstëmmen, wéi d'Schouldirektioun an d'Schoulen eis se ginn. An dat anert ass eppes, denken ech, wat fir d'Gemeng méi interessant ass.

Et geet ëm d'Schoulkanner vun der Primärschoul vum Plateau du Funiculaire, wou mer elo vill a laang driwwer geschwat hunn. Well de Schoulzentrum zu där Zäit, wéi do erageplënnert ginn ass, iwwerfëllt war, sinn déi jo devéiert ginn zum Deel op de Fousbann, zum Deel op Uewerkuer. Elo ass et awer esou, dass de Fousbann geschwënn aus allen Néit platzt. An Uewerkuer och Problemer huet.

Soudass mer virschloen – an ech hopen, Dir gitt mat op de Wee –, dass mer d'Kanner integral, déi elo wäerten an d'Schoul kommen, an den Zentrum drainéieren. Well deen e bëssen entlaascht ginn ass duerch d'EIDE. Dat heescht, do ass am Moment Plaz, fir Kanner opzehuelen. Dat wier elo fir déi Kanner, déi nei an d'Schoul ginn.

Fir déi Kanner, déi schonn an der Schoul sinn, sief et zu Uewerkuer oder um Fousbann, ginn d'Eltere gefrot, wéi se et wëlle maachen. Am Prinzip ginn d'Kanner an hirer aler Schoul gelooss. Wa se awer elo e kleng Brudder hunn, deen da géif am Zentrum ufänken, ginn d'Eltere gefrot, wat si wëllen.

Sidd Der averstanen, dass d'Secteur vun der Schoul nei opgedeelt ginn, an dass se net méi vum Funiculaire opgedeelt ginn, mee dass se an den Zentrum ugemellt ginn?

Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, merci fir

d'Erklärungen. Mir als LSAP stëmmen dat do mat. Mir sinn der Meenung, dass déi Ännerung, wéi se hei proposéiert gëtt, Sënn mécht. Mir fannen et gutt, dass dat eréischt fir zukünftige Awunner gëllt. Dat heescht, dass een do näischt op d'Kopp gehäit, wéi et am Moment ass, mee dass dat eréischt fir déi Leit gëllt, déi an Zukunft dohinner wunne kommen.

An ech fannen et och gutt, dass een den aktuellen Awunner, déi elo schonn do sinn, wou d'Kanner elo schonn an d'Schoul ginn, dass een deenen de Choix léisst, an dass een drop oppasst, dass net Gesëchter, déi an där selwechter Schoul sinn, dass do eppes ausernee-gerappt gëtt. Dat mengen ech, wär net immens sënnvoll fir d'Kanner. Duerfir fanne mer dat, wéi et hei proposéiert gëtt, eng gutt Saach. Mir droen dat mat. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Déifferdenger CSV kënnen mer eis deem uschléissen. Eng Opdeelung vun de Secteuren, wou ee wunnt an a wéi eng Schoul ee geet, soll esou ugepasst ginn, dass a punkto Unzuel eng beschtméiglech gläichméisseg Verdeelung vun eise Schoule mat hire jeeweilege Capacitéite gemaach gëtt. Déi wichteg Punkte si gesot gi respektiv stinn am Dokument: dass d'Eltere respektiv d'Schüler de Choix hunn, dass déi, déi schonn aktuell ageschoult sinn, an Zukunft weider an déi Schoul kënnen goen, wou se bis elo waren. Wat ee muss bedenken, wat och virgesinn ass, dass wa Gesëchter an enger Schoul sinn, dass och déi nächst Gesëchter de Choix hunn, an déi Schoul ze goen. Fir et net ze komplizéiert fir d'Elteren ze maachen. Merci.

7. Lutte contre le bruit

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, ech war e bëssi iwerrrascht, datt mer d'Surveillance-Pläng vun den eenzelne Schoulen hei zur Ofstëmmung virgeluecht kréien. Mir droen dat awer ganz gäre mat. Och d'Modifikatioun vun de Secteurs scolaires stëmmen mer mat. D'Schoul Déifferdeng-Zentrum, mir hunn et héieren, huet erëm e bëssi Capacitéit kritt. Doduerch kënnen d'Stroossen um Plateau du Funiculaire an dee Secteur plënnere. Doduerch kann haaptsächlech de Fousbann entlaascht ginn. Wuelwëssend, dass um Fousbann nach vill am Bau ass respektiv deemnächst wäert bäikommen.

Begrëssenswäert ass, dass déi Kanner, déi schonn an de Schoule waren, de Choix kréien. Mir stëmmen déi Modifikatioun gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Mir droen dat och mat. D'Iddi ass gutt. Et ass wichteg, dass et geännert gëtt, och wéinst dem Plazmangel. An et ass och ganz kloer, dass et eng gutt Iddi ass, dass d'Elteren de Choix hunn, well et ass net onbedéngt besser, wann déi zwee an déi nammlechte Schoul ginn. Mee si müssen dat gesinn. Dofir fanne mer et gutt, dass de Choix gelooss gëtt. Mir droen dat mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Wann et keng Wuertmeldunge méi dozou gëtt, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations au niveau des secteurs scolaires.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans de surveillance scolaire.

Merci. Fir de Punkt siwen, wou et ëm de Kaméidi geet, géif ech d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno weiderginn. Et geet ëm de Kampf géint de Kaméidi.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, genau, et geet ëm d'Bekämpfung vum Kaméidi. Wou vum Ëmweltministerium nei Pläng virgestallt ginn, wou d'Gemengen an ënner anerem och d'Bierger ëm hir Meenung vun deene Konzepte gefrot ginn. Et gëtt am Ganze véier Kategorien an deene Bekämpfungspläng. Dat ass engersäits de Kaméidi, dee vun den Autobunne kënnt oder vun de groussen Achsen, Stroossenachsen, mat méi wéi dräi Milliounen Passagé vun Autoen respektiv Camion pro Joer.

Zweetens: All déi grouss Eisenbahnen, wou ee méi wéi 30.000 Passagen zielt. En drëtten an e véierte Volet, eng Kéier de Fluchhafen vun der Stad Lëtzebuerg an eng Kéier d'Agglomeratioun vu Lëtzebuerg, well déi méi wéi 100.000 Awunner zielt. Wou mir eis net dozou äusseren, well mir jo bei deenen zwee leschten net concernéiert sinn.

Et ass en Avis conjoint vun néng Gemengen, déi sech an engem Croissant hei am Süde vum Land befannen. Vu Réiser am Südoste vum Land eriwwe iwwer Rodange am Südwesten. Firwat hunn déi néng Gemenge sech zesummedoen? Well se geografesch an enger Region leien an awer och well zwielef vun deenen zwanzeg Zonen, déi prioritär an der Bekämpfung vum Kaméidi sinn, an där Region leien.

Wann ee kuckt, wéi d'Bevëlkerung hei evoluéiert huet, vun 2016 un, wou ee

FRANÇOIS MEISCH (DP) s'étonne que le conseil communal doive approuver les plans de surveillance des écoles.

Pour ce qui est des modifications des secteurs scolaires, les démocrates les approuveront. L'école de Differdange-centre dispose de place. Les enfants du plateau du Funiculaire pourront donc y être scolarisés, ce qui soulagera le Fousbann. François Meisch rappelle que le Fousbann est en développement. Il trouve important de laisser le choix aux enfants déjà scolarisés.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) trouve les modifications importantes. Elle apprécie le fait que les parents aient le choix, car envoyer deux enfants dans la même école n'est pas toujours la meilleure solution non plus.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la lutte contre le bruit et cède la parole à madame Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique que le ministère de l'Environnement a présenté de nouveaux plans et que les communes et les citoyens doivent remettre leur avis.

Le bruit y est subdivisé en quatre catégories: les autoroutes et les grands axes routiers avec plus de trois millions de passages par an, les voies ferrées avec plus de 30 000 passages, l'aéroport et l'agglomération de Luxembourg. La Ville de Differdange n'est pas concernée par les deux derniers points et ne s'exprimera donc pas à leur sujet.

Neuf communes du sud situées dans le croissant entre Roeser et Rodange ont préparé un avis commun. En effet, elles se situent dans une région où se trouvent 12 des 20 zones prioritaires.

Depuis 2016, date du dernier plan, la population a augmenté. Plus de gens sont donc confrontés au bruit d'autant plus que l'accroissement démographique a surtout lieu dans le sud. Par ailleurs, le périmètre autour de Bettembourg a été modifié légèrement.

Dans leur avis, les communes regrettent qu'un bilan n'ait pas été tiré après les premiers plans. Les communes ont fait des proposi-

7. Lutte contre le bruit

tions, mais elles n'ont été concrétisées qu'en partie. Les plans ne permettent par exemple pas de connaître les effets du mur anti-bruit de Schiffflange alors que l'impact est forcément important.

Les communes voudraient aussi que l'on tienne compte de la superposition des bruits, car c'est ce qui tracasse les habitants. Une source de bruit ponctuelle est moins dérangeante.

Laura Pregno passe ensuite à ce que le plan appelle les incivilités quotidiennes, c'est-à-dire les actes des personnes ne se tenant pas aux règles morales et sociales. Bien sûr, on peut appeler la police, mais ce n'est pas évident. Les campagnes de sensibilisation sont une autre solution, mais elles n'apportent pas non plus nécessairement les résultats escomptés.

Les neuf communes proposent une série de mesures pour limiter le bruit. Parmi les pistes envisagées figurent les infrastructures techniques. Apporter des modifications n'est pas évident, mais les résultats peuvent être intéressants. La prévention et les mesures douces constituent le deuxième volet, qui inclut la mobilité douce et le trafic. La page 6 de l'avis reprend les mesures. Par exemple la réduction de la vitesse sur les autoroutes et entre les localités, car l'accélération des voitures sportives fait du bruit.

Ces mesures permettraient non seulement de réduire le bruit, mais aussi d'améliorer le climat. Laura Pregno pense non seulement à l'environnement, mais aussi le climat social exacerbé par le bruit.

Differdange aborde aussi la question de l'industrie, qui n'est pas prise en considération dans le plan national. La commune reçoit régulièrement des réclamations à ce sujet. Le collège échevinal en a discuté récemment avec les citoyens et l'entreprise en question. Il s'agit de réduire le bruit et les vibrations.

leschte Plang ausgeschafft gouf, gesäit een, dass d'Bevölkerung an d'Luucht gaangen ass. Dat heescht, et si méi Leit vum Kaméidi concernéiert. Dat läit engersäits dorun, dass mer en demografe-sche Wuesstem hunn. Deen natierlech virun allem de Süde vum Land concernéiert. Et läit awer och dorunner, dass deels eng liicht ofgeännert Kartographie gemaach ginn ass vum Impakt, deen de Kaméidi huet. Virun allem, wat d'Géigend vu Beetebuerg ugeet. Do si liicht aner Perimeteren agezu ginn.

Aus dem Avis geet ervir, dass liicht bemängelt gëtt, dass no deenen éischte Pläng kee konkreete Bilan gezu gouf. Ëmmer erëm si Propose vun de Gemenge gemaach ginn. Deels si se konkretiséiert ginn, deels awer och net. Wann een zum Beispill d'Situatioun vu Schëffleng kuckt, wou den Eisebunns-verkéier duerch Schallmaueren immens agedämmt gouf, kann een dat an deene Pläng fir de Moment nach net erauszéien. Wat dann awer och e bësse schued ass. Well dat jo awer natierlech e groussen Impakt huet.

De Gemenge läit weider um Häerz, dass net déi eenzel Geräischer respektiv den eenzelne Kaméidi als solche gekuckt gëtt, mee oft si mer och einfach beträff vun enger Superpositioun vu verschiddene Kaméidien. Mir liewen an enger Regioun, wou vill lass ass a wou vill Kaméidien zesummekommen. An et ass déi Superpositioun, déi de Leit meeschtens och ze schafe mécht. Well meeschtens gëtt ee mat engem Kaméidi, dee punktuell ass, awer nach relativ gutt eens als Bierger.

Ee Kaméidi, deen engem ganz vill ze schafen ëmmer mécht, deen awer leider an deene Pläng net virkënnt, dat ass alles, wat se esou léif als „Incivilités quotidiennes“ hei bezeichnen. Dat sinn all déi Leit, déi sech net un déi sozial a moralesch Gesetzer aus dem Alldag halen. Wou et ganz schwéier ass, dogéint virzegoen. Et gëtt natierlech d'Police. Mee dat ass natierlech och ëmmer ganz schwierig. Da kann ee vläicht nach eng gewësse Campagne de sensibilisation maachen, mee mir wëssen awer och alleguerten – an ech mengen, mir sinn och zu Déifferdeng, virun allem am Zentrum, beträff –, dass et ganz schwierig ass, dogéint virzegoen.

An dësem Avis proposéieren déi néng Gemengen eng ganz Rëtsch vu Mesuren, déi ee kéint virhuelen, fir de Kaméidi e bëssen erofzedrécken. Dat eent ass alles, wat Infrastrukturen ass, déi vun technescher Uerdnung sinn. Déi natierlech en immensen Opwand ëmmer sinn. Awer och immens vill bréngen.

E ganz anere Volet ass d'Preventioun a méi duuss Mesuren, déi awer nawell vill bréngen a virun allem och nohalteg ëfters sinn. Ënner anerem fält do dee ganze Volet vun der duusser Mobilitéit dran an natierlech och den ëffentleche Verkéier.

Op der Säit 6 vun dësem Avis fannt Der eng ganz Rei Mesuren, déi proposéiert ginn. Ënner anerem zum Beispill d'Reduktioun vun der Vitess op den Autobunnen, d'Reduktioun oder d'Nete-ropsteige vun der Vitess tëschent zwou Uertschaften, déi dann awer no beienee leien. Well dat jo oft en Unzéie vum Motor, soen ech elo mol, mécht. Wat vill Kaméidi mécht, een awer wéineg an der Zäit gewënnt. Ënner anerem Auspiff, déi vill Kaméidi maachen, Sportsautoen, déi och ëmmer ganz vill Kaméidi maachen, an esou Saachen.

Déi ganz Mesuren, déi proposéiert ginn, hunn direkt zwee Effekter. Engersäits drécke se de Kaméidi erof, an deen zweete positiven Effekt dovun ass, dass eng Verbesserung vum Klima doduerch stattfënnt. A mat Klima mengen ech net just ëmwelttechnesch, mee och dat soziaalt Klima, wat an enger Uertschaft kann herrschen. Well wa manner Kaméidi ass, sinn d'Leit och manner belasscht.

Fir Déifferdeng fannt Der en Abschnitt, dee sech ëm d'Industrie dréit, well och d'Industrie gëtt an dësem nationale Plang net berécksiichtegt. Wat eis och ëmmer erëm komesch erschénkt. Et sinn e puer Gemengen, déi an deem Fall sinn. All Gemeng huet lokal spezifesche eng Analys gemaach.

Fir Déifferdeng ass dat de Kaméidi, dee vun der Industrie kënnt. Wou mer och ëmmer erëm Petititiounen respektiv Reklamatiounen kréien. Déi mir dann och als Gemeng opgräifen. A wou mer eis nach kierzlech mat deem, vun deem de Kaméidi da kënnt, zesummegesat hunn. An och mat de Bierger eis zesummege-sat hunn, fir ze kucken, wéi ee Kaméidi

7. Lutte contre le bruit

dat ass a vu wou e kënnt. An natierlech en och e bëssen ze minimiséieren. Grad wéi och d'Vibratiounen, déi emol kënnen vun den Industrie kommen.

Alles an allem fannen ech den Avis ganz komplett. En ass flott a gräift vill verschidde Voleten op. Ech hoffen, Dir sidd där nämmelechter Meenung an ënnerstëtzt eis Servicer, andeems Der dee matstëmmt. Ech soe villmools Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechglift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass effektiv e ganz spannenden Avis. Zemools well een eng gewësse Frustratioun, Kritik awer erausliest, déi déi néng Gemengen hei zesumme formuléiert hunn, vis-à-vis vum Ëmweltministère. An immens spannend och, well déi néng Gemengen e bëssen hiert Schicksal selwer an de Grapp huelen an e bëssen iwwert dat eraus ginn, wat en Ëmweltministère oder d'EU virschreift.

Ech hätt zwou, dräi Froen. Am Bréif, dee vum Ëmweltministère kuum, Enn September, do geet rieds vun enger ëffentlecher Consultatiounsphas vu sechs Wochen, wann ech mech net ieren. Ech wollt froen, wéi déi ofgelaf ass. Huet all Gemeng déi selwer organiséiert? Ech hunn nämlech näischt dovunner matkritt. Oder ass dat den Ëmweltministère, deem déi direkt gemaach huet, déi Ëmfroe bei de Beträffenen? Dat wär mol ee Punkt.

Deen zweete Punkt: Déi ganz Propositionen an Iwwerleeungen, déi opgelëscht sinn op der Säit 6, dat sinn immens spannend Punkten. Ech géif souguer nach méi wäit goen, dass ee seet, dass een innerhalb vun de Stied generell Zon 30 aféiert. Wann ech kucken, bei mir an der Strooss, ech wunnen an der Lonkecher Strooss zu Nidderkuer, dat ass eng 30er-Zon. Mee ech mengen, dat hunn déi mannst matkritt, dass do soll maximal 30 gefuer ginn. Wat natierlech och immens vill Kaméidi mat sech bréngt.

An deem Sënn wollt ech och froen, wat mer als Gemeng selwer vun deene Propositionen, déi mer jo matausgeschafft hunn an deem Avis, géifen dann an Zukunft ëmsetzen an Eegeregier? Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Liesch. An dann den Här Muller.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Mir als Gréng begreisse fir d'ëischt, dass et esou eng Aktioun wéi déi heite gëtt. Dat heescht, dass d'Ministèren an d'Regierung sech mat deem Volet befaassen. Dass et also och e Kaméidisproblem bei eis am Land gëtt. Net nëmme bei eis am Land, mee dass dat och Repercussiounen huet op d'Liewensqualitéit vun de Bierger.

Et muss een natierlech ënnerscheeden tëschent Kaméidi, deem am Alldag oder am Dag stattfënnt, wou mer allegueren ennerwee sinn a schaffen a Saache maachen. An dem Kaméidi, deem nuets ass. A wann een d'Gesetzestexter kuckt, da fënnt een eigentlech ganz wéineg Unhaltspunkten. Do gëtt et just deem een oder deem anere Wäert emol, deem ze applizéieren ass. Mee vill Upak huet een eigentlech soss net. Duerfir si mer insgesamt ganz frou, dass emol en Dossier op de Wee bruecht ginn ass, fir dës Problematik Rechnung ze droen.

Elo zu dem Avis. Mir si ganz frou dorüwer, dass sech néng Gemengen – a wann een d'Awunnerzuel zesummerechent, sinn dat wierklech net déi klengste Gemengen, an et mécht och e ganz groussen Deel vun der Bevëlkerung vu Lëtzebuerg aus – hei zesumme fonnt hunn, fir e gemeinsamen Avis ofzeginn zu deem Punkt. An et gesäit een och, dass quasi all d'Partei vertruete sinn. Et ass also en Avis, deem net nëmme gemengepolitesch Zesammenhalt weist, mee och weist, dass et iwwert d'Parteipoliticken ewech e Konsens gëtt a ganz ville Saachen.

Dësen Avis, dat ass hei och scho gesot ginn, bréngt e bëssen déi Frustratioun ervir, dass schonn eng Kéier en Avis gemaach gouf a ville vun deem Avis ent-

Laura Pregno trouve l'avis particulièrement complet. Il est chouette et traite de nombreux volets. Elle espère que le conseil communal acceptera de soutenir les services communaux dans ce projet.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) trouve l'avis excitant — notamment parce que l'on ressent la frustration des neuf communes vis-à-vis du ministère de l'Environnement. Les communes veulent devenir maîtresses de leurs destins et aller plus loin que ce que demande le ministère de l'Environnement et l'UE.

La lettre du ministère de l'Environnement datant de septembre parle d'une phase de consultation de six semaines. Chaque commune a-t-elle organisé cette phase seule? Eric Weirich n'en a pas entendu parler. Est-ce le ministère de l'Environnement qui s'en est chargé?

Les propositions de la page 6 sont particulièrement intéressantes. Eric Weirich estime qu'il faudrait introduire les zones 30 dans les villes systématiquement. Il habite dans la rue de Longwy à Niederkorn. C'est une zone 30. Malheureusement, presque personne ne se tient aux réglementations.

Quelles propositions de l'avis la commune compte-t-elle réaliser elle-même?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) salue l'existence d'une telle action de la part des ministères et du gouvernement. Car le bruit dans le pays a des répercussions sur la qualité de vie des citoyens.

Pour Georges Liesch, il faut distinguer le bruit en cours de journée du tapage nocturne. Les textes de loi ne donnent pas beaucoup d'informations. Ils ne mentionnent que quelques valeurs à appliquer. C'est pourquoi il était important qu'un dossier aborde ce sujet.

En ce qui concerne l'avis, Georges Liesch se réjouit du fait que les neuf communes — qui ne sont pas les plus petites du pays — aient trouvé un terrain d'entente. Presque tous les partis sont représentés. Le consensus va au-delà des questions politiques. La frustration provient du fait que les communes ont déjà rédigé un avis dans le passé, mais

7. Lutte contre le bruit

que le gouvernement n'en a que peu tenu compte.

Cependant, une partie des points relevés ont été mis en application. Les transports en commun sont devenus gratuits — même si certains partis semblent avoir oublié entre-temps qu'ils soutenaient cette requête. C'était important pour la qualité de vie des habitants.

L'État et les communes encouragent le recours au covoiturage au vélo et aux voitures électriques. Les subsides de l'État de la Ville de Differdange vont exactement dans la direction de ce qui est demandé dans l'avis. Comme monsieur Weirich, Georges Liesch se demande quelles mesures la commune peut prendre elle-même. La commune offre par exemple des primes supplémentaires pour les vélos et les voitures électriques. Elle a mis en place le système Vël'OK. Bref, certaines des neuf communes ayant rédigé l'avis ont encore du potentiel d'amélioration.

Parmi les autres propositions figure la réduction de la vitesse à 110 km/h sur les autoroutes ainsi que la réduction de la vitesse entre les agglomérations. Georges Liesch mentionne des tronçons comme Belvaux-Oberkorn, où les nuisances sonores dues à la vitesse dépassent largement le temps que l'on peut gagner sur trois kilomètres où l'on roule plus vite.

Tous les partis sont aussi d'accord pour qu'à l'avenir on ne vende plus de 50 cm³ ou 80 cm³. Cela va relativement loin.

L'avis aborde aussi la question du contrôle inopiné du bruit. Actuellement, la police n'a que peu de moyens pour contrôler les voitures faisant du bruit. Elle peut tout au plus exiger que l'automobiliste se rende au contrôle technique. C'est pourquoi la police devrait disposer du matériel nécessaire pour mesurer le bruit des véhicules et intervenir le cas échéant. C'est ce que demandent tous les partis ayant signé l'avis. De toute façon, la plupart des gens ne sont pas concernés.

Il est aussi question de ralentisseurs et de feux passant au rouge. Depuis un an ou deux, la commune installe des ralentisseurs partout où les citoyens se plaignent du non-respect des limitations de vitesse. Le col-

weeder net opgegraff gouf oder vlächicht nach net ëmgesat ginn ass.

Ech probéieren awer emol déi positiv Saachen opzepräifen. Am Avis steet, dass eng Partie Punkten, déi se schonn eng Kéier gemaach haten, ëmgesat goufen. Notamment, dass den ëffentlechen Transport gratis ass. Wat jo dann och eng Fuerderung war. Déi vlächicht verschidde Parteien da vergiess haten, dass se dat hei matënnerschriwwen hunn. Op jidde Fall ass et ëmgesat. An ech mengen, dat ass e risége Sprong an der Liewensqualitéit vun eise Bierger, dass den ëffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg gratis ass.

Da steet awer och dran, dass den Encouragement vu Covoiturage, Vélo a Voiture électrique schonn ëmgesat ginn ass. Zu deenen dräi Punkten, mengen ech, brauch een näischt weider ze soen. Wann ee kuckt, wéi am Moment d'Subside si vum Staat a vun der Gemeng, déi een nach eng Kéier muss ausdrécklech begréissen, wat d'Vëloen an den elektreschen Auto ugeet, da gi mer jo genau an déi Richtung, wéi den Avis vun dësen néng Gemengen dann och geet.

Duerfir ralliéieren ech mech och e bëssen un d'Fro vum Här Weirich. Effektiv muss ee sech froen, wat fir Aktiounen maachen d'Gemengen dann och selwer, wa se Fuerderunge maachen, fir dës Punkten dann och weider ze ënnerstëtzen? D'Gemeng Déifferdeng huet zum Beispill eng Primm ausgeschafft, fir zousätzlech Primmen ze gi fir Vëloen a fir elektresch Autoen. D'Gemeng Déifferdeng huet e Vël'Ok-System op d'Bee gesat an elektrifizéiert. Wann een awer hei déi néng Gemenge kuckt, do sinn awer verschidde Gemengen, déi nach Potenzial hätten, wat se kéinten ausschaffen.

Dësen Avis huet et awer och bëssen a sech, wann ee kuckt, wat nach vu Fuerderungen opstinn, déi eigentlech vun alle Parteien, déi an deene Gemenge vertruede sinn, gefuerdert ginn. Ënner anerem d'Reduktioun vun der Vitess op 110 op den Autobunnen, d'Reduktioun vun der Vitess tëscht den Agglomerationen, wéi d'Madamm Pregno zum Beispill gesot huet. Mir kennen alleguerten d'Streck Bieles-Uewerkuer oder soss Strecken, wou een op dräi, véier Kilometer null Zäit gewënnt, an et awer zu richtegen Nuisances sonores

kënnt. Op jidde Fall, wann ee Verbrennerautoe fiert. Dat si scho Saachen, déi ee sech muss wierklech iwwerleeën, ob een déi net awer dann och muss ëmsetzen.

Och steet dran: „Interdiction de la vente de motocyclettes et moteurs thermiques“. Dat heescht näischt anescht,ers, wéi dass all déi Parteien, déi dat heiten droen, fuerderen, dass an Zukunft keng Verbrennermotore méi verkaf ginn, zumindest keng 50 ccm, 80 ccm an esou weider. Dat ass net méi an net manner, wat hei steet. Dat geet scho relativ wäit.

Ech probéieren nach een, zwee Punkten opzepräifen: Contrôle inopiné d'émissions de bruit. Och dat kenne mer. Wa Leit mat Autoe fueren, déi schrecklech Kaméidi maachen, do huet d'Police am Moment net vill Méiglechkeeten, dat ze kontrolléieren. Ausser si seet: „Du fiers, wannechgelift, op de Contrôle technique, fir dat kontrolléieren ze loosser.“ An natierlech, wann déi Leit mam Auto an de Contrôle technique kommen, ass alles an der Rei.

Soudass een eigentlech misst eis Police ekipéiere mat Material, wat dann och zougeloooss ass, fir op der Plaz selwer kënnen déi Saachen ze moossen an den Auto dann och einfach sécherzestellen an ze soen: „Mat deem Auto fiers de net virun.“ Dat ass haut net ginn. Dat fuerderen awer all déi Parteien, déi dat heite matënnerschreiwen. Mir och. Mir fannen, dass dat eng gutt Saach wär, wann dës Sourcen dann och géifen detektéiert ginn.

A mir schwätzen hei ëmmer nëmme vun enger Minoritéit vu Leit. Déi meescht Leit brauchen déi Kontrollen hei net ze fäerten, well se ganz einfach domadder näischt um Hutt hunn.

Da steet och dran: „Installation de dispositifs dissuasifs, tels que ralentisseurs ou feux qui passent au rouge“. Ralentisseurs, mengen ech, hu mer hei an der Gemeng ugefaange virun een, zwee Joer ongeféier, iwwerall ze setzen, wou d'Bierger eis gesot hunn, dass do gerannt gëtt respektiv de Motor opgedréit gëtt, bis hannen hinner. Wat jo dann erëm zu Kaméidi féiert.

Ech mengen, dass déi Politik, wéi ech et verstanen hunn, hei am Schäfferot, och nach ëmmer weidergefuert gëtt. Dat

7. Lutte contre le bruit

heescht, dass een op kruziale Punkten, laanscht Schoule respektiv am Zentrum vun Déifferdeng, Nidderkuer, Uewerkuer an esou weider, do mat esou Ralentisseure schafft. A mir gesi jo och schonn déi, déi mer installéiert hunn, dass dat wierklech eppes bréngt.

Nei wär „des feux qui passent au rouge“. Dat heescht also näischt anescht, wéi wann ee kënnt, deen ze vill Kaméidi mécht, d'Luucht da rout gëtt. Dat ass natierlech en zweeschneidegt Schwäert. Well et muss een oppasse mam Cumul beim Ufueren, beim Ofbremsen an esou weider, dass ee sech net an den eegene Knéi schéisst. Dat kéint vläicht och e Schoss no hanne ginn. Do wär ech e bësse méi virsiichteg. Mee et steet awer zumindest dran.

Dann, wéi d'Madamm Pregno gesot huet, steet och hei: „une sensibilité à large échelle contre les incivilités“. Mir kennen dat alleguerten. Elo stellt sech d'Fro: Ass dat déi grouss Mass vun de Sourcen, déi mer hei an eise Gemengen hunn? Natierlech gëtt et mol hei oder do eng Kéier eng Source Kaméidi, wou iergendeen eppes mécht, wat Kaméidi mécht. Oft am Dag. Meeschtens net an der Nuecht. Dat ass fir mech elo net de Punkt, wou mer vill Energie sollten drastiechen. Och wann et awer e Punkt ass, wou een eppes ka maachen.

Ganz wichteg, wat d'Madamm Pregno och gesot huet, sinn déi Saachen, déi an deem Avis hei eigentlech net berécksiichteg ginn. Vu véier Kategorie si mir jo bei zwou Kategorien dobäi. Mee mir vermessen effektiv hei am Avis déi Kategorie vun der Industrie.

Well wa mer eis Plaintë kucken, déi eis Bierger eis op d'Gemeng schécken, 90 % si Plaintë wéinst der Industrie, an net wéinst Incivilitéit – där sinn der och dobäi – an net wéinst dem Auto oder och scho guer net méi wéinst dem Zuch. Well déi maachen haut wierklech net méi esou vill Kaméidi. Ech ka mech net un eng Plainte erënneren, wou ee sech beschwéiert gehat hätt, dass den Zuch géif ze vill Kaméidi maachen. Mir hate mol déi eng oder déi aner, wou d'Usoen op de Garen ze haart waren an esou weider. Mee et ass d'Industrie. An déi feelt hei.

An ech mengen, dass mer do wierklech müssen nach méi wäit goe wéi den Avis

vun deenen néng Gemengen, déi jo just en Accompagnement proactif des autorités sur des sites industriels froen. Dat, mengen ech, geet net duer. En Accompagnement ass wichteg, fir ze weisen, do gëtt et e Problem, mat hinnen u Léisungen ze schaffen. Mee da muss awer och iergendwou eng Finalitéit erauskommen, dass dat awer esou net weidergeet.

Et kann net sinn, dass Industrien, déi matten an den Uertschafte sinn, an dat ass hei am Süden de Fall, esou vill Kaméidi kënne maachen, dass dat de Gros vun eise Plainten ausmécht. A wa mer dee Punkt net upaken, ech mengen, da si mer net kredibel par rapport zu all deenen anere Punkten, déi mer hei nach wëllen asetzen.

Insgesamt wäerte mer dësen Avis positiv stëmmen. Mir géifen eis souguer wënschen, dass een an deem engen an an deem anere Punkt, deen ech elo grad erläutere hunn, nach kéint e bësse méi wäit goen. An effektiv de Schäfferot encouragéieren, déi Punkten, souwäit et an hire Kompetenzen natierlech och ass, nach weider ëmzesetzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Mir sinn eis alleguer eens, dass de Kaméidi e groussen Challenge ass vun eiser aktueller Gesellschaft, well et kann och zu Schiedegunge féieren um Niveau vun der Gesondheet. Den Här Liesch ass a sengem Exposé op déi allgemeng Mesuren agaangen, déi hei an deem Plan d'action respektiv an deenen Avisa stinn. Mir begrëssen als LSAP, dass néng Gemengen en Avis conjoint ofginn hunn. Wat schonn eng gutt Saach ass. Et sinn der jo praktesch lauter aus dem Süden, also vun enger plus ou moins identescher Zon.

Wéi scho gesot ginn ass, och vun der Madamm Pregno, ass hei eng Analys gemaach ginn op dräi Achsen an der Haaptsaach. Ech war kucke gaang op de Site vum Environnement, do si jo

lège échevinal actuel poursuit cette politique en installant des ralentisseurs le long des écoles et dans le centre des localités. Ces mesures portent leurs fruits.

Le système des feux qui passent au rouge a pour objectif de stopper les véhicules faisant trop de bruit. Mais attention: avec le freinage et le redémarrage, on risque d'obtenir l'effet contraire.

Pour ce qui est du bruit engendré par les incivilités, Georges Liesch se demande si cela constitue une source importante de nuisances. Certes, il peut arriver que quelqu'un fasse du bruit en journée. Mais ce n'est pas le point sur lequel se concentrer le plus.

Madame Pregno a aussi souligné les points qui ne sont pas retenus dans l'avis. Georges Liesch pense notamment à l'industrie. Car 90 % des plaintes que reçoit la commune de la part de ses citoyens concernent l'industrie et non les incivilités, les voitures ou le train. Georges Liesch n'arrive pas à souvenir d'une seule plainte portant sur le train.

La Ville de Differdange doit aller plus loin que ce que demandent les neuf communes dans leur avis, c'est-à-dire un accompagnement proactif des autorités sur les sites industriels. L'accompagnement permettrait de définir les problèmes et de chercher des solutions. Mais une finalité est nécessaire. Il est inadmissible que des industries situées en plein centre des localités constituent le gros des plaintes. Si ce point n'est pas abordé, les communes ne sont pas crédibles.

Les écologistes approuveront l'avis. Ils souhaiteraient que certains points aillent plus loin. Ils encouragent le collège échevinal à mettre ces points en application lorsque cela est de sa compétence.

ERNY MULLER (LSAP) admet que la lutte contre le bruit constitue un vrai défi parce qu'il impacte la santé. Monsieur Liesch est revenu sur les mesures proposées dans l'avis et dans le plan d'action. Les socialistes saluent le fait que les neuf communes aient trouvé un terrain d'entente. Elles appartiennent toutes à une même zone dans le sud du pays.

7. Lutte contre le bruit

Madame Pregno a fourni les détails de l'analyse. Erny Muller a aussi consulté les rapports sur le site de l'Environnement. Mais le sujet est complexe, surtout pour les citoyens. C'est pourquoi il faudrait simplifier le vocabulaire dans le cadre de la consultation des citoyens. Comment parvenir à ce que les citoyens s'engagent? Car après tout, chacun peut apporter sa contribution.

Erny Muller constate que Differdange n'est guère concernée par la question des avions. En revanche, elle est concernée par l'axe ferroviaire. C'est un des points où l'État peut intervenir directement avec son partenaire, les CFL. C'est pourquoi il existe un plan d'action. L'avis est relativement positif concernant Differdange et les réclamations ont baissé. Le transport de marchandises par train n'est plus aussi fréquent et les CFL ont amélioré leur matériel.

Cela démontre que la lutte contre le bruit doit se faire à la source. Car on ne peut pas s'isoler au point de vivre dans un bunker. Les gens doivent pouvoir ouvrir leurs fenêtres et ressentir la vie. L'isolation n'est pas une vraie solution contre le bruit.

Erny Muller répète que les CFL réduisent le bruit à la source. Monsieur Liesch a abordé la question. Le conseiller communal rappelle qu'en 2018, lorsque l'arrêt d'Oberkorn a été inauguré, un mur antibruit de 300 m a été construit.

Le rapport précise par ailleurs que l'arrêt de Differdange-centre sera aussi transformé. Le pont sera notamment refait en 2025. On aménagera un mur antibruit de 300 m de hauteur avec vitrage intégré pour ne pas isoler entièrement les passagers.

Mais comme l'a dit monsieur Liesch, le train n'est pas le véritable problème. Des sommes importantes ont été investies dans l'amélioration du réseau.

Pour ce qui est des voitures et des axes routiers, Erny Muller se limite à analyser Differdange et se demande d'après quels critères les routes dans lesquelles on a effectué des mesures ont été sélectionnées. Il est question de l'avenue de la Liberté, la rue des Écoles, la rue Ni-

d'Rapporten, déi leien do vir, mat De-tailer vun de Miessungen. Mee et muss ee soen, dat ass e bësse méi eng schwéier Matière, vläicht schwéier verstëndlech och fir de Bierger dobaussen.

Duerfir ass et scho gutt, wann een dat méi vereinfacht, och virun allem wat d'Biergerconsultatiounen a -bedeeling ubelaangt, fir do méi e kloert Wuert ze schwätzen, wat d'Leit och do-bausse verstinn. An dat ass och e bessen, wat schonn hei gesot ginn ass: Wéi bréng mer de Leit dat hei elo bái? A wéi bréng mer et fäerdeg, dass d'Leit matengagéiert ginn? Well et ass eppes, wat eis alleguer ugeet a wou mer alleguer kënnen eppes dozou bäidroen.

Ech wëll nach zu deenen zwou Achse soen – vun der drëtter, de Fligere, si mer net direkt betraff hei, mir leien net direkt an enger Aflugschneis, e bësse vläicht, mee d'Fligere sinn nach zimmlech héich. Mee wou mer direkt betraff sinn, dat ass d'Axe ferroviaire. Ech wëll mol mat där ufänken.

Et gëtt eng ganz detailléiert Etüd dor-iwwer, an et gesäit een, do, wou de Staat direkt en Impakt huet, wou de Staat ka mat sengen Acteuren, wéi der CFL – hei ass jo direkt de Staat zoustänneg –, kann e Plan d'action maachen. Deen ass och gemaach ginn. An dee gëtt och ëmgasat. Do gesäit ee regelrecht, wat scho gemaach ginn ass. Notamment fir eis, fir Déifferdeng, ass den Avis relativ positiv. An dat ass och schonn hei gesot ginn, dass manner Reklamatiounen erakomm sinn.

Et muss ee soen, dat huet sech jo och geännert, well de Wuerentransport net méi esou massiv ass, wéi dat emol war. Mee awer an der Haaptsaach, well d'Eisebunn, d'CFL ganz staark Verbesserungen um Material gemaach huet. Souwuel um Fuermaterial wéi op de Schinnen. An do gesäit een, dass wann een de Kaméidi kann à la source vermeiden, dat ass ëmmer dat Bescht. Well et kann een esou vill isoléieren, wéi ee wëllt, herno sidd Der an engem hermetesche Bunker, wou ee kee Sauerstoff méi kritt. An de Mënsch muss och kënnen d'Fënster opmaachen a spieren, dass en nach leeft. Duerfir, déi Mesuren, fir alles ze isoléieren, dat si keng. Deelweis kann een dat maachen, mee dat kann net d'Léisung si géint de Kaméidi.

De Kaméidi à la source ofschiernen, wann en net ze vermeiden ass, dat ass eng aner. An dat mécht d'CFL och. An dat um Niveau vun den Arréten, vun den Zich. An do hu se dat Beispill erwänt, wat Dir och gesot hutt, Här Liesch, dass scho Saache realiséiert sinn. Zum Beispill fir den Arrêt Uewerkuer. Wéi deen 2018 a Betrib gaangen ass, do ass eng 300 m héich Schallschutzmauer opgeriicht ginn, déi soll déi Geräischer, déi zustane kommen, wann den Zuch ofbremst, erëm ufiert, all déi Mouvementer, ophuelen an d'Anrainer schützen virum Kaméidi, deen opkënn.

An et ass och erfreenlech, et steet am Rapport ganz kloer fir Déifferdeng dran, dass den Arrêt Centre, also eis Gare Centre, entre guillemets, och nach transforméiert gëtt. Well do ass jo och nach geplangt, dass déi Bréck soll nei gemaach ginn, do ass den Termin 2025 uviséiert, fir dann do dat selwecht ze maachen. Dat heescht och do eng Schallschutzmauer 300 m, eng gewëssen Héicht, mat integréiertem Glas, dass een och derduerch gesäit, dass dat net eng Mauer gëtt, déi de Benotzer vum Zuch komplett ofschierrmt. An och déi aner Säit, dass d'Leit net op eemol op eng Mauer kucken, wou fréier den Zuch gefuer ass. Neen, dat soll esou gestalt ginn, dass dat och convivial ass.

Ech mengen, den Zuch, wéi Dir och richtig gesot hutt, ass eise mannste Problem momentan. No all deenen Entwécklungen, déi et do gi sinn. Well do si jo ganz vill Suen dran investéiert ginn. A mir hu jo gesinn, wéi laang déi Aarbechte gedauert hunn, fir déi ganz Fuerstreck, dee ganze Soubassement vun de Gleiser an esou weider, wat alles nei gemaach ginn ass. An et ass natierlech dat, wou et drop ukënn.

Dann d'Autoen, d'Axes routiers. Wann ech mech elo op Déifferdeng begrenzen, Dir hutt jo alleguer déi aner Mesurë gesot, déi si scho gesot ginn, mee ech kucken elo mol just fir Déifferdeng. An do wonnert et mech awer trotzdeem, do si Miessunge gemaach ginn an ech weess net, no wéi enge Krittären, dass een do virgaangen ass, wien de Choix vun deene Stroossen deemools geholl huet, wou déi Miessunge waren.

Hei zu Déifferdeng wärend zu Nidderkuer, Avenue de la Liberté, Rue des

7. Lutte contre le bruit

Écoles, Rue Nicolas Theis Miessunge gemaach ginn. Do sinn och d'Wärter, d'dB(A)en, agedroen. Déi sinn och net ganz niddreg. An der ieweschter Limit leien déi. An dat selwecht zu Uewerkuer, d'N31, dat heescht d'Bielesserstrooss dorobber. D'Kartographie hunn ech net fonnt. Wou war déi Miessung genee?

An dann ass awer elo ganz wichteg, a mir bréngen dat jo och an eise Rapport fir Déifferdeng speziell ervir, dass mer nach e Problem hunn um Fousbann, an zwar Richtung Collectrice. Dat heescht de Contournement Fousbann, awer den Uschloss un d'Collectrice.

Dee jo nach net gemaach ass a wou mer jo och scho Reklamatiounen, oder op jidde Fall Meenungen hu vun den Awunner, den Anrainer. Déi gesot hunn: „Mir hätte gär déi selwecht Mesure wéi bei deem neie Contournement“, also dee vum Fousbann, dee Leschten, dee gemaach ginn ass duerch d'Schmelz. Do ass jo eng Schallmauer. An déi Schallmauer soll am Fong virugefouert gi Richtung Uschloss Collectrice. Dat heescht deen Deel, wat mer haut elo nenne Kalekerbaach, deen ieweschten Deel Richtung Zolwer. Wou mer och nach e Quartier hunn.

Et ass eng Miessung gemaach ginn. Iergendwou steet an engem Rapport Fousbann och e relativ héije Wäert. Awer et steet net do, wou um Fousbann. Ech mengen, et wär wichteg, och fir eise Rapport, fir eise Avis vun Déifferdeng Rechnung ze droen, dass een nach eng Kéier kuckt: Wou sinn déi Miessungen gemaach ginn? Firwat de Fousbann? Deen hätte mer jo gär, dass deen nach eng Kéier ënnersicht gëtt. Dat ass och schonn hei gesot ginn, dat ass elo eis Meinung. Dass ee ganz genee gesäit, wou sinn déi Miessungen.

A virun allem, mengen ech, de Lien zwëschen Environnement a Ponts et Chaussées ass méi no wéi herno mat private Bedreiwer, wou mer jo nach drop kommen. Dat ass deen drëtten Vole, d'Industrie, wou ech och wëll drop goen. Soudass mer do awer misse kennen eng Eenegung fannen, e Plan d'action fannen, fir déi Mesuren, déi konkret fir Déifferdeng sinn. Ech mengen, déi aner, déi gesot gi sinn, sinn allgemeng. Dat gëllt fir d'ganz Land. Mee

hei elo geet et drëm, och nach spezifesch Mesuren, e Plan d'action fir Déifferdeng ëmzesetzen.

Sou, da kéim ech zur Industrie. Well deem jo ganz vill Rechnung gedroe ginn ass an eise Déifferdenger Avis. Wat ech och als selbstverständlech ugesinn, wou ech scho laang hei wunnen, an ech och dat als eise gréisste Problem ugesinn. Dat ass d'Geräuschemissioun duerch eis Groussindustrie. Déi jo awer hei war virun eis, soe se mol ëmmer. Dat heescht, fir d'ëischt war d'Industrie do, fir d'ëischt war d'Schmelz do an duerno sinn d'Awunner komm. Awer dat ass scho laang hier. An ech mengen, dat muss sech änneren.

Dat heescht, dat Zesummeliewe muss an engem gewësse Respekt vis-à-vis vun den Awunner geschéien, dat Ganz. Et ass, wéi Dir richteg gesot hutt, Här Liesch, deem gëtt guer net hei Rechnung gedroen. Dat heescht, den Environnement dréit där ganz grousser Problematik fir Déifferdeng net Rechnung. Do musse mir ganz staark intervenéieren, noutfalls géif ech souguer soen – well ech wollt hei froen, ob eng Kartographie besteet fir déi Problematik. Ech mengen, si besteet net. Da musse mer déi Miessungen maachen.

Ech weess awer, dass do, wou ech wunnen, zum Beispill, si mer ganz staark belaascht duerch de Kaméidi. Et si Miessungen op engem Balcon vun engem Noper gemaach ginn, vun der ITM. An ech mengen, dass déi och dem Environnement zoukomm sinn. Soudass awer net näischt do ass. Mee an de Rapporten ass näischt.

Elo géif et drëms goen, dass mir kucken, e Kadaster ze erstellen iwwert d'Emission-de-bruiten, déi mat der Industrie zesummenhängen. ArcelorMittal huet un all Bierger, un all Menage eng Publikatioun gemaach, dass se à l'écoute vun de Bierger vun Déifferdeng wäeren, wat d'Problematik vum Kaméidi an anerer ubelaangt. Och d'Emissiounen a Stëbs an aner Emissiounen.

Ech hat mat Leit, déi mat mir wunnen, e Brëf geschriwwen un d'ArcelorMittal. An ech muss soen, si hunn hiert Verspriechen agehalen. Si sinn zesummekomm mat eis an zwou, dräi Reuniounen. Duerno war et wéinst Covid

colas-Theis, etc. Les valeurs sont relativement élevées. La même chose est vraie pour la route de Belvaux à Oberkorn.

Differdange a aussi un problème au Fousbann en direction de la collectrice. Le raccordement à la collectrice n'est pas encore réalisé, mais les riverains se plaignent déjà. Car le nouveau contournement dispose d'un mur antibruit, qui doit être développé en direction de la collectrice, c'est-à-dire la Kalekerbaach. Des mesures ont été réalisées. Les valeurs au Fousbann sont relativement élevées. Mais il serait important d'indiquer clairement où ces mesures ont été effectuées.

Dans le cas du contournement, le lien entre l'Administration de l'environnement et l'Administration des ponts et chaussées est plus fort qu'avec des exploitants privés.

Dans ce contexte, Erny Muller passe à l'industrie et aux mesures qui concernent spécifiquement Differdange. Les autres mesures portent sur tout le pays. Erny Muller habite à Differdange depuis longtemps et il est par conséquent conscient du problème que les nuisances industrielles représentent. Il signale que l'usine s'est développée avant l'arrivée des habitants. Mais c'était il y a longtemps et les choses ont changé.

La cohabitation doit se faire dans le respect. Mais comme l'a dit monsieur Liesch, le ministère de l'Environnement ne s'intéresse pas du tout à ce problème dans son plan. C'est pourquoi la commune doit intervenir et réaliser le cas échéant une cartographie des mesures. Erny Muller habite à proximité et sait de quoi il parle. L'inspection du travail et des mines a effectué des mesures sur le balcon d'un de ses voisins.

Erny Muller propose de réaliser un cadastre des émissions du bruit industriel. ArcelorMittal a informé la population que l'entreprise était à son écoute. Erny Muller a écrit une lettre à ArcelorMittal avec d'autres résidents. ArcelorMittal a maintenu ses promesses. Deux ou trois réunions ont eu lieu.

Erny Muller explique qu'il existe deux problèmes. Les sirènes et les avertisseurs sonores constituent une vraie catastrophe, de jour comme de nuit. Parfois, il n'est

7. Lutte contre le bruit

même pas possible de s'asseoir sur le balcon en été. Mais le recours à ces avertisseurs sonores est fixé par l'ITM. Car théoriquement, de nuit, ils pourraient être remplacés par des avertisseurs visuels.

En tout cas, la volonté d'Arcelor-Mittal d'aider les riverains est manifeste. Les modifications les plus simples devraient pouvoir se faire rapidement.

En revanche, un autre problème sera plus difficile à résoudre. Il concerne la manipulation des poutrelles. Le bruit est terrible, surtout la nuit. Pour résoudre le problème, ArcelorMittal devrait investir des sommes énormes. Au pire, il faudra ériger un mur antibruit pour isoler les halles. Erny Muller rappelle qu'il a longtemps travaillé à l'usine. Il n'est pas contraire à l'industrie. Mais la cohabitation doit bien se passer. Il n'est pas question de fermer l'usine, mais de trouver des solutions.

Erny Muller exhorte le collègue échevinal à réaliser un cadastre des sources de bruit pour disposer d'une vue complète du problème.

ALI RUCKERT (KPL) signale que le dossier dont parle le conseil communal s'appelle Projet de plan d'action contre le bruit des grands axes routiers et des grands axes ferroviaires. En d'autres termes, l'industrie n'est pas du tout concernée et c'est pourquoi elle n'est pas traitée dans le rapport — si ce n'est sur 6 lignes auxquelles s'ajoutent 11 lignes dans les 10 pages concernant Differdange.

Cela prouve qu'il ne faut pas trop parler de ce problème même s'il s'agit d'un des grands défis auxquels la population differdangeoise est confrontée. Par ailleurs, le problème est tout aussi important à Esch. Ali Ruckert n'est quant à lui pas d'accord avec le fait qu'on n'en parle pas. Mais c'est une tradition dans le pays.

En janvier 1966, le député communiste Jos Grandgenet a abordé la question de la pollution et du bruit à la Chambre. Le dossier n'a donc rien de nouveau. Mais rien n'a été fait. Tout au plus, les patrons ont investi dans de nouvelles technologies dans l'espoir d'accroître leurs gains.

erëm flaach gefall. Well duerno hätte mer sollen eng Visitt maachen.

Et gëtt zwee Hauptproblemer. Deen éischte sinn déi sëllegen Tuten, Sirenen, Avertisseur-sonore vun allen Enginen, déi fueren. Dat ass eng Katastroph. Do piipst et, do geet eng Sireen, op eemol ass erëm eng Tut amgaang. Dat geet Dag an Nuecht, an engem Stéck, an engem Stéck. Dir kënnt heiansdo net méi um Balcon setzen, dobaussen an der frëscher Loft am Summer. A si si sech däers och bewosst.

An natierlech ass och e Problem do. Well d'ITM schreift déi Avertisseur-sonoren alleguer vir. Wann zum Beispill, um Niveau vun der Reglementatioun, géif en Ënnerscheid gemaach ginn zwëschent Dag an Nuecht, dass et zum Beispill nuets géif duergoen, wann den Avertisseur net acoustique wär, mee einfach e Blinklicht oder soss eppes, en Avertisseur visuel — dat geet jo nuets. Ech mengen, dat gesäit jo da jiddwereen, wann esou eng Dréiluucht oder esou eppes funktionéiert. Do kéint een och ënnerscheiden, diversifizéieren.

Ech wëll elo net ze wäit goen, mee de Wellen ass do vu Säite vun ArcelorMittal — dat hunn ech selwer erfuer —, fir de Bierger do ze hëllef. Soudass mer op jidde Fall déi einfach Saache schnellstméiglech ëmgesat kréien. Dat sinn déi, déi ech elo erwänt hunn.

Mee da gëtt et nach eng aner Saach. An dat ass net esou einfach. Dat ass de Kaméidi duerch de Prozess. An haapt-sächlech dee mat den Träger, d'Manipulatioun vun den Träger. Dat ass eppes, wat wierklech ganz schlëmm ass — a speziell nuets. An och dat si mer ugaangen. Mee do musse massiv Zommen investéiert ginn. Léisunge gëtt et fir alles. A wann et keng gëtt, da muss eng Schallmauer dohigesat ginn, wou d'Source de bruit ass. Dat heescht, da mussen déi Halen esou ofgeschiermt ginn, dass de Kaméidi net méi erauskënnt. An et ass och dat, wat ech hinne gesot hunn. An ech hu jo laang do geschafft.

Ech si minded. Dat heescht, ech sinn net géint d'Industrie. Ech si fir d'Industrie. Mee ech si fir e gutt Zesummeliewen zwëschent Industrie an dem Bierger, well mir brauchen och d'Industrie. Jiddweree brauch eng Aarbecht. Et

kann net sinn, dass mer soen, elo maa-che mer do zou. Mee et ass, dass mer soen, kommt mir kucken, dass mer eng Léisung fannen, dass mer e Plan d'action kréien.

An duerfir och en Appell nach eng Kéier vun eiser Sait: Kuckt dat do nach eng Kéier no. Versicht wierklech e Kadaster ze erstellen, dee mat där doter Problematik zesummenhängt. Dann hätte mer e komplett Bild, en ofschléisend Bild, wéi mer eis Gemeng beschtméiglech vis-à-vis vun där doter Problematik kéinten ofschiermen. Ech soen Iech Merci. Wéi gesot, mir stëmmen och den Avis.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, den Dossier, iwwert dee mer hei schwätzen, nennt sech Projet de plan d'action contre le bruit des grands axes routiers et des grands axes ferroviaires. Dat ass den Numm dovun. Hutt Der elo héieren, dass ech eppes vun der Industrie gesot hunn? Dat steet also iwwerhaupt net an deem Titel vun deem Avis. An dat heescht, dass et och esou behandelt gëtt.

Iwwert d'Industrie sti grad emol sechs Zeilen dran. An da kommen nach eelef Zeile vun deenen zéng Säite derbäi iwwer Déifferdeng. Dat ass jo schonn de Beweis, dass net doriwwer soll geschwat ginn. Oder just um Rand soll doriwwer geschwat ginn. Dat ass awer eng vun deene groussen Erausforderunge fir eis Bevëlkerung zu Déifferdeng. An net nëmmen zu Déifferdeng. Och zu Esch, zum Beispill, wou dee Problem genau esou grouss ass wéi zu Déifferdeng.

Do gëtt scho vu vir eran den Industrieberäich als Stéifkand behandelt. Et soll net driwwer geschwat ginn. Oder vläicht just e bëssen. An domat sinn ech net d'accord. Mee dat entsprécht awer enger gewësser Traditioun, déi hei an deem Land herrscht.

7. Lutte contre le bruit

Ech wëll drun erënneren, dass haut genau viru 55 Joer, am Januar 1966, de kommunisteschen Deputéierte Jos Grandgenet an der Chamber geschwat huet iwwert d'Loft an de Kaméidi hei am Süden. An dass en do konkreet Moossnamen dergéint gefuerdert hat. Et ass also net, dass mer elo deem Dossier nei géifen entdecken, mee deem ass ural. Et ass just ganz wéineg an dem Industrieberäich passéiert. Wann net just nei Technologie komm sinn an d'Patronen decidéiert hunn, déi unzewenden, well se sech domat erwaart hunn, méi e grouse Gewënn ze maachen, dann ass ganz wéineg, fir net ze soen näischt, passéiert.

Et misst eng Preventioun gemaach ginn. Preventioun, déi misst erfollegen, wa Betriber nei gebaut ginn, awer och wann d'Produktiounsanlagen erneiert ginn. An do läit d'Kromm an der Heck. Well Investitiounen an Ëmwelt, dass manner Stëbs géif gemaach ginn oder manner Kaméidi, déi gehéieren net zu de strateegeschen Investitiounen vun der Stolindustrie. Déi gehéieren net zu hirem Kärgeschäft. Well fir d'Aktionäre bedeit dat, wa vill dran investéiert gëtt, dass se manner Profit kënne maachen an domat och manner Profit ënnert den Aktionäre ka verdeelt ginn. Et ass net, fir nëmme léif ze froen: Wëllt Der dann net vläicht dëst oder dat maachen, do muss ee Gesetzter maachen, dass Leit geschützt ginn. An dass déi, deenen déi Betriber gehéieren, derzou verpflichtet ginn, Mesurë géint d'Loftverschmutzung a géint de Kaméidi ze huelen.

Genau dat ass an der Vergaangenheet awer net geschitt. An et geschitt och haut nach ëmmer net. Et ass schéin, wann een eng Moossstatioun opstellt – an dat ass wichteg –, mee da muss awer och eppes erfollegen. Da musse Konsequenzen doraus gezu ginn. Da kann ee sech net zéng Joer laang mat den Hären an Damme vun ArcelorMittal un en Dësch setzen an da léif diskutéieren an am Enn kënnt nach ëmmer näischt derbäi eraus. An an där Situatioun si mer leider zum groussen Deel.

Et misste Gesetzter gemaach ginn, wou an d'Produktioun kann agegraff ginn. Dass schonn um Niveau vun der Produktioun iwwer Pollueur-payeur missten Decisiounen geholl ginn. Well net nëmmen d'Loftverschmutzung, och de Kaméidi ass e Pollueur. An do dierf net

nëmmen driwwer geschwat ginn, mee et mussen och Decisiounen kënne geholl ginn.

Duerfir fannen ech deem Avis – et ass alles schéin a gutt, mee Pabeier ass gedëlleg! A besonnesch, wann ech an deem Avis liesen, dass jo awer net eréischt zënter deem Joer, mee scho ganz laang, Kloen do sinn iwwert de Kaméidi. Ech liesen hei, zum Beispill, wat d'Gemeng Déifferdeng ugeet: „La plupart des plaintes reçues par les autorités communales émanent de riverains excédés par des bruits d'origine industrielle dont l'intensité, la fréquence et la durée peuvent être très variables.“

Do handelt et sech eeben net nëmmen ëm déi verschidde Geräischer, déi gemaach ginn duerch Getuuts an esou weider, mee do handelt et sech ëm déi Geräischer, déi an der Produktioun, duerch d'Produktioun entstinn. An der Veraarbechtung vun de Produkter, déi do gemaach ginn.

An do muss ee soen, do ass an der Vergaangenheet a bis haut häerzlech wéineg geschitt, fir dass do eng Ännerung soll kommen. An ech fannen hei néierens an deem Avis eppes, wou eng Gemeng géif soen: Ma mer hätte gär, dass dëst an dat och geschitt. Hei ass eng Oplëschtung vun de Problemer. Mee wat soll da konkreet ënnerholl ginn? Do misst een dach och als Gemeng konkreet soen, mir hätte gär dat an dat. Dat misst jo awer an deem Avis geschriwwen ginn. Soss verpufft dat erëm, wéi scho vill Saachen an der Vergaangenheet verpufft sinn.

An dat ass och de Grond, wa mer näischt Konkreetes draschreiwen, firwat ech mech bei der Ofstëmmung iwwert deem Avis enthalte wäert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, meng Virriedner hunn et eigentlech schonn op de Punkt bruecht. Et ass wichteg, deem

En fait, il faudrait prendre des mesures de prévention quand de nouvelles entreprises sont construites ou que des usines sont rénovées. Mais les investissements contre la pollution et le bruit ne font pas partie des investissements stratégiques de l'industrie de l'acier. Pour les actionnaires, cela reviendrait à diminuer leurs bénéfices. Il ne suffit donc pas de leur demander gentiment s'ils ne veulent pas faire quelques efforts. Des lois sont nécessaires pour protéger les gens et forcer les propriétaires à prendre des mesures.

Il est bien beau de faire des mesures, mais il faut que des actes suivent. Il ne suffit pas de discuter gentiment pendant dix ans avec les gens d'ArcelorMittal.

Il faut des lois permettant d'intervenir au niveau de la production allant dans le sens du pollueur-payeur. Car le bruit aussi constitue une forme de pollution. Il ne suffit pas de le dire; il faut prendre des décisions.

L'avis est chouette, mais ce n'est que du papier. Or les plaintes de la population ne datent pas d'hier. Ces plaintes ne portent pas seulement sur les sirènes, mais sur la production des produits. Ali Ruckert répète que peu de mesures ont été prises jusqu'ici. Et l'avis des neuf communes ne dit pas clairement quelles actions devraient être envisagées. Les communes ne font que dresser une liste des problèmes sans proposer de mesures concrètes. C'est ce qu'il faut écrire dans l'avis. Autrement, cet avis n'apportera rien de plus que les précédents.

Ali Ruckert s'abstiendra lors du vote.

GUY TEMPELS (CSV) constate que les orateurs précédents ont déjà dit ce qui était important. Pour lui, cet avis dit être approuvé même s'il faudra en assurer le suivi. Car autrement, l'avis ne servira à rien.

7. Lutte contre le bruit

Guy Tempels a recherché les plans sur le géoportail. Differdange est prise en tenaille entre la voie ferrée d'un côté et l'autoroute d'Esch de l'autre. Les autres routes ne semblent pas avoir un impact énorme.

Pour le reste, Guy Tempels ne comprend pas comment le ministère de l'Environnement peut oublier l'industrie. Mais les chrétiens sociaux approuveront l'avis.

ROBERT MANGEN (CSV) ne veut pas revenir sur les problèmes de santé que peut engendrer le bruit — notamment sur le système cardiovasculaire. Certes, il est important de le rappeler, mais il ne veut pas tenir un exposé là-dessus. Il se réjouit que tous les intervenants soient conscients des nuisances sonores.

Robert Mangen souhaite aussi parler du bruit de voisinage — par exemple les climatiseurs, les pompes à chaleur ou les hottes de restaurants. Il s'agit de bruits sourds, mais gênants.

Robert Mangen est d'accord avec monsieur Muller concernant le cadastre des sources de bruit. Il travaillera sur ce projet avec madame Pregno pour détecter les problèmes ponctuels et prendre des mesures.

Le règlement de police fixe des règles concernant les incivilités et le bruit de voisinage. Robert Mangen s'en occupera dès qu'il trouvera le temps.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP) souhaite revenir sur une remarque de monsieur Muller. Lui aussi a regardé les plans sur emwelt.lu. Il regrette qu'un sujet important concernant spécifiquement Differdange ne soit pratiquement pas abordé. Il tient à dire que cela n'est pas la faute du collègue échevinal.

Le dossier est énorme et pas toujours facile à comprendre. Pierre Hobschuit espère qu'une version grand public sera aussi mise à disposition. Le PDF de 68 pages en français difficile constitue probablement une barrière pour beaucoup. C'est dommage, car le problème abordé concerne tout le monde quotidiennement. L'État a du pain sur la planche.

Avis hei ze stëmmen. Et ass awer och grad esou wichteg, an den Avis seet et selwer, dass herno och e Suivi gemaach gëtt, oder dass eppes geschitt. Mir kënnen vill Aweise schreiwen, wann herno näischt geschitt, da bréngt dat alles näischt.

Ech hu mer e bëssen d'Méi gemaach, um Geoportail sinn déi Kaarten agezechen: Do leie mer riets eigentlech esou an enger Zaang. Déi eng Säit hu mer d'Eisebunn, déi Kaméidi mécht, an déi aner Säit hu mer d'Escher Autobunn, déi e bësse méi wäit ewech ass. Déi aner Stroosse schéngen net esou ee risegen Impakt ze hunn, wann ech dat vis-à-vis vun enger Autobunn kucken, trotzdem ass do iwwerall Kaméidi. Mee dat gréissert Lach, et huet jiddwereen et gesot, dat ass – ech verstinn do den Ëmweltministerium net, deem esou eppes op de Plang rifft an de Kaméidi vun der Industrie vergësst. Hei muss, denken ech, nogebessert ginn. Natierlech wäerte mir trotzdem mat Jo stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Mangen, wannechgelift.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, ech wëll elo net op d'Gesondheetsschied bei Kaméidi agoen, dat ass scho säit Jore gewosst, ënner anerem Häerzreeslafproblemer. Et ass scho wichteg, dass ee sech dorëm këmmert. Ech halen awer elo keen Exposé. Et freet mech, dass all d'Intervenanten op déi aner Geräischquellen agaange sinn.

Ech wëll och op den Noperschaftskaméidi nach opmierksam maachen, wouriwwer elo net vill geschwat ginn ass, zum Beispill Klimaanlagen, Abzugshauben vu Restauranten. Dat ass e ganz dumpft Geräisch, dat och duerch d'Mauere geet a wouduerch d'Leit och geplot sinn. Dat däerf een och net vergiessen. Wärmepumpen, wat en dumpft Geräisch ausléist. Op déi Saache sollt een och agoen.

Et freet mech, an ech hu mer dat och opgeschriwwen bei der Virbereedung, wat den Här Muller gesot huet, iwwert

de Geräisch-Kadaster. Ech wäert mech mat der Madamm Pregno zesummesetzen, dass mer op dee Wee ginn, fir dat ze maachen. Do fanne mer dann eraus, wou déi punktuell Problemer sinn an der Gemeng. An da kann ee Moossnamen huelen, fir dergéint virzegoen.

Géint den Nopeschkaméidi an d'Incivilitéite kënnen mer als Gemeng eppes maachen. Do kann een iwwer e Police-reglement verschidde Saachen ënnerehuelen. Wann ech erëm Zäit hunn, wäert ech mech dorëm këmmere a kucken, dass een op dee Wee geet, fir eng Reegelung ze fannen, dass een dat kann e bësse reduzéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Här Hobschuit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech wëll just eng Remark maachen. Den Här Muller war drop agaangen, eppes, wat mer wichteg ass ze soen. Ech war mer op emwelt.lu déi verschidde Pläng ukucken. An ech muss soen, dass ech et awer wierklech bedauern, dass mer en Thema, wat eis alleguer betrëfft – duerfir kann de Schäfferot elo näischt, dat wëll ech hei kloer soen – mee en Thema, wat eis alleguer betrëfft, esou schweierfällg duerstellen.

Ech hoffe wierklech, dass nieft deene Pläng, wat riseg Dokumenter sinn, déi net ëmmer ganz einfach ze verstoe sinn, mer et awer fäerdegbréngen, och dem Grand public d'Dokumentatioun zur Verfügung ze stellen. Wou de Leit erkläert gëtt, ëm wat et geet. Wat virgesinn ass. Firwat mer dat maachen. Well ech muss soen, wann een e PDF opmécht, deem 68 Säiten huet, deelweis a komplizéiertem Franséisch, mengen ech, dass dat awer fir vill Leit eng Barriär. A bei engem Problem, deem awer nu wierklech all Mënsch a sengem Alldag a sengem Liewe betrëfft, fannen ech dat e bësse schued. An ech hoffen, dass a punkto Informatioun vu staatlecher Säit awer nach nogerüst wäert ginn. Merci.

8. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech weess net, ob an deene Reunionen eist Policereglement a Consideratioun gezu ginn ass. Mir hunn e Policereglement, dat viru véier Joer erneiert ginn ass. Do stinn e ganze Koup Saachen dran, wat de Kaméidi an eiser Stad uget, wat d'Noperschaften ubelaangt, u wat ee sech ze halen huet oder net. Do hate mer schonn en enorme Schrëtt no vir gemaach am leschte Policereglement, wat nach guer net esou al ass. Dat huet véier oder fënnf Joer maximum. An ech weess net – dat wäert jo vu Gemeng zu Gemeng ënnerschiddlech sinn –, ob dat consideréiert ginn ass. Iwwert d'Policereglement kann ee relativ vill maachen.

Ech wëll och nach soen, dee Kaméidi, deen d'Industrie mécht – ech wëll hei e Beispill nennen, wou d'Awunner aus där Géigend ronderëm de Flughafen et fäerdegbruecht hunn, datt do nuets net méi däerf geflu ginn. Wann een an der Industrie géif op de Wee goen, datt déi Saachen, déi esou vill Kaméidi maachen, net méi däerfte geschéien nuets, mee just am Dag, da wär ee scho vill méi wäit. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Ech wollt op e puer Froen äntweren, déi ervirbruecht goufen. Mir haten dat natierlech ausgehaangen, an d'Bevëlkerung konnt sech och dozou äusseren. Menges Wëssens ass awer näischt komm. Wat dann och warscheinlech doru läit, dass et zwar en Thema ass, wat jidderee concernéiert, mee am Endeffekt et ganz wéineg digeste ass, wéi den Här Hobscheit dat jo och gesot huet.

Mir als Gemeng, den Här Liesch huet et schonn opgegraff, hunn eng ganz Rei Saachen, déi an deene Propositionen och hei ervirgehuewe gi sinn, scho gemaach. A mir wäerten dat och weidermaachen. Ënner anerem déi Ralentisseuren, déi mer installéiert hunn a mer der och nach weiderhin um Plang hunn. De Vël'OK ass mentionéiert ginn. Eis Primme fir E-Mobilitéit. Awer och d'Ewechhuele vu fräien Nuechten ass och ëmmer méi oft gemaach ginn, einfach fir dee Kaméidi vun owes spéit ze limitéieren. D'Cafésbesëtzer sinn avertisséiert ginn, wann d'Terrassen ze haart waren. Déi Saache si vun der Gemeng ënnerholl ginn.

Effektiv intituléiert deen Avis oder dee Plan d'action de lutte contre le bruit dans l'environnement net d'Industrie. Dat ass vu vireran ewechgelooss gi vum Ëmweltministère. Mee ech mengen, et muss een ervirhiewen, dass dat Kapitel awer vun de Gemengen opgegraff ginn ass, fir ze weisen, dass eis dat um Häerz läit, an dass dat och wichteg ass. An ech spieren hei, ech hunn dat Gefill, dass Der wëllt, dass mir eis do weider investéieren. An ech denken, dass et ganz interessant wier, eng méi fein Kartographie fir Déifferdeng hierstellen ze loosse, fir dass mer als Déifferdenger Gemeng an als Déifferdenger Bierger kënnen dee Sujet méi lokal opgräifen a méi lokal bekämpfen, wéi dat vläicht vum Nationale gewollt ass. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 18 voix et 1 abstention d'émettre l'avis communal relatif aux projets du plan d'action et de lutte contre le bruit.

Merci. Deen nächste Punkt 8a, dat sinn Akten a Konventionen. Do geet et ëm eng Parzell um lieu-dit Rue Michel Mosinger zu Uewerkuer. Do keeft d'Gemeng der Sociéit Oschterbour 7,9 Ar of fir e Präis vun 276.500 Euro. Fir an deem Haiser-Areal en Espace public respectivement en Aire de jeux ze garantéieren.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se demande si le règlement de police, qui a été revu il y a quatre ans, a été pris en considération lors des réunions. Il contient beaucoup d'éléments concernant le bruit à Differdange et son voisinage. Fred Bertinelli constate que chaque situation est différente, mais qu'il est possible de prendre des mesures à travers le règlement de police. En ce qui concerne le bruit industriel, il signale que les riverains de l'aéroport ont réussi à interdire les vols de nuit. Fred Bertinelli suggère que les opérations industrielles occasionnant beaucoup de bruit ne soient plus effectuées la nuit.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *signale que la population a pu s'exprimer sur le sujet. Mais la commune n'a pas reçu de remarques. Le sujet concerne tout le monde, mais il n'est guère digeste comme l'a souligné monsieur Hobscheit. La commune a déjà réalisé plusieurs des mesures figurant dans le dossier — par exemple l'installation de ralentisseur, le système Vël'OK, la prime pour la mobilité électrique, les nuits blanches... Les cafetiers ont été avertis lorsqu'ils faisaient trop de bruit.*

Il est vrai que le plan d'action du ministère de l'Environnement ne mentionne guère l'industrie. Mais les communes sont revenues sur ce thème dans leur avis. Le conseil communal semble demander au collège échevinal d'en faire plus dans ce contexte. Réaliser une cartographie de Differdange permettrait à la commune d'agir plus localement que ce que ne prévoit le gouvernement.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passé au point 8a, les actes et conventions.*

La commune achète une parcelle de 7,9 a dans la rue Michel-Mosinger à Oberkorn pour 276 500 €. L'objectif est de garantir l'installation d'un espace public et d'une aire de jeux. Bref, il s'agit de donner de l'oxygène au quartier.

8. Actes et conventions

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que le conseil communal a fait retirer une maison du PAP du lotissement Ouschterbur afin d'aménager des espaces verts dans le lotissement. Cette décision est dans l'intérêt des riverains du nouveau quartier.

Erny Muller se souvient de l'opposition de la part de la population à cause de la disparition d'une nature intéressante. C'est pourquoi les socialistes approuveront cet acte de vente.

Ils tiennent cependant à aborder un autre point concernant le lotissement et les riverains. L'accès au terrain postérieur à partir de la rue de Belvaux a disparu. Apparemment, la commune aurait dit aux riverains de s'arranger avec le promoteur. Or celui-ci serait d'accord pour réaliser cet accès, mais pas la commune. Quelle est la position du collège échevinal?

Par ailleurs, la commune a proposé de modifier le PAG pour classer le terrain à côté d'Ouschterbur en zone jardin. Les socialistes pourraient accepter cette modification, car elle interdirait de construire sur ce site. En revanche, ils ne peuvent pas être d'accord avec le fait qu'une parcelle soit retirée du PAP voté. Le propriétaire est d'ailleurs en train d'intenter un procès à la commune. Erny Muller estime qu'un PAP approuvé devrait être réalisé tel quel. On pourrait dire que le promoteur ne peut pas profiter de cette partie du PAP de toute façon. Mais à Niederborn, dans le cas des anciens ateliers, la commune a vendu les lots qu'elle possédait et les propriétaires y ont emménagé. Les terrains en face appartiennent à des particuliers. Les travaux ont aussi commencé. Et dans ce cas-là, le PAP a été agrandi pour permettre aux gens autour de participer.

Les socialistes approuveront l'acte de vente, mais marquent leur désaccord quant à la façon de procéder.

GUY TEMPELS (CSV) rappelle que le promoteur doit céder un pourcentage de la surface du projet à la commune.

Mat där Plaz verschafe mer deem Quartier, am iwwerdroene Sënn, Loft fir ze ootmen, fir d'Spillen an och vläicht fir ze schwätzen. A garantéieren domadder eng gewësse Liewensqualität.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech erënnere mech nach drun, wéi mer geleeëntlech dem Vott vum PAP vum Lotissement Ouschterbur am Gemengerot dësen Terrain, wou en Haus drop geplangt war, erausgeholl hunn, fir op dës Manéier eng zousätzlech Gréngfläch am Lotissement ze behalen, déi d'Gemeng kann amenagéieren. Dëst am Interêt vun den Anrainer wéi vun de Bewunner vum neie Quartier.

Ech wëll drun erënneren, dass eng grouss Oppositoun war vun den Anrainer, speziell bei dësem Projet, well en eng interessant Natur do verschwanne gelooss huet. Dat war den Ausgangspunkt fir dës Aktioun. Mir wäerten och nach eng Kéier hannert där Decisioun stoen an och deen Acte de vente stëmmen.

Mee erlaabt mer awer nach op eng aner Situatioun anzegoen, betreffend den neie Lotissement an den Anrainer. Hei haten d'Bewunner vun der Bielesserstrooss en Accès a Form vun enger Paart op den Terrain hannert hinnen. Dat ass elo net méi de Fall. D'Anrainer hätte vun der Gemeng gesot kritt, si misste sech mam Promoteur arrangéieren. Laut mengen Informatiounen ass de Promoteur elo d'accord, awer d'Gemeng wär net méi d'accord, fir de Leit en Accès op den Terrain hannendrun ze ginn, vun deem neie Lotissement. Kann de Schäfferot mer heizou eng Erklärung ginn? Dat ass eng Fro.

An dann nach eng aner Saach, déi mir och nach eng Kéier erwäne wollten. Et ass jo am neie PAG eng Ännerung säiten der Gemeng gemaach ginn, wou de restlechen Terrain, nieft Ouschterbur, als Zone jardin klasséiert gouf. Et ass nach net gestëmmt, dat ass eng Proposition vun enger Ännerung. Dat kann een och nach matdroen. Vu dass op déi Manéier soll festgehale ginn, dass do direkt niewendrun net méi gebaut gëtt.

Wat mir awer net an der Rei fannen als LSAP, dat ass, dass elo an deem votéierte PAP e Stéck, also eng Parzell, déi komplette Bestanddeel vun deem PAP war, erausgeschnidde gëtt, soudass déi net méi am PAP ass. A wéi Dir wësst ass elo e Propriétaire amgaang, géint d'Gemeng ze prozesséieren.

An ech wollt nach eng Kéier drop hiweisen, dass wann e PAP hei gestëmmt ass, da sinn ech der Meenung, da soll deen och esou ëmgesat ginn. An net, dass mer dann herno, après coup, am Kader vun engem gestëmmte PAP en Deel erëm eraushuelen. Et kann ee soen, okay, deen doten Deel vun deem PAP kënnt dem Promoteur net zegutt, deen elo de Lotissement Ouschterbur gemaach huet. Dat stëmmt.

Mee mer hunn zu Nidderkuer bei den Anciens Ateliers och e PAP. An do war een Deel vum Lotissement der Gemeng zoukomm. An do hu mer elo schonn alleguer déi Plaze verkaaft, an déi meescht Leit wunne schonn do. An den Terrain vu Leit géintiwier, wat dee Moment Privatpersounen waren a wou elo och ugefaange gëtt ze bauen, do ass de PAP och esou erweidert ginn, dass och déi aner Leit ronderëm kéinte matmaachen.

Duerfir nach eng Kéier: Mir kënne mat där Saach net d'accord sinn. Ech wollt dat soen, well mer hei jo iwwer Ouschterbur schwätzen. Et huet net direkt eppes mam Akt ze dinn. Dat wëll ech awer och nach festhalen. Mee ech wollt et awer erwänen. Wéi gesot, mir stëmmen den Acte de vente, wéi en hei proposéiert ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wëll eng Fro dozou stellen. Normalerweis muss jo de Promoteur eng gewësse Fläch u Gréngflächen an un Infrastrukturen automatesch un d'Gemeng ofrieden. Sinn hei vill méi Gréngfläche benéidegt ginn oder ass dat,, wat normalerweis virgesinn ass,

8. Actes et conventions

net duergaangen an deem Kader vun deem ganze Lotissement do? Ass dofir déi Decisioun geholl ginn, fir déi Plaz do ze kafen? Schliisslech ass et eng Bauplaz, wann ech dat richtig verstinn. Just eng Fro. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Liesch, wannechgelift, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir begrëssen dat heiten, dass mer dat elo ëmsetzen, wat schonn am leschte Schäfferot diskutéiert gouf, och mat de Bierger aus dem Ouschterbur, wou effektiv net jiddweree ganz begeeschtert war iwwert dee Projet, deem hei realiséiert gouf. Op Initiativ vum Schäfferot a vum ehemolege Buergermeeschter ass déi Propos gemaach ginn, fir eeben hei, wéi den Här Tempels richtig gesot huet, Bauland, wou also virgesi war, e weidert Haus ze bauen, eigentlech deem Terrain opzekafen, fir en net ze verbauen an als Place publique stoenzeloossen. An dat zum Präis vun 276.000 Euro, deem am Akt steet. Dat ass eppes, wat mer begrëssen.

Natierlech ass dat en Exercice, deem een als Gemeng net permanent ka maachen, dass een dann ëmmer bei engem Projet Terrainen zu Baulandpräisser opkafen geet, fir nozeverbesseren, wat eigentlech dann net realiséierbar war. Et muss ee soen, dass de Projet och mat allen Diskussiounen, déi gefouert goufen, konform war zum Bautereglement, deem deemools applikabel war. Dat heescht als Gemeng hat een hei guer keen anere Choix, wéi dee Projet mol ze autoriséieren. A wann een nach wollt iergendeppes matbréngen vu Verbesserungen, da war dat deem eenzege Wee, dass ee Suen an de Grapp hält, fir déi Terrainen esou ze valoriséieren.

Op déi aner Saach wëll ech net agoen, wat den Här Muller elo gesot huet. Dir verteidegt hei eng Cause vun engem vun Äre Parteimemberen. Ob déi Parzell, déi Dir elo geschwat hutt, an dem PAP mat dra war oder net. Ech weess net, ob de Gemengerot déi richtig Plaz ass, fir dat ze maachen. Ech mengen, dass aner Plaze besser wäeren, fir dat do

ze klären. An dat leeft jo och. Ech war selwer bei deenen Diskussiounen dobäi, wou déi Proprietärin eis déi Argumenter do gesot huet. Déi och schonn ënnerwee dräimol hir Meenung geännert huet. Dat muss ee vläicht och soen. Duerfir mengen ech net, dass de Gemengerot déi richtig Plaz ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller an Här Meisch.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll dem Här Liesch äntwerten op dat, wat en elo gesot huet. D'Gericht, oder d'Prozedur wäert jo weisen, déi nach nokënnt, wien hei Recht huet. Et ass e Verfahren. An da gesi mer dat jo. Mee ech wëll just drun erënneren, dass och ee vun Äre grénge Kolleegen do ganz staark engagéiert war an deem Cas. Duerfir fannen ech dat net ganz korrekt. Well dat hunn ech hei net gesot. Dir wësst ganz genee, wie gemengt ass. E feelt hei haut am Gemengerot. Mir wënschen och eng gutt Besserung. Mee ech kann Iech soen, deem huet sech nach fir aner Saachen engagéiert. Ech mengen, da schléisse mer déi Saach do of.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Prinzipiell gesi mer et net ganz gutt, wa Bauland geopfert gëtt. Mee hei op där Plaz gëtt esou dense gebaut, dass et effektiv esou ass wéi Dir, Madamm Buergermeeschter, gesot hutt, et gutt ass, fir do e bësse Loft an déi Plaz eranzekréien. Dofir kënnen mir dat ouni Bedenke matdroen. Merci.

Le promoteur a-t-il eu besoin de plus d'espaces verts que prévu? Est-ce la raison pour laquelle la commune achète cette parcelle? Car il s'agit d'un terrain constructible.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *salue ce projet, dont il avait déjà été question au sein du collège échevinal précédent. Il est vrai que tous les habitants d'Ouschterbur ne sont pas enthousiastes. L'ancien bourgmestre a alors proposé d'acquérir ce terrain pour éviter que l'on y construise une maison supplémentaire. Le site restera donc une place publique. Le prix d'achat est de 276 000 €.*

Bien entendu, la commune ne peut pas procéder de la sorte systématiquement en rachetant des parcelles au prix d'un terrain constructible. Mais ce projet tel qu'il a été présenté était conforme au règlement des bâtisses de l'époque. La Ville de Differdange n'avait pas d'autre choix que d'approuver le projet. Acheter le terrain était la seule façon d'améliorer le projet et valoriser les terrains.

Georges Liesch ne veut pas revenir sur les propos de monsieur Muller, qui défend la cause d'un membre de son parti. Il n'est pas convaincu que le conseil communal soit le bon endroit pour le faire. Il a participé aux entretiens avec la propriétaire. Celle-ci a changé d'avis trois fois. Bref, le conseil communal n'est pas le bon endroit pour en discuter.

ERNY MULLER (LSAP) *réplique que la procédure en cours démontrera qui a raison. Il rappelle par ailleurs qu'un écologiste s'est aussi fortement engagé dans ce projet. C'est pourquoi il ne trouve pas la remarque de monsieur Liesch très correcte. Le conseiller communal en question n'est pas là aujourd'hui et Erny Muller lui souhaite un prompt rétablissement.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *est généralement contraire au sacrifice de terrain constructible. Mais dans ce cas-ci, les constructions sont déjà tellement denses qu'il est important d'espacer les maisons. Les démocrates approuveront le projet. (Vote)*

8. Actes et conventions

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 8c concernant une nouvelle zone dans la rue des Artisans. L'acte est relativement volumineux. Il s'agit de la concession d'un droit de superficie pour permettre à de petites entreprises de s'établir.

La concession avec la Carrosserie SALIS SARL porte sur 12,28 a. La rue des Artisans fait un peu figure de nouvelle zone Haneboesch. Le terrain appartient à l'État, qui a concédé un droit de superficie de cinquante ans à la commune en 2014.

La concession avec la Carrosserie SALIS SARL portera du 1^{er} janvier 2021 au 31 décembre 2050.

L'entreprise versera une indemnité forfaitaire à la commune de 10000 € l'are après l'approbation de l'acte, c'est-à-dire 122800 € en tout. Ensuite, tous les ans, la redevance se montera à 83,50 € l'are, c'est-à-dire 1025,38 € par an.

L'entreprise construira elle-même le bâtiment dont elle a besoin. Le projet devra être conforme au PAG. L'entreprise n'a pas le droit de sous-louer les locaux.

En outre, toutes les sociétés s'établissant dans la rue des Artisans s'engagent à créer dix emplois et à les conserver. Par les temps qui courent, l'engagement est conséquent. Tous les ans, l'entreprise remettra un bilan à la commune.

Christiane Brassel-Rausch répète que l'acte est volumineux. Les conseillers communaux l'ont lu. S'ils ont des questions, ils peuvent les poser.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que le document est complet. Il se réjouit de l'implantation d'une nouvelle entreprise à Differdange. La carrosserie créera au moins dix emplois.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Wa keng Wuertmeldung méi dozou ass, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié pour l'acquisition d'une parcelle de 7,90 a au lieudit Rue Michel Rodange à Oberkorn,

Merci. Da si mer beim Punkt 8b, do handelt et sech ëm zwou kleng Parzellen, déi un d'Voie publique stoussen. Déi Parzellen, déi den Här 2018 matkaf huet, cedéiert en elo erëm un d'Gemeng. Kënne mer do vläicht direkt zum Vott kommen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de cession gratuite de deux parcelles d'une superficie totale de 0,28 a au lieudit Rue Prommenschenkel à Oberkorn.

Merci. Da si mer um Punkt 8c an der Rue des Artisans zu Nidderkuer. Do entsteet en neie Centre, eng kleng Zon. Dir gesitt, et ass e relativ voluminösen Akt. Ech wëll just e puer kleng Punkten ervirhiewen. Et geet ëm eng Konzessioun d'un droit de superficie, wou sech nach méi Entreprises, kleng Entreprises installéiere wäerten. Där Akte wäerten der nach e puer, huelen ech un, an de Gemengerot kommen.

Et geet ëm eng Konzessioun vun engem Droit de superficie vun 12,28 Ar, déi d'Gemeng mat der Carrosserie SALIS Sàrl ënnerschiwwen huet. Deen Terrain ass an der Rue des Artisans zu Nidderkuer. Dat ass e bëssen eis nei Zon Haneboesch. Den Terrain hu mir als Gemeng vum Staat, deen de Propriétaire ass, kritt iwwer e Kontrakt vun enger Konzessioun d'un droit de superficie vun 2014 u fir 50 Joer.

Déi Konzessioun mat der Carrosserie SALIS fänkt den 1. Januar 2021 un a geet bis den 31. Dezember 2050. Dat

sinn 30 Joer. Déi Firma bezilt der Gemeng elo mol direkt, wa mer den Akt da stëmmen, eng eemoleg Indemnité forfaitaire vun 10.000 Euro den Ar, wat no dësem Akt dëst Joer 122.800 Euro sinn. An ass duerno all Joer der Gemeng eng Redevance schëlleg vun 83,50 Euro den Ar. Wat e järeliche Montant gëtt vun 1.025,38 Euro, déi déi Entreprise der Gemeng da wäert bezuelen.

Dofir huet d'Sociétéit awer och Obligationen. Si baut selwer dat Gebai op hirem Terrain, dee se dann huet, wat si brauch a wat dann awer och am Aklang mam PAG muss sinn. Si selwer muss aktiv um Terrain bleiwen. Also dierf et net weiderverlounen, net ënnerverlounen. Ausser et ass honnertprozenteg hir eege Sociétéit. A wat ech ganz wichteg fannen, déi Sociétéiten, déi sech do etabléieren engagéiere sech, 10 Aarbechtsplazen ze schafen an déi och ze halen. Ech denken, an där Zäit, an där mer elo sinn, e wichtegt Engagement.

D'Stad kritt och all Joer vun där Entreprise e Bilan. Wéi gesot, den Akt ass extreem voluminéis. Et ass ee vun deenen éischten, dee mer elo esou stëmmen. Dir hutt e gelies. Ech denken, wa Froe sinn, stellt se einfach.

Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, Froen u sech elo net direkt. D'Dokument ass zimmlech komplett. Dir hutt och vill Erklärungen ginn. Als CSV si mer immens frou, datt ee weidere Betrib op Déifferdeng kënnt. An dësem Fall eng Carrosserie, wou vill Leit gebraucht ginn, Dir hutt et selwer gesot, et solle mindestens 10 Leit engagéiert ginn, also ginn Aarbechtsplaze geschaf.

A wéi och grad gesot gouf, sollen nach aner Sociétéiten nokommen. Beim ganze Wuesstem vun Déifferdeng ass d'Schafe vun Aarbechtsplazen immens wichteg, fir eng lieweg an attraktiv Stad. Zum engen aus ekonomescher Sicht. Well ee Commerce jo bekanntlech en nächste matzitt an een esou lokal an doriwwer eraus eng wirtschaftlech Stabilitéit schaaft. Awer net nëmmen aus

8. Actes et conventions

ekonomescher Siicht. Och fir de Bewunner eng Méiglechkeet fir eng Aarbechtsplaz no bei hirem Doheem ze bidden, d'Aarmut ze reduzéieren an de sozialen Zesummenhalt ze verbesseren.

Mir wënschen dëser Entreprise op jiddwer Fall, wéi all de Commercen, alles Guddes, an datt sech hir Erwaardungen erfüllen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Ech wëll mol soen, ech war jo zu menger Zäit als Schäfte mat der Ausaarbechtung vun deem ganzen Areal befaasst, an et freet mech besonnesch haut, dass mer elo deem éischte Betrib dohikréien an déi Zon, déi heescht „Vor kurzen Hecken“ zu Nidderkuer, hannert dem Dimmi Si.

Dir hutt alles gesot, Madamm Buergermeeschter, wat d'Prozeduren ubelaangt vun där Konzessioun, den Droit de superficie an esou weider. Dee Plang, dee konnte mer gesinn, vun deem Gebai, dat ass passend. Et ass net esou, dass dat der Noperschaft, wou jo nach anere Commerce ass, ka schueden. Nee, dat wäert dat Ganzt op. An och hunn ech an der Bautekommissioun déi aner Pläng gesinn. Et sinn elo, wann ech mech gutt erënneren, schonn dräi oder véier Baupläng geneemegt. Déi sinn alleguer gutt. Dat ass alles eng anstänneg Konstruktioun.

Deemnächst wäerte mer dann och nach déi dräi aner Konzessiounen hei eraikréien. Dat sinn elo déi méi grouss, déi och dann direkt un d'Strooss déi aner Säit stoussen – wéi heescht se elo? –, et ass déi Haaptstrooss, déi erofgeet bei den Eurozenter vun ArcelorMittal, d'Trägerlager. Déi hei stoussen do drun. Mee an deem hënneschte Beräich komme jo nach méi kleng Betriber, wat jo och wichteg ass. Wou da méi klenger an esou e Lot kommen.

Hei ass jo e relative grousst Areal. Bon, 12 Ar, dat ass nach net ganz grouss, wann een dat mat der Zon vun Hane-

boesch I oder I an II vergläicht, do geet et emol bei 20 Ar aufwärts un. Mee trotzdem. Et gesäit een, dass dat do elo wichteg war, dass mer och Interessenten hunn. A wéi den Här Hartung wënsche mer hinnen och, dass si Succès hunn. A virun allem, dass eis Leit, déi zu Déifferdeng wunnen, och do kënnen eng nei Aarbechtsplaz fannen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir begréissen dat doten. Dee Projet huet jo schonn e puer Joer. Et war sécher net deem einfachste Projet, fir eng weider Zone artisanale ze maachen. Do hunn eng ganz Partie Leit ganz aktiv dorunner geschafft, fir dass dee Projet iwwerhaupt konnt realiséiert ginn. Dass mer hei nach weider Betriber konnten zu Déifferdeng néierloossen.

Dofir e grouse Merci un eis Fonctionnairen, déi ganz aktiv geschafft hunn, fir aus dësem Stéck nach e puer Zellen erauszuschaffen, déi éischstens emol gehale ginn, wou och d'Natur net ugepaakt gëtt an et fäerdegbruecht ginn ass, op e puer Parzellen, déi net problematesch si fir d'Natur, Betriber kënnen néierzeloossen. Et ass en Exercice, deem eis vill Energie an Zäit kascht huet. Mee à la fin du compte weist en, dass et och méiglech ass, wa béid Säite sech ustengen an openeen duerginn, dass eppes wéi dat heiten awer zustane ka kommen. Doriwwer si mer ganz frou.

Dat hei ass elo deem éischten Akt, dee mer ënnerschreiwe mat engem Betrib. Wéi den Här Muller gesot huet, kommen der jo nach e puer no. Do sinn der nach e puer an der Pipeline. Dat ass eng flott Saach, well mer däerfen net vergiessen, dass mer hei zu Déifferdeng net méi vill Terrainen hunn, wou mer kënnen Betriber néierloossen. Ëmsou méi wichteg ass et, dass mer Betriber kréien, déi an eis Gemeng passen, déi net nach weider Nuisancë matbréngen. Déi awer och, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, investéieren an

Pour une ville en croissance, la création de postes d'emploi est importante — à la fois pour le commerce et pour les habitants, qui peuvent trouver du travail près de chez eux.

Les chrétiens sociaux souhaitent bonne chance à ces entreprises.

ERNY MULLER (LSAP) s'est occupé de l'aménagement de ce site quand il était échevin. Il est donc content que la première entreprise s'établisse dans la zone Vor kurzen Hecken à Niederkorn. Elle se trouve derrière le restaurant Dimmi si.

La bourgmestre a fourni toutes les explications. Les plans sont adaptés à la situation et valoriseront le site. Erny Muller a eu l'occasion de voir trois ou quatre autres plans dans la commission des bâtisses. Ils sont tous bons.

Les trois prochaines concessions seront plus grandes. En revanche, la partie postérieure du site accueillera des entreprises petites.

Le terrain en question fait 12 a. C'est relativement grand même si les terrains de la zone Haneboesch font au minimum vingt ares. Visiblement, la demande est là. Comme monsieur Hartung, Erny Muller leur souhaite bonne chance et espère que les Differdangeois pourront trouver du travail dans leur ville.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que ce projet n'a pas été des plus faciles. Beaucoup de gens ont dû intervenir pour permettre l'implantation d'entreprises. Georges Liesch remercie les fonctionnaires qui ont réussi à trouver des parcelles dont la viabilisation n'occasionne pas de problèmes environnementaux. Ce projet a coûté du temps et de l'énergie, mais il a prouvé qu'il est possible de trouver des consensus.

Comme l'a dit monsieur Muller, d'autres entreprises vont suivre. C'est une bonne chose, car Differdange ne compte plus beaucoup de terrain de ce type. Il est important d'en choisir qui soient adaptés à la commune et qui n'apportent pas de nuisances. La bourgmestre a souligné l'importance de la création d'emplois et de postes de formation pour les jeunes. Une entreprise

8. Actes et conventions

s'implantant à Differdange doit aussi générer des emplois et pas seulement faire du stockage. Comme il ne reste pas beaucoup de terrain à Differdange, il faut choisir des entreprises n'occasionnant pas de nuisances. Les candidats retenus font tous partie de cette catégorie. La commune procédera de la même façon pour les terrains en face des ateliers communaux.

Georges Liesch répète que la demande est forte. La commune a reçu de nombreux dossiers. Certains candidats ont été exclus immédiatement. D'autres se sont retirés, car ils ne pouvaient pas attendre. Mais les entreprises sont à la recherche de ce genre de terrains. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 8d, un avenant à un contrat entre la commune et l'État datant du 27 novembre 2019. Les préfabriqués de l'EIDE vont être agrandis de 108,24 m² pour atteindre 683,90 m². Le bail est prolongé jusqu'au 30 septembre 2021. Le loyer est passé à 38 165,52 € le 1er septembre 2020 au lieu de 26 173,42 €.

ALI RUCKERT (KPL) votera contre cet avenant pour les mêmes raisons que lorsqu'il a voté contre les autres crédits en relation avec l'école européenne. Cette école représente une partie du fractionnement et de la privatisation de l'école publique voulue par le ministre Claude Meisch et le gouvernement.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 8 concernant le 1535°, la brasserie et plusieurs espaces. Explose, qui est locataire de deux espaces depuis 2017, remplace son espace plus petit avec un espace plus grand. Leur contrat doit donc être mis à jour.

Aarbechtsplazen a virun allem och a Formatioun vu Jonker. Dat si Krittären, déi mer onbedéngt musse bäibehalen. Wann e Betrib kënnt, dass en also och Aarbechtsplaze matbréngt oder nei Aarbechtsplaze schaaft, wat nach besser wär.

Wat mer net onbedéngt bräichten, wärend Betriber, déi just wéilt Stockage maachen. Och wann dat zum Beispill keng Nuisancë fir soss Saache matbréngt, ass dat awer, mengen ech, net déi richteg Plaz hei zu Déifferdeng mat eisem begrenzten Terrain, fir esou Betriber heihinner ze bréngen. Dofir ass de Choix vun dësem Kandidat scho mol ze begreissen. An och déi aner, déi ech gesinn hunn, déi elo nokommen, falen alle gueten an déi dote Kategorie. Fir mech ass déi Philosophie absolutt richtig. An ech denken, dass mer jo och bei dem neien Terrain vis-à-vis vun eise Gemengetateliere an déi dote Richtung ginn.

De Besoin ass grouss. Deemoos, wéi mer déi Plaze bekannt gemaach hunn, hate mer eng Hellewull vun Dossieren erakritt. Verschiddener hate mer jo direkt gesot, géife mer net realiséieren. Anerer sinn aus Zäitgrënn iergendwann ofgesprongen, well dat dann awer e bëssen ze laang gedauert huet an déi méi schnell en Terrain gebraucht hunn. Mee de Besoin, op jidde Fall, konnte mer feststellen, dee war risegrouss, fir esou Terraine wéi dat heiten ze kréien. An dofir kënne mer dat nëmme begreissen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié portant sur une convention de concession d'un droit de superficie dans la rue des Artisans à Niederkorn.

Merci. Da si mer um Punkt 8d. Do geet et ëm en Avenant vun engem Kontrakt, deen de 27. November 2019 tëschent der Gemeng an dem Staat geschloss ginn ass. D'Préfabriquée gi vergréissert.

Bis dato hat d'EIDE, d'École internationale, 575,66 m². Dat ware sechs Klassen, zwee Bloc-sanitaires an eng Entréeshal. Elo mat deem Avenant hei kommen 108,24 m² derbäi. Dat sinn am Ganze 683,90 m². De Bail gëtt verlängert, e geet bis den 30. September 2021. Bis den 30. August 2020 war de Loyer 26.173,42 Euro, deen awer elo ab dem 1. September 2020 op 38.165,52 Euro eropgeet. Méi hunn ech elo heizou net ze soen. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou?

Här Ruckert, wannech gelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Damen an Dir Hären aus dem Gemengrot, ech wëll ukënnegen, dass ech géint deem Avenant stëmme wäert. An zwar aus deene selwechte Grënn, wéi ech bis elo géint all Kredit gestëmmt hunn, dee fir déi Europaschoul oder international Schoul op der Dagesuerdnung stoung, well dat en Deel ass vun der Fraktionéierung a vun der Privatiséierung vun der ëffentlecher Schoul, déi den Erziehungsminister Claude Meisch an d'Regierung zënter Jore praktizéieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Gëtt et eng weider Wuertmeldung? Nee. Da géif ech zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 voix non d'approuver le 1^{er} avenant au contrat du 27 novembre 2019 avec l'État visant location d'un bâtiment modulaire sur le futur emplacement du kiss & go du campus scolaire de l'EIDE.

Merci. Da si mer beim Punkt 8. Mir maachen deem heiten nach fäerdeg an da leeë mer fënnef Minutte Paus an. Hei geet et ëm de 1535°, ëm d'Schräinerei an ëm d'Brasserie an ëm verschiddenen Espacen, déi deelweis nei verlount ginn. Als klenge Resumé géif ech soen: Explose – dat ass eng digital Agence, déi zënter 2017 am 1535° Locataire

8. Actes et conventions

ass –, hat zwee Espace gelount. Dee klengste vun deenen zwee hu si elo ofginn, fir en zweete groussen Espace ze lounen. Dofir den Avenant zu hirem ale Bail an e Bail fir deen neien Espace.

Ech wäert net an all d'Detailer vun deene Kontrakter agoen.

D'Madamm Lynn Theisen ass eng jonk Fotograf, déi zënter 2019 bei eis Locatairin ass. Hir Aktivitéit huet sech gutt entwéckelt. Si freet, fir méi e groussen Espace ze kréien.

Dann hu mer eis Architektin, d'Madamm Anouck Pesch, déi méttlerweil méi eng grouss Ekippe leet an dofir och méi Plaz brauch.

An dann hu mer – dat ass ganz flott, wëll ech ervirhiewen – d'Schräinerei, déi d'Locatioun gefrot huet op néng Joer. Dat ass de Maximum, wat mer kennen ënnerschreiwen. Mir hunn dräi, sechs oder néng Joer. An d'Schräinerei ënnerschreift direkt fir néng Joer. Dat ass jo ganz flott. Souwuel fir si, wéi och fir eis.

Wann et Froen dozou gött, ech beäntwerte se gär. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech kuerz äusseren zum Kontrakt vun der Schräinerei am 1535°. Den 23. Dezember 2020 ass en neie Kontrakt mat dem Exploitant vun der Schräinerei am 1535° ënnerschriwwen ginn. Ech hu mir de Kontrakt méi genau ugekuckt a ka Follgendes festhalen: De Kontrakt ass professionell opgestallt an iwwersiichtlech presentéiert. De Plang informéiert iwwert d'Dimensioun vum Objet. En Inventaire mat Foto regroupéiert all Maschinne vum Commerce a Relatioun mat der Propriétéit. Dës Detailer erliichteren enorm d'Aufgab bei Verlängerung respektiv Opléisung vun deem Kontrakt.

Bei engem Loyer vu monatlech 6.000 Euro ouni Chargen, respektiv mat de Chargen si monatlech 7.144 Euro ze bezuelen – e stolze Loyer am Verglach zu aneren Adressen, déi der Gemeng gehéieren. Follgend Froen dränge sech

der LSAP Déifferdeng op, am Zesammenhang mat der Locatioun vu Restauranten: Wéi eng Krittäre gi betruecht, fir d'Héicht vun de Loyer ze bestëmmen, wann d'Gemeng e Restaurant verlount? An déi zweet Fro ass: Bei méi Kandidaten, wat sinn d'Selektiounskrittäre? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här De Sousa, wannechgelift.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ech wollt zwee Aspekter ustoussen. Eigentlech hu mer hei zwee Stiler vu Kontrakter. Éischtens d'Schräinerei, wou ervirzehiewen ass, datt déi elo néng Joer eng garantiert Plaz hunn. Dat ass fir d'Gemeng wichteg, datt si do ee Restaurateur huet, dee sech engagéiert, op esou engem Site eng Gastronomie ze hunn. Grad am Horesca-Secteur, deen an der aktueller Kris ganz vill leit, ass dat fir si sécher och immens wichteg.

An dann zweetens déi dräi aner Kontrakter. Dat ass alles op Demande vun hinne selwer, well se méi grouss ginn. Do muss sech d'Gemeng d'Fro stellen: Et ass net onendlech vill Plaz do. Ech mengen, de City-Manager mécht sech jo och scho Gedanken, fir vläicht ee Creative Hub 2.0 iergendwou an der Gemeng virzegesinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Net nëmmen de City-Manager.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Well hei hu mer dräi Betriber, déi elo e puer Joer schonn do sinn – wat de Succès och weist vum 1535° – an ëmmer méi grouss ginn. Mir stëmmen déi véier Avenante mat Jo. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

Madame Lynn Theisen est locataire du 1535° depuis 2019. Elle a besoin d'un espace plus grand.

Madame Anouk Pesch, une architecte, a aussi besoin de plus de place pour son équipe.

La Schräinerei souhaite signer un contrat de neuf ans, le maximum permis au 1535°. C'est donc une bonne nouvelle pour eux et pour la commune.

GUY ALTMEISCH (LSAP) souhaite commenter le contrat de la Schräinerei. Le 23 décembre 2020, l'exploitant a signé un nouveau contrat. Celui-ci est professionnel et clair. Il comprend un plan avec les dimensions de l'objet, des photos... Ces détails facilitent l'éventuelle prolongation ou résolution d'un contrat.

Le loyer s'élève à 6000 € par mois sans charges et 7144 € avec charges. Il s'agit d'un loyer important comparé à d'autres adresses.

Le LSAP se pose plusieurs questions concernant la location de restaurants: quels sont les critères pris en considération lorsque la commune loue un restaurant? Quand il y a plusieurs candidats, quels sont les critères de sélection?

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) constate qu'il y a deux types de contrats. La Schräinerei pourra rester neuf ans. Ce restaurateur s'engage donc à long terme, ce qui est important pour la commune. Paulo De Sousa rappelle que le secteur de l'Horesca souffre beaucoup en ce moment.

Les trois autres contrats font suite à la demande de locataires de s'agrandir. Mais la place n'est pas illimitée. Le city manager réfléchit déjà à la création d'un Creative Hub 2.0.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que le city manager n'est pas le seul.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) souligne le fait que ces trois entreprises se trouvent au 1535° depuis quelques années. Qu'elles se développent démontre le succès du 1535°.

8. Actes et conventions

CHRISTIANE SAEUL (DP) *se réjouit du fait que le 1535° fonctionne aussi bien. Elle estime qu'établir un deuxième pilier dans le centre-ville serait une bonne idée.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *est parfaitement consciente du succès du 1535°. Des réflexions sont en cours pour établir une dépendance du 1535° dans le centre-ville. Le collège échevinal trouve cette idée bonne. Mais en tant que bourgmestre, elle souhaite d'abord sonder le terrain pour voir ce qui est faisable et quelle est la demande. Ensuite, des consultations auront lieu et le collège échevinal prendra une décision.*

L'idée est intéressante, mais il faut du temps pour l'appliquer. Christiane Brassel-Rausch trouve qu'un tel projet ferait du bien à Differdange. Mais elle ne veut pas prendre de décision à la va-vite.

Pour ce qui est des loyers du 1535°, ils se montent à 6 € ou 12 €/m² en fonction de la surface. Christiane Brassel-Rausch ne connaît pas les critères de sélection des nouveaux restaurants, car elle n'a pas encore eu l'occasion de s'occuper d'un tel cas. Mais elle suppose que les candidats doivent présenter un dossier et que le choix est fait sur la base des prestations et de la faisabilité. De toute façon, il en sera concrètement question prochainement.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une convention avec l'État concernant le centre culturel Aalt Stadhaus.

TOM ULVELING (CSV) *suppose que personne ne sera contraire à cet avenant. En effet, en plus du subside annuel de 150 000 € pour la programmation de l'Aalt Stadhaus, la commune touchera 5300 € pour le projet Women in March dans le cadre de la Journée internationale des droits de la femme.*

(Vote)

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et freet eis immens ze héieren, dass de 1535° weiderhin esou gutt fonctionéiert an expandéiert, méi grouss gëtt.

Dofir hat ech gesot, mir brauchen en neit Klee fir den Zentrum vun Déifferdeng, wat sech den neie jonken Awunner, déi och elo kommen, upasst oder gefält. Ech stinn nach ëmmer dozou, dass et eng gutt Iddi wär, wann de 1535°, wéi den Här De Sousa gesot huet, en zweet Standbeen am Zentrum kréich. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, dann erlaben ech mer, Iech direkt ze äntweren, Madamm Saeul. Mir sinn eis als Gemeng bewosst, dass de 1535° eng Success Story ass. An Iwwerleeunge lafen och schonn, wat am Zentrum vun Déifferdeng méiglech wär, fir vläicht eng Dependance vum 1535° an den Zentrum ze kréien.

Mir sinn do a Reflektiounen. Mir sinn a Gedanken. Mir sinn am Ausloten. Et ass op jiddwer Fall eng Iddi, déi mer als Schäfferot gutt fannen. Awer, vu dass Der mat mir als Buergermeeschter vorlieb musst huelen, sondéiere mer fir d'éischt den Terrain, fir ze kucken: Wat ass méiglech? Wat ass iwwerhaupt machbar? Wat gëtt gebraucht? Wat ass d'Demande? Duerno wäerte mer mat verschiddene Leit eis consultéieren an doropshi wäerte mer Decisiounen huelen.

D'Iddi ass ugeduecht. Ganz gären huele mer se mat. Awer et brauch nach e bësse fir d'Ëmsetzung. Ech sinn där selwechter Meenung, genau wéi Dir gesot hutt, dass et der Stad Déifferdeng gutt wäert doen, wa mer dat géife fäerdegbréngen. Mee wéi gesot, wa méiglech näischt iwwert de Knéi brieche.

Zum Här Altmeisch senge Froen, wéi d'Präisser sinn. Majo d'Präisser, déi sinn am 1535° no Gréisst, sechs Euro, 12 Euro pro Meterkaree. Wie sicht déi Demanden eraus? Bis elo war ech selwer nach net concernéiert, dass en neie Restaurant vun der Gemeng huet mus-

sen opgoen. Dofir kann ech Iech et net soen.

Ech denke jo mol, dass de City-Manager mat dobäi ass, an dass déi Leit e Projet an e Bilan virleeën – oder wéi heescht dat, wat een do muss virleeën, ier een e Betrib op wëll maachen? –, an da gëtt dat am Schäfferot virgestallt an dann ass et, mengen ech, wéi op ville Plazen: Deen, deen déi beschte Presentatioun huet, mat den offensichtlechen Daten, déi realistesch sinn, gëtt e Choix geholl. Esou stellen ech mir dat vir. Ech kann Iech et awer elo net konkret soen, ech war nach net direkt dobäi bei esou enger Selektioun, wat d'Restauranten ugeet. Mee leider Gottes wäerte mer iergendwann dann och nach virun déi Fro gestallt ginn.

Da komme mer zum Vott an dann zur Paus.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail de la brasserie et d'espaces de création, ainsi qu'un avenant au 1535° Creative Hub.

Villmools merci. Et ass véierel op zéng. Mir maachen eng Paus.

(Paus)

Am Punkt 8f, do geet et och erëm ëm en Avenant vun enger Konventioun mam Staat, wat de Centre culturel Aalt Stadhaus betrëfft. An ech géif dofir d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, géint dësen Avenant ka jo wierklech kee Mënsch eppes hunn, well mir kréie vum Kulturministère – deem ech och heifir villmools Merci soen –, zousätzlech zu deenen 150.000 Euro, déi mer all Joer fir eis Programmation am Stadhaus kréien, elo fir de Projet „Woman in March“, dee mer agereecht hunn am Kader vun der Journée internationale des droits de la femme, 5.300 Euro accordéiert. Ech mengen, do ka wierk-

9. Règlements de circulation

lech keen eppes dogéint hunn. Ech wär frou, wa mer dat géife stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Ulveling. Et gëtt keng Wuertmeldung dozou, da komme mer direkt zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention conclue le 25 juin 2020 avec l'État pour le centre culturel Aalt Stadhaus.

Merci. Duerno geet et ëm Contrat de fourniture de chaleur fir d'Woiwerwisen. An dofir ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et geet hei ëm e Kontrakt mat LuxEnergie fir de Chauffage urbain an de Woiwerwisen, wou d'Schoul Woiwer un d'Fernwärmenetz ugebonne gëtt, un déi Holzpellettheizung, déi schonn do ass. Am Kontrakt sinn eng ganz Rei vun techneschen Informatiounen. De Kontrakt leeft op 30 Joer a kann duerno ëmmer fir fënnf Joer weidergefouert ginn. Mir hate schonn änlech esou Kontrakter gestëmmt. Ech hoffen, Dir ënnerstëtzt dat och weiderhin. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Keng Wuertmeldung, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de fourniture de la chaleur avec LuxEnergie pour le campus scolaire Woiwer.

Merci. A fir de Punkt 9, wou et ëm Règlements temporaires de circulation

geet, géif ech d'Wuert och direkt weider un d'Madamm Pregno ginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Dir krut gëschter am spéide Mëtteg en Update vun den dréngleche Verkéiersreglementer gemailt. Wou mer der eng ganz Rei schonn haten, déi elo weidergelaf sinn. Ënner anerem de Chantier an der Rue Woiwer, dee sech ausweit op d'Cité Henri Grey. De Chantier am Quartier Belair, soen ech elo mol, wou méi Stroosse concernéiert sinn. De Lasavager Chantier an der Rue des Mineurs oder d'Strooss Rue des Lignes zu Nidderkuer. Ech hoffen, Dir kënnt déi all matstëmmen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, merci fir d'Erklärungen, Madamm Pregno, mee ech fannen, wa mer fënnf Reglementer freides virum Gemengerot matgedeelt kréien, dat ass eng ganz gutt Saach, da kann ee sech déi a Rou ukucken a sech Gedanken driwwer maachen. Wa mer awer vun deene Reglementer, iwwert déi mer sollen ofstëmmen – néng Reglementer krute mer matgedeelt gëschter, wéi Der gesot hutt, um hallwer sechs. Et ass schwéier, vun hallwer sechs bis aacht Auer moies deen aneren Dag eng Analys ze maachen, vun deem, wat mer do presentéiert kréien. An et ass och onméiglech, op d'Plaz ze goen, fir sech déi Situatiounen unzekucken. Ech hunn dat schonn des Ëfteren hei erwänt a bemängelt. Mir fannen do einfach kee richtege Wee, fir zu enger Besserung ze kommen.

Erlaabt mer, op zwee Reglementer, déi ech mer dann awer, trotz där spéider Informatioun, méi genau op d'Long gezunn hunn, anzegoen. Dat éischt ass d'Reglement 802021. En Drénglechkeetsreglement an Erwaardung, bis dass et an d'Beschëlderung vum Verkéiersreglement kënnt, ass eng Proze-

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un contrat de fourniture de chaleur pour les Woiwerwisen.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

explique qu'il s'agit d'un contrat avec Luxenergie pour le chauffage urbain dans les Woiwerwisen permettant de relier l'école du Woiwer au réseau urbain. Le contrat porte sur trente ans. Ensuite, il pourra être reconduit tous les cinq ans.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé aux règlements temporaires de circulation.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

rappele aux conseillers communaux qu'ils ont reçu une mise à jour des règlements hier après-midi. Elle mentionne le chantier de la rue Woiwer, le chantier du quartier Belair, le chantier de la rue des Mineurs à Lasauvage et le chantier de la rue des Lignes à Niederkorn.

GUY ALTMEISCH (LSAP)

signale avoir reçu cinq règlements vendredi dernier.

C'est une bonne chose, car cela laisse le temps aux conseillers communaux de consulter le dossier calmement. En revanche, les autres règlements ont été envoyés hier à 17 h 30. Comment faire une analyse dans ces conditions? Guy Altmeisch n'a pas pu se rendre sur place. Il faut que le collège échevinal trouve une solution.

Cependant, il a réussi à analyser deux des règlements. Le premier concerne le Wangert. Normalement, le législateur n'est pas censé établir un règlement d'urgence en attendant que la signalisation soit inscrite dans le règlement de circulation.

10. Syndicat SES / 11. Commissions

D'après le texte, le règlement du Wangert restera en vigueur jusqu'à la fin des travaux. Mais il n'y a pas de travaux. En plus, les agents municipaux ont dressé des procès-verbaux, qui devront être annulés faute de règlement. Guy Altmeisch ne comprend pas ce qui justifie tout cela au Wangert.

Le règlement 86 portant sur les alentours de l'école du Bock va du 15 janvier au 31 mars 2021. Des amendes ne peuvent être distribuées que si le règlement est en vigueur. Les panneaux ne peuvent pas être installés six semaines avant leur entrée en vigueur.

Comment les citoyens pourraient-ils avoir confiance dans ces conditions? Les panneaux de signalisation sont installés, puis retirés, puis installés de nouveau. C'est intolérable. Guy Altmeisch espère que cela ne se reproduira plus.

Les socialistes ne pourront pas appuyer les règlements en raison des nombreuses erreurs.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 10, les syndicats. Monsieur Diderich était délégué au SES. Monsieur Weirich souhaite-t-il reprendre le rôle de monsieur Diderich?

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) répond que oui.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ajoute que monsieur Diderich restera le président de la commission des loyers.

Elle passe au point 11, les commissions. Pour le CSV, monsieur Ternes est remplacé par madame Ingrid Ambrosy au sein de la commission des seniors et madame Wilvo est remplacée par madame Maria Conversa Da Luz au sein de la commission des enfants.

(Vote)

dur, déi normalerweise vum Legislature net virgesinn ass.

Ech weess elo net, firwat mer dat an där leschter Gemengerotssitzung beim neie Verkéiersreglement derbäi haten ufanks. Herno ass et erëm erausgeholl ginn, ier mer an d'Gemengerotssitzung komm sinn. Am Text steet, dass d'Gültigkeit vum Reglement vum Wangert, vun deem ech elo schwätzen, soulaang dauert, wéi d'Aarbechten daueren. Et ginn awer keng Aarbechte gemaach. Ech muss och drun erënneren, dass do Papillonen ausgedeelt gi si vun eisen Agents municipaux. Vu dass kee Reglement bestanen huet, müssen dës Papillonen annulléiert ginn.

Mir stellen eis d'Fro am Wangert: Wat ass un der Infrastruktur oder um Stroossebau geännert, dass iwwerhaupt esou Erneuerunge musse stattfannen an dann nach ënnert deenen Ëmstänn, wéi ech Iech se elo beschriwwen hunn? Dat ass net ganz glécklech.

Des Weideren hunn ech mer d'Reglement 86 ugekuckt vun 2021. Wat eng Valabilitéit huet vum 15. Januar bis den 31. Mäerz. Hei handelt et sech ëm d'Reglement ronderëm d'Schoul beim Bock. De Prinzip soll dach respektéiert ginn, dass keng Protokoller gemaach ginn, bis dass d'Reglement wirksam ass. An d'Schëlter sollen eréischt dann opgestallt ginn, wann d'Reglement en vigueur ass an net sechs Woche virduer. An da Papillone gepecht ginn, déi dann am Nachhinein erëm müssen annulléiert ginn.

Also ech mengen, dat dréit net zu vill Vertraue bäi vun eise Bierger, wa se gesinn, wéi dat gehandhaabt gëtt. Da gi Schëlter opgestallt, 14 Deeg duerno gi se erëm ëmgeluecht an da gi se erëm opgestallt, da gëtt erëm opgeschriwwen. Trotzdeem, dass kee Reglement do ass. Also dat kann awer wierklech net den Alldag sinn hei an eiser Gemeng.

Déi zwee Punkte sinn am Entourage vun der Schoul beim Bock geschitt. An ech wier frou, wa sech dat net nach eng nächste Kéier géif widderhuelen.

Duerch déi vill net richteg Saachen, déi an deene Reglementer stinn, an deenen temporären Drénglechkeetsreglementer vum Verkéier, géife mir als LSAP dee

Punkt net matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 voix non d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Ech soe Merci. Da si mer um Punkt 10, bei de Syndikater. Et geet ëm en neien Delegéierte vum SES. Do war den Här Gary Diderich Representant vun der Gemeng Déifferdeng. An ech froen heimat den Här Weirich, ob hien dem Här Diderich seng Roll am SES wëll weider iwwerhuelen?

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da soen ech Iech villmools Merci. Mir stëmmen doriwwer of.

Le conseil communal décide à l'unanimité que monsieur Eric Weirich soit membre au sein du syndicat intercommunal SES.

Schéin. Merci alleguer. Ech wëll awer nach erwänen, dass den Här Gary Diderich President vun der Loyerskommissioun bleift. Dass dat kloer ass. Dat ass méiglech. A mir sinn och frou, dass dat esou ka bleiwen. Just als Informatioun.

Da komme mer zum Punkt 11, do geet et ëm d'Kommissiounen. Wat ech hei virleien hunn, ass engersäits vun der CSV. Do géif an der Seniorekommissioun den Här Ternes duerch d'Madamm Ingrid Ambrosy ersat ginn. An

12. Motion du LSAP sur le Miwwelchen

an der Kannerkommissioun géif d'Madamm Wilwo duerch d'Madamm Anna Maria Conversa Da Luz ersat ginn. Dat ass déi eng Informatioun.

An déi aner Informatioun, déi ech hunn: An der Integratiounskommis-sioun sinn d'Kandidaten, déi proposéiert ginn, d'Madamm Nelida Fatu-da an d'Madamm Paula Marques, déi sech no engem Opruff gemellt hunn an déi vun der Kommissioun proposéiert gi sinn.

Ass dat okay? Gëtt et eng Géigestëmm? Gëtt et eng Enthaltung? Ech soen Iech Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da si mer gutt haut. Da si mer bei der Motioun vun der LSAP. Ech ginn dann d'Wuert direkt weider un den Här Erny Muller. An duerno kënn nach d'Fro vum Här François Meisch.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Merci och, dass mer déi Motioun kënnen virbréngen am Numm vun der LSAP.

Et geet ëm eng Motioun betreffend déi futur Utilisatioun vun der sougenannter Residence Miwwelchen, wat u sech en Aarbechtsnumm war, mee déi nach ëmmer esou heescht zu Déifferdeng op der Place des Alliés. Ier ech dës Motioun presentéieren, wëll ech rappelléieren, dass ech schonn de 26. Februar 2020 eng Fro am Gemengerot gestallt hat betreffend déi an der Motioun erwänte Lokalitéiten.

Deemools hat d'Madamm Buergermeeschtesch mer geäntwert, dass eréischt kierzlech eng ganz Delegatioun vum Fonds de Logement am Schäfferot war. „Iwwert déi konkreet Froen do, wou Dir elo frot, hu mer net geschwat. Mee de City-Manager ass drop“, huet si gesot. D'Madamm Buergermeesch-

tesch hat dann och nach confirméiert, dass dës Problematik am Comité d'activité économique géif zur Sprooch kommen.

Haut, bal eelef Méint no menger Froestellung, hunn ech nach ëmmer keng Äntwert. A menges Wëssens huet de Comité économique sech och net domadder befaasst. Elo zu dësem Zäitpunkt ass d'Fro vun der Notzung vun der Lokaler um Rez-de-chaussée vun der Residence, déi jo, wann ech richteg informéiert sinn, haut virun enger Woch per Videokonferenz ageweit gouf, nach méi akut. Dofir och d'Motioun vun der LSAP, déi ech da wëll virdroen.

Ech liesen eng Kéier vir: „Le conseil communal de la Ville de Differdange dans sa réunion du 13 janvier 2021 a retenu ce qui suit.

Considérons que:

- Le projet „Miwwelchen“, résidence construite par le Fonds de Logement sur la Place des Alliés et où la Ville de Differdange a mis à disposition le terrain, touche à sa fin.“

Et muss ee soen, dass den Terrain sur base d'un bail emphytéotique ass – just als Erklärung.

- „La résidence comprendra 12 logements destinés à des jeunes familles et 16 logements réservés aux personnes âgées.

- La forme et l'organisation de la résidence projetée tiennent compte de la volonté de créer un lieu de rencontre et un espace convivial

- Le rez-de-chaussée sera quant à lui disposé de trois espaces de différentes tailles dont une surface d'utilité gastronomique.

- Que des discussions ont été déjà entamées par le collège échevinal précédant quant à une éventuelle utilité pour la Ville.

- Que le quartier Fousbann, notamment aux alentours de la Place des Alliés, est en transformation importante par la création d'un nouveau quartier résidentiel.“

Dann: „Le conseil communal exige du Collège échevinal:

- De mener des discussions avec la direction du Fonds de Logement dans le but d'acquiescer ou le cas échéant de louer les locaux en question en vue

Christiane Brassel-Rausch passe à une motion du LSAP.

ERNY MULLER (LSAP) explique que la motion porte sur la future affectation de la résidence Miwwelchen. Il rappelle qu'il a déjà posé une question à ce sujet le 26 février 2020. À l'époque, la bourgmestre avait répondu qu'une délégation du Fonds du logement avait rencontré le collège échevinal, mais qu'il n'avait pas été question des demandes d'Erny Muller. Le city manager s'en occuperait et il en serait question au sein du comité d'activité économique.

Huit mois plus tard, Erny Muller attend toujours une réponse. Le comité économique ne semble pas en avoir discuté non plus.

L'inauguration du Miwwelchen a eu lieu par vidéoconférence il y a une semaine. La question de l'affectation des locaux du rez-de-chaussée est donc aigüe, d'où la motion socialiste.

Erny Muller rappelle que la résidence compte 12 logements destinés à de jeunes familles et 16 logements destinés aux seniors. Le rez-de-chaussée comprend quant à lui trois espaces de différentes tailles et d'une surface d'utilité gastronomique.

Étant donné que le quartier Fousbann est en pleine transformation, les socialistes demandent au collège échevinal de mener des discussions avec le Fonds du logement pour acquiescer ou louer les locaux du rez-de-chaussée.

12. Motion du LSAP sur le Miwwelchen

En plus, le collège échevinal devrait prendre l'avis du city manager et du comité de développement économique. Enfin, il devrait prévoir un lieu de rencontre intergénérationnelle d'y associer le Foyer de la femme, l'Union des femmes et les services pour seniors et de l'enfance.

Un des espaces du rez-de-chaussée fait 246 m² désigné comme « centre de jeunes » sur le plan. La salle est divisée en 2: une partie de 182 m² pour les activités à l'intérieur et une partie de 64 m² pour les bureaux ou le stockage. Il faut s'assurer que les locaux seront accessibles aux personnes à mobilité réduite, car il existe une différence de niveau d'un mètre entre les deux salles.

Erny Muller croyait avoir compris que la commune utiliserait cette salle, mais pas comme maison des jeunes. Il pensait qu'elle accueillait des seniors et des enfants. Les activités seraient animées par des organisations actives dans le domaine des seniors et disposant de l'expérience nécessaire. Il y a quatre ans, Erny Muller a mené des discussions avec le Foyer de la femme à ce sujet.

Il rappelle que le Foyer de la femme et l'Union des femmes se trouvent actuellement dans la maison Krieps à Differdange, mais ils pourraient emménager ailleurs. Avec le Club Senior, ces deux associations ont démontré par le passé qu'elles sont capables de réaliser des projets avec les seniors et d'animer des activités. Elles assurent par exemple tous les ans le service à la fête des retraités. Ces deux organisations n'auraient pas l'exclusivité de la salle. Le Club Senior pourrait aussi y recourir. Si d'autres locaux se libéraient, ils pourraient être transformés en logements.

La motion socialiste parle d'acquérir ou de louer la salle, mais le Fonds du logement ne fait que louer des locaux. La commune pourrait l'aménager avec une petite cuisine et un séjour.

À d'autres endroits, la commune a repris des locaux pour les louer ensuite à des commerçants. Elle pourrait faire la même chose avec les deux autres salles du Miwwelchen. La première fait 110 m² et pourrait servir de point de vente de jour-

d'une meilleure utilisation dans l'intérêt du quartier et de la Ville.

- De prendre l'avis du comité de développement économique et du City Manager concernant la future utilisation.

- De prévoir un espace comme lieu de rencontre pour seniors et en vue d'un projet intergénérationnel.

- D'associer à ce projet les associations existantes comme Le Foyer de la Femme, l'Union des Femmes et d'autres ainsi que les services pour seniors et enfance.“

Ech erkläre mech: Mir schwätzen um Rez-de-chaussée vun dräi Espacen. Ee vun deenen Espacen huet 246 m². Am Plang beziechent ass en, ech schwätze mol ënner guillemets, als „Centre de jeunes“. Et ass speziell ëm dës Sall, wou et haut geet. Mee och iwwert déi zwee aner Espacë solle mer schwätzen.

Zum Sall 1 ass nach ze soen, dass en an zwee Deeler agedeelt ass. An zwar ee grouse Sall vun 182 m², dat sinn 12x16 m. Dësen ass gutt géeege fir Indoor-Aktivitéiten. An dann nach méi ee klengen Espace, deen direkt do ugrenzt an am Fong Bestanddeel ass vun deem Espace, vu 64 m², als Dimension 8x8 m. Mee wou et awer leider, muss ech soen, en Niveau-Ënnerschied vu ronn engem Meter, par rapport zu deem gréisseren Deel gëtt. Dës méi klengen Deel kéint benotzt ginn entweder als Bün, Büroen, Stockage an esou weider. Allerdéngs muss een eng Accessibilité PMR als Mesure virgesinn.

Bei alle Gespréicher, déi ech perséinlech, awer och de Schäfferot respektiv de virege Buergermeeschter mam Fonds de Logement hat, si mer dervun ausgegangen, dass d'Stad Déifferdeng dës Sall géif benotzen, mee net a Form vun engem Jugendhaus, wéi zum Beispill zu Nidderkuer, well mer jo um Fousbann eis Jugendfabrik hunn. An eiser Virstellung denke mir nieft de Senioren, déi jo en Deel vun där Residenz bewunnen, méi speziell un d'Kanner, déi och do virgesi sinn, well jo deen aneren Deel u Famille geet mat Kanner.

Dës Sall sollt vu Seniorenorganisatiounen animéiert ginn an zwar souwuel am Indoor-Beräich als Treff vun de Senioren, déi hei an der Residenz wunnen, wéi ech gesot hunn – ëmmerhi 16 Appartementer. An och en vue vun

enger Baussenterrass am Summer. Heizou eegene sech Veräiner, déi schonn eng gewëssen Erfahrung hunn an dësem Beräich. An do hat ech scho viru véier Joer, am Konsens mam Schäfferot, Gesprécher mam Foyer de la Femme.

De Foyer de la Femme an d'Union des Femmes sinn zurzäit am Kriepsenhaus am Zentrum vun Déifferdeng. Si kéinten an dës Lokal wiesselen an d'Raim am Kriepsenhaus kéinten anerwäerts benotzt ginn, wéi zum Beispill Logement oder Büroen. A firwat si? Ma si sinn déi zwou Organisatiounen, nieft dem Club Senior, dee jo schonn e Raum huet, déi bewisen hunn an der Vergaangenheet, dass se capabel sinn, wierklech interessant Projete mat de Senioren ze maachen an och Beliewunge vu Plazen an aner Organisatiounen ze encadréieren.

Ech erënneren och drun, dass et déi zwou Organisatiounen sinn, déi all Joer bei der sougenannter Rentnerfeier de Service maachen.

Et sinn dann nach déi zwielef Wunnengen fir jonk Familljen, déi dann disponibel sinn. An duerch déi zwielef Wunnengen fir jonk Familljen, ass et een intergenerationelle Projet, dee soll matentstoen.

Ech mengen, dat ass net exklusiv. Dat ass keng Exklusivitéit, wat déi Veräiner do hunn. Mee dat ass e Raum, dee kann allgemeng benotzt ginn. Do kann och de Club Senior mol dohigoen an eppes maache mat de Senioren. Oder och mat de Kanner. Ech hunn nëmmen ugedéit, dass mer kéinten aner Raimlechkeete fräikréien an déi anerwäerteg notzen, als Wunnengen oder als – wéi et dann eeben ass. Mee dann hätte mer eng weider Ressource, déi eventuell derzou géif déngen, fir dee Loyer hei ze bezuelen.

An eiser Motioun schwätze mer vun „acquérir ou louer“. Ech mengen, dass de Fonds de Logement nëmme verlount. Mee dat dierf eis awer net drun hënneren, fir en adequate Sall ze amenagéieren, wou kéint eng Kaffisstuff, eng kleng Kichen a wat weess ech sinn. E bëssen Amenagement misst awer nach do virgeholl ginn.

Dann eng weider Fro, a wat mer op anere Plaze scho gemaach hunn, wou d'Stad Déifferdeng souguer Lokaler

12. Motion du LSAP sur le Miwwelchen

kaaft huet oder gelount huet, fir Geschäfte dranzekréien, kéint een och déi aner zwee Lokaler op déi Manéier iwwerhuelen. Do kéint nach en Espace commercial vun 110 m², deen zum Beispill als Point de vente vun Zeitungen, Bréidercher, Mëtschen oder Blumen an esou weider kéint benotzt ginn.

Deen Espace kéint och funktionéieren als zwee oder dräi méi kleng Espacen. An do kéint mer dann iwwert de City-Manager a mam Comité économique eisen Knowhow vun der Gemeng mat erabréngen a versichen, déi beschtméiglech Benotzung ze kréie fir deen neien a gréissere Quartier, deen do entsteet.

An nach deen drëtten Espace gastronomique vun 209 m², dee vun Ufank un do proposéiert war, fir och d'Beliewung vun der Plaz mat der Baussenterrass. Well ech mengen, wat ass eng Plaz, wa kee Liewen op där Plaz ass? Momentan si mer a Covidzäiten, mee wann awer elo mol déi Leit do wunnen – ech mengen, d'Zäite bessere sech och erëm –, dann ass et wichteg, dass déi Plaz animéiert gëtt a bleift.

Den Interêt, dee mir als Gemeng hunn an der Stad, ass, dass mer derfir surgen, dass Animatioun stattfënnt, an dass d'Bierger matintegriert ginn a sech wuelffillen an hirem Quartier an an eiser Stad. Mir hunn dat jo och op anere Plaze gemaach, zum Beispill am Gravity, wou mer extra e Sall kafen, fir dass d'Leit kënnen Organisatiounen maachen, zum Beispill.

Am Numm vun der LSAP hoffen ech, dass mer alleguer zesummen heibanen – ech ginn dervun aus, dass och déi aner Parteien nach Iddien heizou hunn – e Konsens fannen, fir dass dës Residenz, awer och déi nei Plaz, eng interessant Roll ka spillen am Kader vun engem neie Fousbanner Quartier. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech géif op e puer Saachen agoen. Ech géif Iech mol meng Äntwerten a meng Proposen, wat Är Motioun betrëfft, duerleeën. Erlaabt mer just – eppes, wat mech wierklech gestéiert huet, dat ass: „Le conseil com-

munal exige du collège échevinal ...“. „Propose“ wär och gaangen. Dat sinn esou Saachen, déi mech wierklech stéieren.

Wat kann ech Iech soen? Ech hunn Iech virun, ech weess net wéini, keng Äntwert konnte ginn. An ech soen Iech och elo nach, dass ech Iech keng Äntwert ka ginn. An ech soen Iech och firwat. Well ech net méi spéit wéi d'lescht Woch, e Mëttwoch, de 6. Januar, am Logementsministère war, fir mam Här Vandivinit, mat der Madamm Dupont, mam Här Kox eng Videoinauguratioun vum Miwwelchen ze maachen. Dat wäert dann iergendwann op hire Site kommen.

Ech mengen, den Numm Miwwelche bleift bestoen, well si hunn en als Miwwelchen an hire Kontrakt geschriwwen. Wat jo ganz flott ass. Wëll ech Iech just soen.

A wéi gesot, net méi spéit wéi e Mëttwoch de Mëtten huet den Här Vandivinit proposéiert, sech mat der Gemeng a mam City-Manager ze gesinn, fir ze kucken, wat eis Besoinen an eise Wonsch ass, wat genau an déi Lokalitéiten, déi Dir elo ugeschwat hutt, komme soll. De Rendez-vous steet nach net fest, well ech nach op d'Donnéeë waarden.

Wou ech Iech absolutt Recht ginn, a wat ech wierklech flott fannen a wou mer, mengen ech, enger Meenung sinn: Déi Plaz ass amgaang, sech als immens flott, dynamesch Quartiersplaz ze entwéckelen. Mir hunn dat och gemierkt a mir si frou doriwwer. Mir gi gäre mat op dee Wee, fir an déi Richtung ze goen. A fir dat bäizebehalen.

Wat ech awer nach wëll soen, de Comité d'accompagnement, déi kënne sech och autosaiséieren. Wann déi fannen, dass e Sujet soll dropkommen, da solle si e virschloen. Also, dat ass net verbueden. An da gëtt dat jo un eis eruedroen. An da kënne mer entweder soen: „Mir hunn et vergiess“ – well dat kënnt och vir – oder „mir haten nach keng Zäit“ oder „mir hunn nach keng Äntwert kritt“. Dat wëll ech Iech suggeréieren.

Dir schreift vun Acquisitioun. A well mer jo wierklech gudder Wëllens sinn, ass meng Propos, elo hei, an dësem Kader, net weider driwwer ze schwätzen.

naux, de petits pains ou de fleurs. En concertation avec le city manager et le comité économique, la commune pourrait apporter son savoir-faire pour utiliser au mieux ces locaux.

L'espace gastronomique de 209 m² permettra de dynamiser la place des Alliés. Car qu'est-ce qu'une place sans gens et sans vie? La commune doit veiller à ce que les gens se sentent à l'aise dans leurs quartiers. Erny Muller rappelle que dans le cadre de Gravity, la commune a acheté une salle pour organiser des activités. Il espère que les partis trouveront un consensus dans l'intérêt du quartier Fousbann.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

souhaite revenir sur certains points. Tout d'abord sur la formulation: au lieu d'écrire «le conseil communal exige du collège échevinal», le verbe «propose» aurait suffi. Cela dérange réellement la bourgmestre. Par ailleurs, tout comme la dernière fois, elle ne peut pas donner de réponse à monsieur Muller. Mercredi dernier, elle a participé à l'inauguration par vidéoconférence du Miwwelchen avec monsieur Vandivinit, madame Dupont et monsieur Kox. Le nom de Miwwelchen va rester, car il figure ainsi dans les contrats.

Le même jour, monsieur Vandivinit a proposé de rencontrer le city manager pour discuter des besoins et des souhaits concernant les locaux dont parle monsieur Muller. Mais le rendez-vous n'a pas encore été fixé. La place des Alliés est en train de devenir un lieu de rencontre dynamique. Monsieur Muller a raison à ce sujet.

Le comité d'accompagnement a le droit de discuter d'un dossier et de faire des propositions. Le cas échéant, le collège échevinal répondra qu'il a oublié ou qu'il n'a pas eu le temps de traiter un projet.

12. Motion du LSAP sur le Miwwelchen

Monsieur Muller parle d'acquisition. Christiane Brassel-Rausch ne va pas en discuter aujourd'hui, mais dans le cadre de la réunion de travail du 3 février. De cette façon, les décisions pourront être prises en connaissance de cause. Le collègue échevinal n'est pas contraire aux propositions des socialistes, mais il faudra voir comment s'y prendre.

ERNY MULLER (LSAP) aurait voulu connaître l'opinion des autres partis.

Pour ce qui est du verbe «exige» ou «invite», il n'y aura pas de problème pour trouver un consensus. L'important, c'est que chacun soit d'accord pour mettre en place une animation à cet endroit.

Pour ce qui est des couts de l'opération, il faudra en discuter plus tard. Mais si la commune a acheté une salle dans le cadre de Gravity, elle pourrait le faire ici aussi. La question de l'acquisition ou de la location des locaux pourra se poser lors de la rectification du budget ou lors du vote d'un prochain budget.

Erny Muller ne voudrait pas qu'on lui demande à nouveau de retirer une des motions socialistes. Car ce n'est pas la première fois. La motion d'aujourd'hui n'a rien à voir avec la politique. Il s'agit de propager une idée que les socialistes soutiennent depuis quatre ou cinq ans. Erny Muller voudrait que la motion soit approuvée — éventuellement avec des modifications. Il voudrait aussi entendre ce que les collègues ont à dire.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) trouve intéressant le principe visant à aménager un espace pour les gens du quartier que la commune achète le local ou pas. D'un autre côté, il lui manque les informations nécessaires pour prendre une décision. La motion mentionne un avis du comité de développement. Eric Weirich ne sait pas s'il existe ou pas. Il ne sait pas non plus ce que pense le city manager.

Il est question d'un lieu de rencontre, mais aussi de deux clubs pouvant s'installer dans les locaux. Et qu'en est-il des gens habitant déjà dans le quartier?

Eric Weirich ne pense pas que la commune puisse décider quelles as-

Mee am Kader vun eiser Réunion de travail, déi mer den 3. Februar hunn, wou all Fraktiounssprecher zougesot huet. Dass mer dee Sujet an déi Versammlung verleeën. Mat der Begrënnung, fir kënnen Decisiounen ze huelen, en connaissance de cause. An net, dass mer de Konsequenzen erëm müssen hannendrunlafen. A fir Iech ze weisen, mir gi gär mat op dee Wee. Mee mir musse kucken, wéi mer dat hikréien. Dat ass elo meng Propos, déi ech Iech ka maachen.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Well ech elo direkt ugesprach gi sinn. Ech wär zwar interesséiert gewiescht, och ze héieren, wéi déi aner Parteien zu där Iddi stinn. Ech mengen, wann et elo just ëm „exige“ oder „invite“ geet, doriwuer kënnen mer eis séier eens ginn, fir e gemeinsamen Text ze fannen, wou mer eng Intentioun zum beschte ginn, dass mer do wëllen eppes maachen. Wa jiddweree seet, e fënnt et gutt, dass mer eppes sollen ënnerrhuelen, dass eng Animatioun kënnt, dass mer eis matabrëngen als Gemeng.

D'Fro iwwert de Käschtepunkt, ass eppes, wat jo dann herno kënnt. Wou een da géif soen, dat sprengt awer elo eise Käschtepunkt. Wat ech net esou gutt géif fannen. Well op enger Plaz, do plange mer dat direkt mat an de Projet a mer verkafen de Projet domadder, zum Beispill am Gravity – wat ech och eng gutt Saach fannen, wat mer och alleger matdroen –, an op enger anerer Plaz soe mer lo, dat soll net ze deier ginn.

Bon, mir musse jo kucken, ob mer et net sollen opkafen. Ech mengen, déi Fro iwwer kafen oder lounen, déi kéint ee jo nach ofhängeg maache vun deene Mesuren, iwwert déi mer an Zukunft schwätzen, en vue vun eventuelle Rektifikatiounen, wat de Budget ubelaangt, oder de Budget futur ubelaangt.

Ech géif mech freeën driwwer, an dat huet elo wierklech näischt mat Parteien ze dinn – ech géif et net gutt fannen, wa mer elo erëm géifen ofstëmmen a proposéiert géif, ech sollt se erëm zrëckzéien. Dann zéien ech scho fir d'xte Kéier eng Motioun zrëck. Déi awer eng gutt

Absicht huet, déi net geriicht ass géint dësen oder géint deen. Déi einfach eng Iddi wëllt propagéieren, déi ech, an och eis Partei, gutt fannen an déi ech elo säit véier Joer oder fënnf Joer – well ech si scho ganz laang an dee Projet involvéiert – ëmmer matgedroen hunn.

Ech wär frou, wa mer kéinten op d' mannst dës Motioun, quitte, dass mer se op engem Punkt änneren, als eng Absichtserklärung hei ofginn. An och, wann ech emol géif héieren, wéi déi aner Kollegen dat Ganzt gesinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, natierlech si mer op fir d'Diskussion. Dann ass d'Diskussion op.

Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech fannen d'Grondausrichtung vun der Motioun eigentlech relativ gutt, fir en neien ëffentlechen Espace ze schaffen, dee fir d'Leit aus dem Quartier zur Verfügung steet. Egal ob dat elo vun der Gemeng kaf gëtt oder net. Anerersäits hunn ech nach net genuch Informatiounen, respektiv ech weess net Bescheid genuch, fir wierklech dofir oder dogéint stëmmen ze kënnen.

Et steet geschriwwen vun engem Avis vun engem Comité de développement. Ech weess net, ob et deen elo gëtt oder net, respektiv wat de City-Manager dozou seet. An et gëtt geschwat vun engem Lieu de rencontre. D'Wuert Quartier ass méi oft gefall. An et gëtt awer gläichzäiteg geschwat, als Proposition vun zwee Veräiner, déi sech kéinten do installéieren. A mir schwätzen hei vun engem Quartier, wou eppes Neies entsteet, wou en neien Zentrum entsteet. Do feelt mer e bëssen, dass d'Leit, déi elo schon am Quartier wunnen, respektiv déi, déi dohinner wunne kommen, mat an déi Iwwerleeung abezuginn.

Ech mengen, dat ass elo fir mech net déi richteg Approche, fir einfach bestoend Veräiner oder dass mir als Gemengerot decidéieren, dat an dat kënnt do dran, ouni dass mer d'Leit consultéieren, déi

12. Motion du LSAP sur le Miwwelchen

op der Plaz scho wunne respektiv op d'Plaz wunne kommen. Fir mech ass Biergerbedelegung ganz wichteg. Dass d'Leit op der Plaz gefrot ginn, wat si gären an deen Espace do hätten. Et soll jo hiren Espace sinn. Si sollen dee jo beliewen an deen Espace droen. Soudass ech mech géif hei enthalten, wann dat sollt zur Ofstëmmung kommen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Elo hu sech der vill gemellt. Den Här Ulveling, den Här Meisch duerno. An den Här Liesch. Pardon.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn och e Problem mat dëser Motioun, well et einfach och erëm an eng gewësse Richtung geet. Mir sinn eis all eens, dass mer wëlle kucken, ob do eppes méiglech ass ze maache fir d'Allgemengheet. Et misst een awer fir d'éischt emol vläicht mam Fonds de Logement schwätzen, fir ze kucken, wat si mat deenen dräi Espace wëlles hunn. Vläicht hu si jo schonn iergendwéi een, dee wëllt eppes domadder maachen. An da kann ee jo kucken, ob d'Gemeng dat kann ënnerstëtzen oder net.

Mee à ce stade elo scho sech festzeleeën, dass mer müssen eppes kafe respektiv müssen eppes lounen – Dir wësst jo och, dass d'finanziell Situation actuellement net esou ass, dass mer eis nach vill Spréng kéinten erlaben. Dofir géif ech emol dat Gespréich mam Fonds de Logement ofwaarden. Ech mengen, Dir kënnt, wéi d'Madamm Buergermeeschter jo och gesot huet, Iech als Comité économique jo autosaiséieren a Saachen analyséieren, Saache proposéieren an déi da viruginn.

Duerfir géif ech mengen, kommt, mir setzen dat hei emol an de Stand-by an da kucke mer, wat no där Reunioun erauskomm ass. Duerno kann een dat do jo nach ëmmer opgräifen, fir an déi eng oder an déi aner Richtung ze goen. Mir sinn eis all eens, dass een do kann eppes maachen. Mee et muss een eeben d'Konditiounen vun der Stee kennen, ier

een elo hei eng Motioun stëmmt, déi eis da géif iergendwéi an eng Richtung drainéieren, wou mer vläicht elo net wëllen oder brauchen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Mir als Demokratesch Partei sinn natierlech och absolutt derfir, fir do eng Aktivitéit op där Plaz virzegesinn. Sief dat an engem Espace oder a méi. Sief dat als Gemengerot, datt mer eis do d'Käpp zesummestrecken oder als Comité d'accompagnement économique oder souguer mat de Leit aus dem Quartier. Dat wär vläicht déi beschte Léisung, fir nach eng Kéier d'Käpp zesummenzestrecken an dann decidéieren, wat déi beschte Léisung fir d'Stad Déifferdeng ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Fir eis gräift déi Motioun hei e bëssen ze kuerz. Mir haten eis scho virun e puer Jore Gedanke gemaach, wat een op där Plaz kéint maachen, wéi mer de Miwwelche konzipéiert hunn, wéi mer doriwwer diskutéiert hunn. An do ware mer eis eens, dass dat misst eng Plaz ginn, déi misst lieweg gestalt ginn. Dat geet also méi wäit wéi dës Motioun. Et sollt een de Bléckwénkel vun deem Point de vue aus kucken. Duerfir géife mer aus dëser Motioun vläicht opgräifen, de Comité du développement économique mam City-Manager domadder ze befaassen.

Mee et geet méi wäit, wéi elo just de Raum zur Verfügung ze stelle fir Senioreprojeten, intergenerationell Projeten. Wat u sech eng gutt Saach ass, mee et geet awer och drëm ze kucken, mat deene Commercen, déi ënne sinn, wat een dann domadder mécht. Ech soen als erschreckend Beispill: Wa mer herno

sociations occuperont les lieux sans consulter les riverains. Après tout, l'espace appartient aux gens. C'est à eux de le rendre vivant. C'est pourquoi déi Lénk s'abstiendra si la motion est soumise au vote.

TOM ULVELING (CSV) trouve problématique que la motion aille dans une certaine direction. Tout le monde est d'accord pour faire quelque chose pour la collectivité. Mais dans un premier temps, il faudra demander au Fonds du logement ce qu'il compte faire des trois espaces. S'ils ont déjà des idées, il faudra voir si la commune les soutient ou pas.

Mais à ce stade, il est trop tôt pour décider si la commune doit louer ou acheter les locaux. La situation économique ne permet pas à la commune de prévoir trop d'investissements. Mais comme l'a dit le bourgmestre, rien n'empêche le comité économique de se saisir du dossier et de faire des propositions. Tom Ulveling propose de revenir sur ce point après la réunion. Tous les partis sont d'accord pour intervenir. Mais il faut connaître les conditions avant de prendre une décision et approuver la motion.

FRANÇOIS MEISCH (DP) soutient bien entendu la mise en place d'une activité dans ces locaux. Peu lui importe si les discussions sont menées par le conseil communal, par le comité d'accompagnement économique ou les riverains. Il faudrait discuter de tout cela et décider ensuite ce qui est le mieux pour la Ville de Differdange.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) trouve que la motion socialiste ne va pas assez loin. Des discussions ont déjà eu lieu il y a quelques années lorsque le Miwwelchen a été planifié. À l'époque, il était déjà clair que la place devait être vivante.

Mais cela va plus loin que la motion d'aujourd'hui. C'est pourquoi les écologistes proposent de saisir le comité d'accompagnement économique et le city manager.

Pour Georges Liesch, il ne suffit pas de mettre des locaux à disposition des seniors ou de projets intergénérationnels. Un concept incluant les

12. Motion du LSAP sur le Miwwelchen

commerces est nécessaire. Car si le commerce ne génère aucun trafic, le projet intergénérationnel risque de ne pas tourner non plus. C'est pourquoi Georges Liesch propose de prendre le recul nécessaire pour mettre en place une vision plus globale.

La motion demande au collège échevinal de mener des discussions avec le Fonds du logement. Or Georges Liesch et monsieur Muller faisaient encore partie du collège échevinal quand ces discussions ont été menées. La commune avait même demandé le prix pour la location ou l'acquisition et le Fonds du logement était disposé à vendre. Il avait aussi été question de l'installation d'un distributeur de billets. Bref, tous ces débats ont eu lieu.

En plus, il ne servirait à rien d'approuver une motion une semaine avant l'entrevue avec le Fonds du logement.

Enfin, monsieur Muller suggère de céder les locaux à deux associations proches du LSAP. Même s'il écrit « et autres », le sens de la demande est clair. Or la commune avait décidé de ne plus céder les locaux de manière exclusive — ce que la motion dit aussi. En tout cas, celle-ci ne va pas assez loin.

ALI RUCKERT (KPL) constate que cette motion sert au moins à parler publiquement du Miwwelchen. Car ce projet traîne en longueur. On n'en voit plus le bout.

Bien sûr, les représentants des fractions pourront en discuter à huis clos. Mais les débats ne seront pas publics.

Ali Ruckert croit avoir compris que le collège échevinal n'approuvera pas la motion. Il peut comprendre les arguments avancés. Mais il espère que le collège échevinal saura proposer une alternative. Il faut dire clairement ce qui va être fait, et ce, dans une séance publique.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) va essayer de résumer la situation. Monsieur Weirich a introduit une nouvelle proposition. Monsieur Meisch a suggéré de discuter une nouvelle fois du projet. Christiane Brassel-Rausch est d'accord avec

do iergendwou en doudege Commerce dran hunn, een, dee keen Trafic generéiert, dee keng Leit bréngt, dann hu mer och Schwieriegkeeten, herno en intergenerationelle Projet un d'Dréien ze kréien. Well dat eent geet oft de pair-à-pair mat deem aneren. Ech menge schonn, dass een déi heite Saach mat Recul e bësse méi grouss muss opzéien.

Deen éischte Punkt, deem drasteet, dass de Schäfferot Diskussioun mam Fonds de Logement muss féieren. Ech mengen, Här Muller, do waart Dir nach am Schäfferot an ech war nach am Schäfferot, wou déi Diskussioun scho gefouert goufen. Mir haten d'Pläng schonn deemools, mir hate schonn d'Präisser ugefrot gehat, fir ze verlounen an och fir de Kaf. Dat hate se eis scho matgedeelt gehat. Dat hunn ech nach am Kapp, dass se och bereet waren, dat ze verkafen. An dass si sech och dee Moment jiddefalls net esou wuel gespuert haten, fir dat selwer ze bespillen. Well se soten, et ass net hire Core Business.

An eis Angscht war jo e bëssen, wa se iergendengem dat erausginn, deem natierlech direkt de Loyer bezilt, deem awer vläicht net den Interessi vertritt, wat esou eng Plaz onbedéngt bräicht. Ech ka mech nach erënneren, dass och d'Revendicatioun vun eis war, fir dass mer do e Bankomat zum Beispill hikréien, dass mer gekuckt haten op de Pläng, wou esou eppes méiglech war. All déi Diskussioun si gelaf.

Dat heescht, dat ass e Punkt an der Motioun, deem eigentlech schonn e bësse Moutarde après dîner ass, well dat leeft. A wéi d'Madamm Buergermeeschtesch och elo grad gesot huet, mam Fonds de Logement hutt Der jo elo nach eng Reunioun. Also bréngt dat elo, mengen ech, net direkt eppes, fir dës Motioun ze stëmmen, just eng Woch virun enger Reunioun, wou mer vläicht ganz interessant Informatiounen nach kréien.

Wou d'Motioun och ze kuerz gräift, dat ass dee leschte Punkt, wou Der zwou Associatiounen, déi Ärer Partei ganz nostinn, suggeréiert, hei sech ze etabléieren. Och wann Der schreift „et autres“, ass jo awer kloer gemengt, wat Der heimat wëllt soen. An dat kënne mer op kee Fall ënnerstëtzen. Well d'Politik vun der Gemeng war bis elo jo eigentlech awer, déi Säll net méi exklu-

siv engem ze ginn. Mee Dir hutt awer, mengen ech, an Ärem Exposé bruecht, dass dat net esou ze verstoe wär, dass dat eng Exklusivitéit sollt sinn. Mee mir mengen op jidde Fall, dass dës Motioun ze kuerz gräift. An dofir géife mer se och net matdroen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, dës Motioun huet op d'mannst de Verdéngscht, d'Theema vum Miwwelchen erëm an eng öffentlech Gemengerotssitzung ze bréngen. Well dee Projet, dee schleeft jo. Dat fänkt esou lues un, eng onendlech Geschicht ze ginn. An et missten awer eng Kéier Neel mat Käpp gemaach ginn.

Elo kënnen d'Fraktiounsspriecher natierlech an där Sitzung doriwwer diskutéieren. Mee dat ass net öffentlech. An ech géif op d'mannst mer wënschen, dass – et gesäit sech jo esou un, wéi wann de Schäfferot dës Motioun net wëilt unhuelen, et si jo och elo eng Rei Saache genannt ginn, firwat, dat ass och nozevollzéien – de Schäfferot op d'mannst elo e Virschlag mécht, wat amplaz soll kommen. Wat geschitt dann elo? Dass dat an der öffentlecher Sitzung elo awer kloer gesot gëtt, wéi et da soll weidergoen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Gëtt et nach eng Wuertmeldung dozou? Ech probéieren elo mol einfach ze resüméieren. Et ass éischstens emol eng ganz nei Iddi erakomm, déi guer net an der Motioun steet, déi vum Här Weirich. Ech hunn den Här Meisch verstanen, dee seet, kommt, loosst eis d'Käpp nach eng Kéier zesummestrecken. Et geet net géint d'Motioun. Mee kommt, mir loossen eis d'Käpp nach eng Kéier zesummestrecken, fir vläicht nach nei Id-die materanzehuelen.

12. Motion du LSAP sur le Miwwelchen

A wat ech ganz am Ufank gesot hunn: Den Här Vandivinit ass bei mech komm, fir ze soen: „Kënne mer e Rendez-vous mat der Gemeng maachen, fir ze kucken, wat Dir gär an deene Säll, an deenen Espacen hätt“. Et ass elo net, fir prinzipiell erëm géint déi Motioun hei ze stëmmen, mee de Moment ass einfach ganz schlecht gefall fir déi Motioun. Wann ech elo net virun enger Woch do gewiescht wär ...

Här Ruckert, fir Iech eng Äntwert ze ginn: Ech fannen och, dass et e Verdéngscht ass, dass mer elo iwwert de Miwwelche schwätzen. Firwat dat geschleeft huet, weess ech net. Do wäert dann och Covid a Saache matspillen. Dass mer eis den 3. gesinn, ech mengen, mir sinn eis am Grond, hunn ech d'Gefill, alleguer eens: Mir hätte gär, dass déi Plaz soll liewen. Wéi dat elo emgesat gëtt, denken ech, kann een nei Iddie sech am Kapp emol goe loossen, jiddweree fir sech. Et kann een dem Här Weirich seng Iddi mol opgräifen a kucken, wat bréngt dat, wa mer elo d'Bierger wierklech definitiv direkt matabannen. Dann dauert et jo nach méi laang. Däers musse mer eis jo awer bewosst sinn. An da kéinte mer mam Direkter vum Fonds de Logement schwätzen: Hei, dat an dat ass eist Resultat an dat an dat hätte mer gären.

Wat d'Acquisitioun ubelaangt, dat ass eng aner Fro. Dofir ass meng Propos nach eng Kéier: Kommt, mir huelen eis den 3. Februar Zäit derfir. Et huet jiddwereen Zäit, fir dat u seng Parteien ze droen. A vläicht och nach nei Iddien dobäi ze sammelen. Ech hu bis dohinner e Rendez-vous mam Direkter. Ech kann Iech deen Datum dann och soen, wou de City-Manager och dobäi ass.

Ech wëll Iech just soen, kuckt hei: „Mener des discussions avec la direction du Fonds de Logement“ – dat ass geschitt. Dat ass accompli. „Prendre l'avis du comité de développement économique“ a City-Manager – deen ass bei där Reunioun derbäi.

Ech waarden, bis d'Leit mir nolauscheren. Dat ass eng Déformation professionnelle. An der Schoul schwätzt Der net, wann d'Schüler schwätzen.

De City-Manager ass bei där Reunioun mam Direkter vum Fonds de Logement derbäi. Duerno kann dann och nach de

Comité économique sech et op den Ordre du jour setzen. „Prévoir un espace pour séniors en vue d'un projet intergénérationnel“ – do mengen ech, ass kee prinzipiell dergéint. Mee ech froe mech, ob mer elo net virun d'Kar sprangen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass jo och complémentaire zum Gravity, wat mer do wëllen. Dat ass jo alles schonn, du kanns jo net op zwou Plazen, relativ no beieneen ...

ALI RUCKERT (KPL):

Hei héiert een näischt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt soen, et ass jo och complémentaire e bëssen zu den Aktivitéiten, déi mer vläicht nach zousätzlech am Gravity, an deem grouse Sall, do wëlle maachen. Dat heescht, et muss een elo och kucken, dass dat eent complémentaire ass zum aneren. Net dass een op zwou Plazen déi selwecht Saache mécht op 100 m vuneneen. Wat jo kee Sënn géif maachen.

Wéi gesot, d'Iddi ass gutt, d'Theema ass gutt. Mee et ass einfach ze fréi, fir sech elo festzeleeën op iergendeng Route. Et soll een dat ofwaarden, wat d'Madamm Buergermeeschter seet. An da kënne mer jo nach eng Kéier doriwwer schwätzen am nächste Gemengerot.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hat de Gravity erwäant. Well do eng Initiativ geholl gëtt, am Kader vum Projet Tower.

Ech gi jo net dovun aus, dass do elo aner Leit ... Dat ass fir déi Awunner, déi do Locataire oder Propriétaire sinn. Dat ass ganz kloer. Fir mech ass do keng Interaktioun direkt zwëschen deenen zwee.

lui. Il faut essayer de trouver de nouvelles idées.

En outre, monsieur Vandivinit a proposé une réunion. Christiane Brassel-Rausch ne veut pas que monsieur Muller pense que le collège échevinal vote contre la motion par principe. Mais celle-ci tombe mal. Il y a une semaine, la situation était différente.

Monsieur Ruckert a raison de dire qu'il faut parler du Miwwelchen. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas pourquoi tout cela a trainé en longueur. Les conseillers communaux veulent tous que le site vive. Il reste à voir comment mettre cela en application. Pourquoi ne pas reprendre l'idée de monsieur Weirich et inclure les riverains dans les discussions? Il faut juste savoir que cela prendra encore plus de temps.

La question de l'acquisition doit aussi être résolue. C'est pourquoi il vaut mieux attendre le 3 février.

Par ailleurs, les discussions avec le Fonds du logement ont déjà été menées et le city manager participera à la prochaine réunion avec le directeur. Enfin, personne n'est contraire à créer un projet intergénérationnel. Il ne faut juste pas mettre la charrue avant les bœufs.

TOM ULVELING (CSV) estime qu'il faut que l'offre soit complémentaire à Gravity, car les sites sont proches.

ALI RUCKERT (KPL) n'entend pas ce que dit monsieur Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) répète ses propos. Il ne faudrait pas organiser les mêmes activités sur deux sites se trouvant à 100 m l'un de l'autre.

L'idée est bonne. Le sujet mérite d'être débattu. Mais c'est trop tôt. Il faut attendre comme l'a suggéré la bourgmestre.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que l'initiative de Gravity se destine aux habitants de la tour. C'est pourquoi il ne voit pas d'interaction.

Il se déclare content qu'un tour de table ait eu lieu et que chacun ait pu apporter ses idées. C'était l'objectif de la motion.

Erny Muller regrette ne pas avoir reçu de réponses à ses questions. Le jour où il les a posées, le city manager l'a contacté pour lui demander des précisions. Ensuite, il n'a plus rien entendu pendant 11 mois.

(Interruption)

C'est la raison pour laquelle il a peut-être employé le mot « exige ». Mais tout ce qu'il veut, c'est un projet pouvant être soutenu par le conseil communal dans l'intérêt de la population.

En tout cas, les socialistes sont contents que ce projet se poursuive. Ils craignaient que le collège échevinal ne finisse par leur dire que les décisions étaient déjà tombées. Or la commune doit avoir la priorité concernant la salle en question. Monsieur Liesch peut confirmer qu'il a toujours été question d'exploiter cette salle.

Erny Muller accepte d'aller dans la direction de la bourgmestre et clôture ainsi la discussion concernant la motion.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

est contente de cette prise de position. C'est le site qui importe et la discussion est tombée au mauvais moment.

La bourgmestre s'excuse de ne pas avoir répondu à monsieur Muller plus tôt, mais ces huit derniers mois, elle avait d'autres préoccupations. Elle n'est bourgmestre que depuis un an et ce n'est pas évident. Elle n'a tout simplement pas pensé au Miwwelchen.

Elle trouve cependant que monsieur Muller aurait pu lui téléphoner et lui demander des informations au lieu de lui faire des reproches. Il lui arrive d'oublier des choses non pas parce qu'elle le veut, mais parce que les huit derniers mois ont été difficiles.

Elle est contente qu'un consensus ait été trouvé. Elle veillera à fixer un rendez-vous avec monsieur Vandivinit aussi vite que possible.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *a entendu dire que 300 tablettes ont été achetées pour les écoles au début de 2020.*

Ech gesinn et d'selwecht. Ech hunn effektiv keng aner Méiglechkeet gesinn, wéi dass mer nach eng Kéier en Tour de table maachen. An ech sinn och frou fir deen Tour de table, dass elo jiddwereen, dee wollt eppes dozou soen, dat och gesot huet. Dat war och de But. An dat ass och de But iwwerhaupt vun enger Motioun. Dass eng Diskussioun gefouert gëtt, en assemblée, dat heescht hei am Gemengerot.

Muss awer soen, dass ech e bëssen traureg war, dass ech keng Äntwert op meng Froe kritt hunn. A se war esou gutt ugaangen. Well dee selwechten Dag, wou mer heiriwwer geschwat hunn, ech mengen, et war zwou Auer mëttes, hat de City-Manager mech ugeruff a mer gesot, ech hätt do eng Fro gestallt a wat ech konkret do géif mengen. Dee selwechten Dag. An dunn hunn ech eelef Méint näischt méi héieren.

(Ënnerbriechung)

Dass een da mol e Wuert „exige“ vläicht schreift an net „invite“. Mee ech mengen, et geet drëms, fir ze kucken, dass mer eppes kréien, e Projet oder eng Initiativ, déi mer alleguer kënnen ënnerstëtzen. Well wéi gesot, et geet ëm d'Leit, et geet ëm eis Populatioun. Et geet ëm d'Populatioun vun der Residence an et geet ëm d'Populatioun aus dem Quartier.

An duerfir wäre mer och bereet als LSAP dann, wéi ech mengen och hei déi aner Parteien, mir hu jo elo héieren an eng Zouso kritt, a wat fir eng Richtung, dass et geet. Dass déi Initiativ elo virugeet. An dass mer net – well dat war meng Angscht – op eemol héieren: „Et deet eis leed, mee dee Sall ass elo fir eppes anescht verplangt“. Well esou war et ni geduecht. Also op dee Sall do soll d'Gemeng Prioritéit hunn. Dat ass an allen Diskussiounen – ech mengen, dat kann den Här Liesch och confirméieren – ugemellt ginn, dass mer wélten dee Sall selwer exploitéieren, fir emol deen Term ze gebrauchen.

Mir géifen da mat op de Wee goe vun där Initiativ, déi d'Madamm Buergermeeschtesch elo proposéiert huet. A mir géifen dann domadder d'Diskussioun ëm d'Motioun ofschléisse vun eiser Säit.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, ech soen Iech villmools Merci. An ech begrëisse mat Freed Är Astellung, muss ech elo éierlech hei soen. Et geet eis all ëm déi Plaz. An ech soen et nach eng Kéier: De Moment ass einfach onglécklech gefall.

Wat ech awer wëll soen: Dass Dir elo eelef Méint näischt héieren hutt vu mir iwwert de Miwwelchen, do bieden ech Iech ëm Entschëllegung, mee ech hat déi lescht aacht Méint wierklech aner Saachen ze dinn. Ech sinn nei am Job, wann ech dat esou däerf soen. Et ass mäin éischt Joer. An dat war net evident. An dass ech do net un de Miwwelche geduecht hunn, dann entschëllegt, Här Muller.

Ech mengen awer och, anstatt engem dann esou Virwërf ze maachen, firwat hëlt keen den Telefon an de Grapp an e rifft mech un oder de concernéierte Schäffen un fir ze froen: Lëeft do eppes? Lëeft do näischt?

Entschëllegt. Saache vergiessen ech. Mee awer net, well ech et wëll vergiessen, mee well et dat ganz Joer, déi lescht aacht Méint, net evident war, alles am Bléck ze hunn.

Awer, wéi gesot, ech freeë mech schrecklech, dass mer eis hei eens gisinn. Mir kréien dee Miwwelchen och nach hin. An ech kucken och, dee Rendez-vous esou séier wéi méiglech mam Här Vandivinit ze kréien.

Okay? Da soen ech Iech villmools Merci. A géif dann d'Wuert un den Här Meisch ginn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Ufank 2020 krut ech gesot, goufen eng 300 Tablets kaf, fir de Besoin an de Schoulen ze decken oder gerecht ze ginn. An ech gouf vu Leit aus dem Comité d'école ugeschwat, fir ze wëssen, firwat déi nach ëmmer net configuréiert an am Asaz wäeren. Grad elo ass de Besoin jo awer eminent. Dir wësst vläicht

méi, firwat déi 300 Tablets nach ëmmer net am Déngscht sinn. Dat sinn ech gefrot ginn. An domat hunn ech dee Message weiderginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. An ech géif d'Wuert direkt weider un den Här Aguiar ginn. D'Fro ass och un eis eruedroeg ginn, Här Meisch. Merci.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass richteg, mir sinn amgaang, Tablets ze kafe fir d'Schoulen. D'Gemeng investéiert an d'informatesch Material fir d'Schoulen, dat ass exzeptionell am Kader vum Ministère de l'Éducation. D'Gemeng investéiert vill Suen, fir d'Schoul ze ekipéieren.

D'Tablets si kaf. A mir si lues a lues amgaang, d'Schoul ze ekipéieren. Dat heescht, mir kënnen net 500 Tablets direkt konfiguréieren. Mir maachen dat step by step. Dir musst och wëssen, mir sinn amgaang, méi Leit an eise Service informatique ze kréien, fir d'Besoinen informatiques vun der Déifferdenger Gemeng ofzeddecken. Mee mir sinn amgaang. Mir hunn och d'nächst Woch eng Versammlung mam Komitee vun der Schoul. Et lafe verschidden Diskussiounen, fir de Service méi an d'Schoul ze kréien. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech erlabe mer, och nach dorobber ze äntweren, Här Meisch. Ech weess net, ob mer schonn hei eng Kéier am Gemengerot driwwer geschwat hunn. Vum Ministère hier, also vun der Educatioun hier, si mir jo censéiert, d'Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen. Mir sinn eng grouss Gemeng. Mir hu ganz vill Suen an dese leschten aacht Méint an d'Informatik investéiert.

Elo ass et awer esou, dass éischters Leit an eise Servicer ofgespronge sinn, an dass mer nei Leit musse forméieren. An op där anerer Säit hu mer de Problem, dass vum Schoulprogramm d'Infrastrukturen theoretesch elo misste sto-

en. A mir awer vun eise Gebailechkeeten, dat heescht déi al Gebaier, wéi Déifferdeng Zentrum, Nidderkuer – elo weess ech net, ob et d'Meederchersoder d'Jongeschoul ass –, wou e Problem ass, fir de Reseau iwwerhaapt ze kréien. Doru si mer elo amgaang. Dat leeft och schonn e puer Méint. Et ass net evident. A mir maachen et. Just fir Iech ze soen, et sinn enorm Investisementer. Déi mer och gewëllt sinn ze maachen, well mer se musse maachen. Mee dat ass net einfach esou.

An et ass einfach de Personalschlüssel, deen dozou bäidréit, wann een esou eng grouss Gemeng als Informatikservice ze geréieren huet, plus d'Schoulen dobäi, déi och vill Exigenzen hunn, dass et net evident ass. Awer, wéi gesot, d'Reuniounen lafen. An d'Zesummenaarbecht och. Hoffen, dass e Resultat geschwéi kënnt. Villmools merci.

Här Bertinelli, Dir hat Iech nach gemellt.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wann Der erlaabt, eng kuerz Fro, déi ech oft gestallt kréien an ech mengen, verschiddener vun Iech och: Dat ass dee berühmte Bankomat, deen an der Sportshal war. Wou ech vu ganz villen Uewerkuerer Awunner gefrot ginn, firwat dee scho méintelaang zou ass an ob en net méi opgeet. Ech mengen, elo kënnt d'Renovatioun vun der Sportshal, dat wäert jo och erëm e puer Joren daueren, ob keng Méiglechkeet géif bestoen, bei der Bank ze intervenéieren, datt vläicht ee bei den Aquasud oder am Parkhaus festgemaach gëtt. Well am ganze Quartier Uewerkuer besteet kee Bancomat méi.

Mer géifen eise Bierger e groussen Déngscht leeschten, wa mer deen erëm géifen opmaachen. Well ech oft drop ugeschwat ginn, duerfir wollt ech dat hei soen. Ob et eng Méiglechkeet gëtt, erëm e Bankomat dohinner ze kréien. Dat muss jo net an der Sportshal sinn. Dat ka jo och e puer Meter méi wäit am Aquasud sinn oder am Parkhaus. Domat hätte mer eise Bierger e groussen Déngscht gelescht. Ech soen Iech Merci.

Pourquoi ne sont-elles toujours pas configurées? Le besoin est pour-tant urgent.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)

confirme que la commune est en train d'acheter des tablettes pour les écoles. Elle investit beaucoup en matériel informatique.

Mais la commune ne peut pas configurer 500 tablettes en même temps. Par ailleurs, le service informatique est en train de recruter du personnel. Une réunion avec le comité scolaire aura lieu la semaine prochaine.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

rappelle que d'après le ministère, la commune est censée mettre à disposition les infrastructures. La Ville de Differdange a énormément investi dans l'informatique au cours des huit derniers mois. Mais entre-temps, il a fallu former du nouveau personnel. En plus, certains bâtiments sont anciens et il n'est pas évident d'y installer un réseau. Les investissements sont vraiment importants.

Pour un service informatique, il n'est pas évident de gérer une commune aussi grande et toutes les écoles.

FRED BERTINELLI (LSAP) a une question concernant le distributeur de billets automatique qui se trouvait au centre sportif. Les habitants d'Oberkorn se demandent pourquoi il est fermé depuis des mois. En plus, le centre sportif va être rénové, ce qui prendra quelques années. Le collège échevinal ne pourrait-il pas demander à la banque d'installer un autre distributeur à Aquasud ou dans le parc de stationnement?

Fred Bertinelli trouve que ce serait rendre un grand service à la population. Car beaucoup d'habitants l'ont abordé à ce sujet.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond que la commune s'est occupée de cette question.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

connait le responsable du réseau des distributeurs de billets automatiques de la BCEE. C'est un ancien camarade d'école. Le site du parc de stationnement, là où se trouvent les vélos, a été abordé. L'ancien distributeur a dû être fermé à cause des travaux de désamiantage.

Jusqu'à présent, la BCEE s'est montrée léthargique. Henri Krecké veut bien leur poser une nouvelle fois la question. Autrement, la commune pourrait lancer un appel auprès d'autres banques.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ajoute qu'un bancomat est aussi nécessaire au Miwwelchen.

Elle trouve que le premier conseil communal de l'année a été agréable. Elle rappelle que les fractions se rencontreront le 3 février. La prochaine séance aura lieu le 24 février. Elle clôture la séance publique.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech och villmools Merci, Här Bertinelli. A fir dass Der wësst, dass mer eis och schonn domadder beschäftegt hunn, ginn ech d'Wuert weider un den Här Krecké.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech soe vläicht eppes dozou. Ech kennen deen, dee fir de Reseau vun de Bankomater bei der Spuerkeess zoustänneg ass. Dat ass ee fréiere Schoukolleeg, ech war mat em op de Site, ech hunn em ënner anerem d'Parkhaus gewisen, wou d'Vëloen ofgestallt ginn, ganz flott a souguer besser, schéin, accessibel, wou mer eis hätte kënnen eng nei Léisung virstellen. Mir hu mussen zoumaachen, well mer an d'Asbestsanéierung gaange sinn. Dofir konnt de Bankomat net méi do stoe bleiwen.

D'Spuerkeess ass bis elo ganz lethargesch gewiescht. Huet sech eigentlech net bis dato favorabel bougéiert. Ech kann nach gär eng Kéier bei hinnen intervenéieren a froen, ob d'Spuerkeess

dat net méi wëllt. Si hate vläicht net genuch Rendement drop. Da kéinte mer och vläicht en Appell maache bei anere Banken, ob se wëilten ee Bankomat hehinner setze kommen. Mee mir hu schonn déi Demarchë gemaach mat hinnen. An de Ball läit bei der Spuerkeess.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech villmools Merci, Här Krecké. A wa mer aner Demarchë maachen, dann huele mer se awer och fir de Miwwelchen, fir de Fousbann. Well do gëtt och e Bankomat gebraucht.

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. Et war en agreabelen éischte Gemengerot fir dëst neit Joer. Merci fir Är Konzessiounen, fir Äert Verständnis. Heimat géif ech d'Séance publique ofschléissen. A mir ginn an eng ganz kuerz Séance non-publique. Merci, bis am Februar.

Mir gesinn eis den 3. an der Fraktioun op der Gemeng. An da fir den nächste Gemengerot de 24. Februar.

KONSCHT HEI? DU DECIDÉIERS

DÉIFFERDENG



STREET ART

DIFFMIX

DIFFMIX X ESCH22 X CAPITALE EUROPÉENNE
DE LA CULTURE

E22 ESCH-SUR-ALZETTE
EUROPEAN CAPITAL
OF CULTURE
Ville de
Differdange

**STEEL
WOOD
STONE** & CO

28>30 MAI
VE 16>20H • SA 14>19H • DI 10>19H

SALON DE LA SCULPTURE



WWW.STADHAUS.LU

**HALL O
OBERKORN**

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT ● ● ● ● ●
STADHAUS
Differdange

 **Ville de
Differdange**